# INFO BLAT

'06 23

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**



GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 27. SEPTEMBER 2023

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

# Conseil communal du 27 septembre 2023

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CEMAN Emina (CSV) | MULLER Emy (LSAP) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CHARLÉ Zenia (LSAP) | OLTEN Claude (CSV) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| BERTINELLI Fred (échevin, LSAP) | ENGEL Morgan (PIRATEN) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | TEMPELS Guy (CSV) |

**Absents et excusés**

OLLIEN Eric (DP)

**L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.**

# INFO BLAT .06 23


COMPTE-RENDU DU 27 SEPTEMBRE 2023

5-61

FÊTES DE FIN D'ANNÉE

62



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 03/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 27 SEPTEMBRE 2023

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Zenia Charlé (LSAP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Morgan Engel (Piraten)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents et excusés:** Eric Cillien (DP)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Premier discours d’un nouveau conseiller communal.**
3. **Pacte climat : présentation d’un bilan intermédiaire par le conseiller externe et décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures.**
4. **Projets communaux :**
   a. Rénovation et mise en conformité du sous-sol de l’école des Garçons de Niederkorn — devis supplémentaire, article budgétaire 4/910/221311/19022 ;
   b. Reconstruction d’un mur de soutènement dans la rue de la Montagne à Differdange — devis, article budgétaire 4/624/221313/22020 ;
   c. Église de Lasauvage : travaux d’aménagement extérieur — devis supplémentaire, article budgétaire 4/850/221311/20011.
5. **Plan d’aménagement général et projets d’aménagement particuliers : demande de morcèlement de terrains situés avenue de la Liberté à Niederkorn.**
6. **Finances communales :**
   a. Première modification de l’exercice 2023 ;
   b. Diverses augmentations/diminutions de crédits extraordinaires ;
   c. Fixation du taux de l’impôt commercial pour l’exercice 2024 ;
   d. Fixation du taux de l’impôt foncier pour l’exercice 2024.
7. **Personnel communal : adaptation de l’organigramme — création de deux postes pour les besoins du service Senior Plus.**
8. **Actes et conventions :**
   a. Acte de cession avec l’État portant sur un terrain situé au lieudit route de Bascharage à Niederkorn d’une superficie totale de 1,76 a ;
   b. Acte notarié de vente d’une parcelle située à Niederkorn au lieudit route de Pétange d’une superficie de 0,75 a ;
   c. Premier avenant au contrat à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Luxembourg portant sur des terrains au lieudit avenue Charlotte d’une contenance totale de 39,30 a ;
   d. Convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Belval et Differdange SA portant sur un terrain au lieudit rue Émile-Mark d’une contenance totale de 10 a ;
   e. Contrats de bail pour des logements locatifs situés au sein du complexe Gravity à Differdange ;
   f. Contrat de bail avec l’Office social de Differdange pour les besoins des agents régionaux d’inclusion sociale Aris dans un immeuble sis à Differdange, Grand-rue no 23 ;

g. Convention de mise à disposition d'un logement à l'Office social de Differdange ;
h. Contrat de bail de 2 garages sis à Differdange, rue du Chemin-de-Fer ;
i. Avenant à un contrat de bail d'un atelier d'artiste au no 58 de la Grand-rue à Differdange ;
j. Contrat de location d'un jardin sis à Lasauvage, Balcon ;
k. Contrat de bail pour le popup store au no 3 rue Parc-Gerlache à Differdange ;
l. Contrat de fourniture de chaleur avec Luxenergie pour le campus Mathendahl — maison relais Mathendahl | Lot U1 à Niederkorn ;
m. Nouveau contrat de bail et d'exploitation hôtelière des gites touristiques du Minett Trail ;
n. Convention de mise à disposition d'une parcelle à Post Luxembourg pour une station PackUp à Differdange, rue Michel-Rodange ;
o. Contrats de bail concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub ;
p. Premier avenant à la convention de collaboration portant sur l'organisation d'une Fashion Week à Differdange ;
q. Convention avec Aldi Luxembourg SA portant sur la mise à disposition ponctuelle des emplacements situés au parking du supermarché sur la place des Alliés.

9. **Règlements communaux :**
   a. Amendements au nouveau Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites ;
   b. Règlement des taxes, tarifs et prix : modification au chapitre D-2 : Transport de personnes ;
   c. Règles de conduite à respecter pour une manifestation/un évènement dans l'espace public de la ville de Differdange ;
   d. Modification du Règlement de circulation ;
   e. Règlements temporaires de circulation.
10. **Commissions consultatives, associations et groupes de travail :**
   a. Nomination des membres permanents au sein des commissions consultatives ;
   b. Nomination des délégués représentant la Ville de Differdange au sein de l'ORT Sud et de l'Association des écoles de musique ;
   c. Désignation des membres politiques du Naturpaktteam ainsi que du Klimateam.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass mer eng besonnesch Freed, d'Vertrieder vun der Press an eisem Gemengerot ze begréissen. D'autant plus hu mer déi Chance, dass mer en Expert derbäi hunn, deen ech elo vu menger Säit aus net ganz gesinn, mee en ass awer do, en ass och zimmlech grouss. Och hie begréissen ech hei an eisem Sitzungssall. An natierlech, Dir Dammen an Dir Häre Memberen aus dem Gemengerot, begréissen ech Iech haut, de 27. September 2023 zu eiser zweeter Gemengerotssitzung vun der Legislaturperiod.

Entschëllege léisst sech den Här Eric Cillien, dee krankgemellt ass. Den Här Meisch huet d'Procuratioun, fir den Här Cillien beim Vott ze vertrieden.

Dat gesot, den Ordre du jour hutt Der all geschéckt kritt. Mir géifen ufänke mam Punkt 1, dat sinn d'Kommunikatioune vum Schäfferot. Ech vu menger Säit wollt Iech eng kuerz Erklärung ginn a Bezuch mam Koalitiounsofkommes, wat mer Iech sollten haut oder virum Gemengerot schrëftlech zoustellen.wWéinst verschidde Problemer ass eis dat net méiglech gewiescht, soudass Der dat d'nächst Woch schrëftlech zougestallt kritt. Entweeder op Pabeier oder iwwer Mail, wéi Der dat gären hätt.

An da kritt Der eng däitsch an eng franséisch Versioun, wat dann awer just den Text ass, net vum Grafiker verschafft ginn ass. Mee awer den Text, dass Der Iech den Text ukucke kënnt, Iech Gedanke maachen iwwert de Koalitiounsprogramm an da bei der nächster Gemengerotssitzung eis Är Virschléi an Är Meenungen zu deem Koalitiounsprogramm matdeelen.

Des Weidere musse mer, wat net zu eiser Gewunnecht zielt, de Gemengerot vum 8. November leider op de 15. verleeën, well mer eng Delegatioun aus dem Schäfferot hunn, wou mer un enger wichteger Reunioun am Ausland mussen deelhuelen. An dat zum Wuel vun der Gemeng. Dofir misste mer de Gemengerot vum 8. November op de 15. November verleeën.

Da géif ech d'Wuert dem Här Ulveling gi fir nach verschidden Detailer.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hätt eng Fro unzemellen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, mir kommen herno zu de Froen. D'Froe maache mer herno. Merci.

Wa mer fäerdeg si mat de Kommunikatiounen, komme mer zu de Froen. Quitte dass mer dat hätte misse virhuelen, mee et gëtt awer näischt vergiess, och wa mer elo net dem ABC no richteg fueren. Mee et gëtt awer kee Buschtaf vergiess am ABC. Ech soen Iech Merci. An ech ginn dem Här Ulveling d'Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wëll de Rapport maachen iwwert de Fortschrëtt vun eise Chantieren. De CID geet viru wéi geplangt. Mer huelen un, dass mer am Mee d'Ofnam kënne maachen an ufänke mat plënneren. Mir rechnen, dass mer Enn dëses Joers da ganz komplett do wäerten ageriicht sinn.

Dat anert sinn déi Container am Schoulhaff, wou mer herno nach e Punkt um Ordre du jour hunn. Déi sinn elo opgeriicht, déi wäerten Enn Oktober kënne benotzt ginn. Och bei der Bockschoul geet et plangméisseg virun, dat wäert awer eréischt Enn d'nächst Joer komplett fäerdeg sinn.

E klenge Rapport, dass Der wësst, wou mer dru sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Da géif ech d'Wuert dem Här Hartung gi fir eng Kommunikatioun. Här Hartung.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif alleguer, gudde Moien, ech hunn zwou Saachen. Dat Éischt ass eng Invitatioun fir Iech. Mir hunn hei scho vill iwwert de Gravity geschwat: d'Konzept, d'Zuelen, d'Pläng, d'Geschäftsflächen,

**(GUY ALTMEISCH (LSAP)** *salue les représentants de la presse. Il se réjouit de leur présence, car un expert est là aujourd'hui. Il salue ensuite les conseillers communaux.*
*Monsieur Cillien est malade et s'excuse. Il a donné procuration à monsieur Meisch.*
*Guy Altmeisch passe aux communications et explique que le conseil communal recevra le programme de coalition la semaine prochaine sur papier ou par courriel. Il ne s'agira pas encore d'une version mise en page, mais simplement du texte. Les conseillers communaux pourront faire des propositions lors de la prochaine séance.*
*La séance du 8 novembre doit être reportée au 15 novembre, car une délégation du collège échevinal doit participer à une réunion importante à l'étranger.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *annonce une question.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de répondre aux questions tout à l'heure. On aurait pu commencer par les questions, mais peu importe. Aucun point ne sera oublié.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souhaite informer le conseil communal de l'avancée des travaux du CID. Il pense que le bâtiment devrait être terminé en mai. Les services y emménageront à la fin de l'année.*
*Les conteneurs dans la cour de récréation sont installés et seront opérationnels fin octobre.*
*Le chantier de l'école du Bock avance comme prévu. Les travaux seront finis à la fin de l'année prochaine.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle qu'il a souvent été question de Gravity.*

*L'échevin invite les conseillers communaux à une visite des lieux avant que le complexe ne soit entièrement habité. La visite aura lieu le 2 octobre à 10 h 30.*
*Le service des ARIS a déménagé dans le bâtiment de la BIL. Il recevra ses clients au septième étage. Le bâtiment comprend notamment des salles de réunion. L'Office social occupe des locaux au premier étage en plus de ceux du centre Médicosocial.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande aux conseillers communaux s'ils ont des questions à poser à la fin de la séance. Il précise que si la question est trop complexe, les conseillers recevront une réponse ultérieurement.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *annonce une question.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que monsieur Aguiar a aussi une question.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *voudrait poser une de ses questions directement. Les écologistes exigent que le point 9c soit retiré de l'ordre du jour.*
*L'idée est excellente. Mais comment peut-on mettre ce point à l'ordre du jour quand monsieur Wagner écrit sur Facebook qu'il faut parler avec les gens ? Les commissions, les citoyens et les associations n'ont pas été consultés. Laura Pregno se demande si le concept #zesummen est vide de sens. Le collège échevinal est-il prêt à reporter cette discussion ?*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *donne raison à madame Pregno. Il est important que les commissions donnent leur avis, mais elles n'ont pas encore été constituées.*
*Thierry Wagner ajoute que ce projet a été lancé par le collège échevinal précédent. Mais il sera retiré de l'ordre du jour.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Wagner.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute qu'il faut aussi retirer le point 6 de la séance non publique. Selon le légis-*

d'Wunnengen, notamment d'Gemeinschaftskichen an d'Zären um Daach. An do wollte mer, éier de Komplex elo ganz bewunnt gëtt, sur place eng Besichtegung proposéiere fir déi, déi wëllen. Dat wier de Méindeg, 2. Oktober um 10.30 Auer.

Dat Zweet, eng Informatioun, vläicht hutt Der et scho gesinn, datt de Service Aris, dee jo zum Office social gehéiert, aus dem BIL-Gebai geplënnert ass. Mir hunn dee ganzen Office social elo zesummegeluecht. Den Office social selwer ass um éischten an deels um fënnefte Stack vum Centre médico an der Groussstrooss an de Service Aris empfänkt seng Clienten an Zukunft dann um siwente Stack. Hei hu si ee Versammlungsraum. An et ass geplangt, datt den Office social och nach soll e bësse méi Plaz kréien um zweete Stack. Mee dat ass fir méi spéit. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wa soss keng Kommunikatioune méi si vun der Säit vum Schäfferot, géif ech Plaz maache fir d'Froen, déi mer dann um Schluss probéieren ze beäntwerten. Respektiv déi Der nogereecht kritt, wann d'Fro esou komplizéiert wär, dass mer d'Äntwert net direkt wéissten.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hunn eng Fro unzemellen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Meisch. Den Här Aguiar.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech géif gär eng Fro umellen. An ech hätt awer och nach direkt eng drénglech Ufro. Mir fuerderen, dass de Punkt 9c, Règles de conduite pour une manifestation dans l'espace public, vum Ordre du jour geholl gëtt. Mir stellen den Usaz guer net a Fro, d'Zil ass wierklech eng tipptopp Saach. Mee wann ech op Facebook den 19. September liesen: „Mir schwätze mat de Leit an net iwwert d'Leit", Här Wagner, da verstinn ech wierklech net, wéi Der esou eppes kënnt op den Ordre du jour setzen.

Hei ass keng Abannung vu Kommissiounen, keng Avisen, keng Biergerbedeelegung, si keng Veräiner gefrot ginn. Da froen ech mech wat #zesummen dann heescht.oOb dat wierklech just en eidelt Konzept ass oder ob Der dat vläicht wëllt zréckhuelen an eng Kéier mat an d'Ronne ginn, an dann op engem nächsten Ordre du jour domadder zréckkommen. Villmools merci.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Wëll direkt drop äntweren. Ganz kloer. Dir hutt vollkomme Recht, Madamm Pregno, dass mer dat nach eng Kéier kënnen an d'Diskussioun dréie loosse vun de Kommissiounen, déi awer elo eréischt en cours wäerte constituéiert ginn. Ech ginn Iech vollkomme Recht, dass mer dat musse maachen.

Ech muss awer och soen, dass dat Reglement schonn am virege Schäfferot un d'Rulle komm ass. Dir hutt vollkomme Recht. Mir loossen dee Punkt sinn a ginn en da weider un eis Kommissiounen, déi, effektiv, ab haut jo dann eréischt kënnen a Kraaft sinn. Merci.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass nach ee Punkt, dee mer vum Ordre du jour mussen huelen, well de Legislateur eis dozou unhält an eis dat och virschreift. Dat ass an der Séance non-publique de Punkt 6. Dat sinn Admissiounen, déi net méi däerfen am Gemengerot diskutéiert ginn a wou de Legislateur seet, dat misst eraus, dat dierft net méi am Gemengerot diskutéiert ginn.

Ech géif ëm eng Ofstëmmung froen, fir dat vum Ordre du jour ze huelen, da si mer erëm en bonne et due forme. Wann Der Iech dat eng Kéier ukuckt, mir hunn net méi d'Recht, fir doriwwer ze diskutéieren. Mir kënnen de Vott awer

mat Handzeeche maachen, wann Der domadder d'accord sidd, da kënne mer dat vum Ordre du jour huelen, da si mer erëm vis-à-vis vum Legislateur berechtegt.

Unanime. Da géife mer dat vum Ordre du jour huelen. Plus de Punkt 9c, d'Reglementatioun, well dat jo nach duerch d'Kommissioune geet. An da wëll den Här Diderich eng Fro umellen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech schreiwen Iech mat op. Da géife mer dat um Schluss vun eiser Sitzung huelen.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 2 vum Ordre du jour. Wéi Der wësst, hate mer alleguer d'Méiglechkeet heibannen, an der éischter Sitzung, den Tour de table ze maachen, eis perséinlech an eis Ambitioune politesch virzestellen. Den Här Olten Claude hat do entschëllegt gefeelt. Dofir géif ech him elo d'Wuert ginn, fir sech virzestellen an déi selwecht Rechter ze hu wéi déi aner Conseilleren heibannen. Här Olten, et ass un Iech.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no der véierter Kéier, wou ech fir d'CSV mat an d'Wale gaange sinn an et elo an de Gemengerot gepackt hunn, sinn ech immens stolz, eis Biergerinnen a Bierger am Gemengerot ze vertrieden. Dat heescht fir mech, op si lauschteren. An duerfir muss een no bei hinne sinn.

Eis Stad ass permanent um Wuessen. Dat bréngt mat sech, dass een ëmmer erëm virun neien Aufgabe steet. An do wëll ech matupaken. Woubäi meng Haaptinteressen am Sport, an der Ëmwelt, an der Liewensqualitéit an an der Sécherheet leien.

Wichteg ass, dass ee sech an där Gemeng, an där ee wunnt a lieft, wuelfillt a soe kann: Dat ass meng Gemeng! Do fillen ech mech doheem!

Eng grouss Éier ass et, hei am Gemengerot matzeschaffen. Duerfir soen ech de Wielerinnen an de Wieler villmools Merci fir hiert Vertrauen an eis Partei an a mech.

Da stellen ech mech kuerz vir. Ech sinn de Claude Olten, 63 Joer, sinn zu Déifferdeng op d'Welt komm, bestuet säit 1985 mat menger gudder Fra, wat ëmmer zou mir steet a mech ëmmer ënnerstëtzt. Mir hunn zwee Kanner an eng ganz léif Enkelin. Ech soe menger Fra Merci fir alles. Ouni dech hätt ech villes net kënnen esou maachen. An ech denken, dass der vill vun eis hei wëssen, wat ech domadder mengen.

Sport ass nach ëmmer en Deel vu mengem Liewen. Duerfir sinn ech bei der La Liberté Niederkorn, wou ech 50 Joer aktiv geturnt hunn, responsabel fir de Loisir.

Niewent Turne war ech nach an der Fola zu Esch an de Liichtathleete 35 Joer laang.

Mat der grousser Aufgab, eis Bierger gutt ze vertrieden, freeën ech mech op eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat Iech alleguer. Dat ass mir ganz wichteg. Nëmmen esou kënne mir villes an eiser Gemeng erreechen. Duerfir si mir gewielt ginn. Ech denken, dat sollte mer net vergiessen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Olten Merci fir dee flotten Discours, déi Transparenz. Och mir, ech mengen, ech kann a jidderengem sengem Numm schwätzen, freeën eis och, fir mam Här Olten zesummenzeschaffen. Dat selbstverständlech ëmmer eenzeg an eleng zum Wuel vun eise Bierger. Merci fir déi opklärend Wierder.

Mir kéimen zum Punkt 3 vun eisem Ordre du jour. Do geet et ëm e Bilan intermédiaire vum Pacte Climat. Ech géif d'Wuert ginn un den Här Bertinelli

*lateur, ces admissions ne peuvent pas être débattues au sein du conseil communal.*
*Guy Altmeisch propose de soumettre ce retrait au vote.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch constate que monsieur Diderich souhaite poser une question à la fin de la séance. Le bourgmestre en prend note.*
*Il rappelle que chaque conseiller communal a le droit de se présenter. Or monsieur Olten était absent la dernière fois. Guy Altmeisch lui cède la parole.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *se dit extrêmement fier de pouvoir représenter les citoyens differdangeois. Il les écoutera et essayera d'être proche d'eux.*
*Differdange ne cesse de croitre et donc constamment confrontée à de nouveaux défis. Claude Olten s'intéresse particulièrement au sport, à l'environnement, à la qualité de vie et à la sécurité. Il est important de se sentir à l'aise dans la ville où l'on vit. Il remercie les citoyens ayant voté pour lui et pour le CSV.*
*Claude Olten a 63 ans. Il est né à Differdange. Il est marié depuis 1985. Ils ont deux enfants et une petite-fille. Claude Olten remercie sa femme, car sans elle, il n'aurait pas réussi tout ce qu'il a accompli. Les conseillers communaux savent de quoi il parle.*
*Claude Olten a fait de la gymnastique pendant cinquante ans et est responsable des loisirs au sein de La Liberté Niederkorn. Il a aussi fait de l'athlétisme pendant 35 ans au sein de la Fola à Esch.*
*Claude Olten se réjouit d'une bonne collaboration avec le conseil communal. C'est la seule façon de faire avancer la commune et la raison pour laquelle ils ont été élus.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond au nom du conseil communal qu'il est heureux de pouvoir travailler avec monsieur Olten pour le bien de la ville.*

*Il passe au point 3, le bilan intermédiaire du Pacte climat. Il cède la parole à monsieur Bertinelli.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se réjouit de présenter le Pacte climat. NetZeroCities est un point particulièrement important. Il faudra aussi veiller à réduire les émissions de $CO_2$, et faire des économies d'eau, de chauffage et d'électricité.*
*Un spécialiste du bureau Schroeder va donner un aperçu du Pacte climat. Celui-ci ne change pas, mais il faudra intégrer des éléments de NetZeroCities. Differdange doit aller de l'avant notamment pour ce qui est des économies de $CO_2$.*
*Fred Bertinelli cède la parole à monsieur Schaack de Schroeder & Associés.*

**THIERRY SCHAACK** *rappelle que la commune a fait partie du Pacte climat 1.0 à partir de 2013. Son objectif était de lutter contre le changement climatique.*
*Le Pacte climat 2.0 a été signé en 2020 et vaut jusqu'en 2030. La commune s'engage à prendre des mesures concernant les matières premières, la terre, l'eau, l'air, le climat, la biodiversité…*
*Le Pacte climat repose sur un catalogue de 74 mesures réparties en 6 chapitres : la planification du développement territorial, les bâtiments et installations communaux, l'approvisionnement et l'élimination, la mobilité, l'organisation interne, et la communication.*
*La planification du développement territorial concerne le PAG et des concepts comme l'énergie, le changement climatique, les permis de construire, les contrôles…*
*Pour ce qui est des bâtiments communaux, il s'agit de dresser une liste de ceux à assainir pour économiser de l'énergie et de l'eau. Il existe une comptabilité énergétique reprenant les économies réalisées au cours des dernières années.*
*Le chapitre de l'approvisionnement et de l'élimination concerne avant tout la production d'énergie sur le territoire de Differdange. Il s'agit de préparer la transition vers une ville neutre pour le climat comme cela est prévu dans le cadre de NetZeroCities.*

Fred, fir eis dat e bëssen ze erklären, zesumme mat engem Expert.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Léif Frëndinnen a léif Frënn, et ass mer eng grouss Freed, fir Iech de Klimapakt virzestellen. Déi meescht heibannen, déi scho méi laang dobäi sinn, hunn e gesinn. Et sinn u sech keng grouss Ännerungen dran, mee NetZeroCities ass e ganz, ganz wichtege Punkt, dee mer haut hunn. An och fir ze kucken, CO2 anzespueren, Waasser an Elektresch, wéi mer eis Stad mat eise Gebaier hëtzen, Photovoltaik, wéi dat alles fonctionéiert.

Dofir hu mir haut och e Spezialist komme gelooss vun dem Bureau Schroeder, deen Iech en Iwwerbléck mécht. U sech ass nach näischt par rapport zu menge Virgänger changéiert. Mee vu datt mer de Moment ganz vill un NetZeroCities schaffen, sinn dat lauter Saachen, déi mussen do matintegréiert ginn. Et ass enorm wichteg, datt mer do virukommen, wéi eis Stad an deenen nächste Jore wäert ausgesinn. Alles, wat Aspuerung vun $CO_2$ ugeet.

Wéi gesot, mir hunn e Spezialist hei, deen Iech déi eenzel Punkten erkläert. Ech weess elo net ob – geet dat mam Schierm?

Wa mer elo den Apparat nach géifen un d'Goe kréien, kéinte mer lassfueren.

**THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):**

2013 war d'Gemeng um Klimapakt 1.0 bäigetrueden, fir hir Engagementer am Kader vum Klimawandel, respektiv fir géint de Klimawandel virzegoen, ze ënnersträichen. Mam Klimapakt 2.0 ass dat Ganzt dann ënnerstrach ginn, deen 2020 ënnerschriwwe ginn ass. An dat Ganzt leeft bis 2030.

Mat dëser Verlängerung huet d'Gemeng hir Zilsetzungen nach eng Kéier ënnerstrach, fir an de Beräicher Matières premières, Buedem, Waasser, Loft, Klima, Biodiversitéit, Naturlandschaften, Mesuren ze huelen, déi dann och de PNEC, den nationalen Energiea Klimaplang, entspriechend ënnerstëtzen.

Am Géigenzuch dovun erhält d'Gemeng eng Käschtenënnerstëtzung duerch mech als Klimaberoder, awer och eng finanziell Ënnerstëtzung, fir d'Gemeng bei hire Projeten a punkto Klimawandel ze ënnerstëtzen.

Dee ganze Klimapakt baséiert op engem Moossnamekatalog vu 74 Moossnamen. Déi 74 Moossnamen deele sech a sechs Kapitelen op: Entwécklungsplanung a Raumuerdnung, kommunal Gebaier an Anlagen, Versuergung an Entsuergung, Mobilitéit, déi intern Organisatioun, Kommunikatioun a Kooperatioun.

Hei gesi mer nach eng Kéier déi sechs Kapitelen, e bësse mat der Opdeelung, mat hirer Gewiichtung am Klimapakt selwer. Planification développement territorial, dat ass alles, wat PAG ass an iwwergeuerdent Konzepter wéi Energiekonzept, Klimaupassungskonzept, wou mer amgaange sinn, drun ze schaffen. Awer och Baugeneemegungen, dat heescht fir do d'Kontroll ze maachen.

Dat zweet Kapitel sinn d'Gemengegebaier. Do maache mer eng ganz Energie-Comptabilitéit vun de Gebaier. Et gëtt e Sanéierungsplang, wéi eng Gebaier an Zukunft musse sanéiert ginn, fir dass mer do Energie a Waasser kënne spueren. Do gëtt et, wéi gesot, eng Energie-Buchhaltung, op déi wäert ech nach ze schwätze kommen, fir e Bilan vun deem ze maachen, wou ee gesäit, wat mer déi lescht Jore vun Aspuerungen erreecht hunn.

Dat drëtt Kapitel: Versuergung an Entsuergung. Dat ass haaptsächlech, wat d'Energieproduktioun um Territoire vun der Gemeng Déifferdeng ugeet. Awer och den Energieverbrauch a wéi do an deenen nächste Joren d'Transitioun ausgesäit.dDat heescht, dass d'Gemeng Déifferdeng ëmmer méi $CO_2$-neutral gëtt, wat dann och Hand an Hand geet mat NetZeroCities.

Véiert Kapitel ass d'Mobilitéit. Dat geet vu Verkéiersberouegunge bis Mobilité douce, dat heescht alles, wat Foussgängerverkéier ugeet, Vëlosverkéier. Awer och d'Kombinatioun vun deene verschiddene Beweegungsmëttelen, dat heescht d'Kombinatioun vu Bus, Vëlospisten, dat heescht ëffentlechen Transport a Mobilité douce.

Fënneft Kapitel betrëfft déi intern Organisatioun. Dat heescht: Wéi ass d'Gemeng opgestallt? Wéi ass d'Klimateam opgestallt? Wéi fläisseg ass d'Klimateam? Wéi gutt ass d'Gemeng organiséiert? Wat huet d'Gemeng vun eegenen interne Richtlinnen, fir dass se och méiglechst gutt weiderkënnt am Klimapakt?

Sechst Kapitel ass d'Kommunikatioun. Dat ass eng Kéier d'Kommunikatioun vun der Gemeng Richtung Bierger. Dat heescht, dass d'Gemeng eng Virbildwierkung huet, dass d'Gemeng awer och kuckt, mat den Nopeschgemenge gutt zesummenzeschaffen, respektiv regional respektiv dann och Déifferdeng mat der Grenzregioun.

Wou sti mer haut? Do vläicht ee klenge Réckbléck.

De Rapport annuel vun 2020, dat war dann nach deen ale Klimapakt, do stounge mer deemools bei knapps 75 %. Virun zwee Joer war ech schonn eng Kéier am Gemengerot, fir de Punkt ze maachen. Dat war deemools nach am Hall O.

Nom aktuelle Rapport annuel vun 2022, dat heescht, deen am Februar dëst Joer ofgi ginn ass, sti mer elo bei 58,9 %. Dat ass elo am Kader vum Klimapakt 2.0.

De Punkteverloscht ass doduerch ze erklären, dass d'Krittäre vum Klimapakt 1.0 op de Klimapakt 2.0 e gudde Strapp méi streng gi sinn. Soudass vill Gemengen ëm déi 15 % verluer hunn.

Dat heescht am Klimapakt 1.0 krut ee méi Punkten op deem, wat ee sech virgeholl hat. De Klimapakt 2.0 geet elo villméi a Richtung Ëmsetzung. Dat heescht, et muss een noweisen: Wat huet ee gemaach? Wat huet ee vir? Wéi kritt een déi ganz Mesuren ëmgesat?

Ënne gesitt Der e klengt Balken-Diagramm mat deene sechs Kapitelen. A blo gesitt Der déi Punkten, déi mer erreecht hunn. Dat heescht, dass mer an all Kapitel iwwer 50 % sinn. An a gréng, wat mer deemnächst nach virhunn.

Do gesäit een allgemeng, dass am Beräich vun de kommunale Gebaier an de leschte Joren immens vill geschitt ass. Vill Gebaier si sanéiert gi respektiv aler ausser Betrib geholl ginn. Nei Gebaier si bäikomm.

Punkto Kommunikatioun, Kooperatioun ass d'Gemeng och immens staark, grad wéi an der Mobilitéit, wou och vill scho geschitt ass.

Dann hu mer déi intern Organisatioun, wou mer liicht ënner 60 % sinn. An dann hu mer nach d'Kapitel Entwécklungsplanung a Versuergung, wou mer bei knapps iwwer 50 % sinn. Do musse mer nach e puer Konzepter ausschaffe respektiv nach weider verdéiwen.

Déi lescht Aktiounen an Eventer: Virun annerhallwem Joer, am Abrëll 2022, hate mer zesumme mam CELL ee Filmowend gemaach, dat war de Film „Eng Äerd" am Hall O. Am Juni hate mer d'Assises Pacte Climat zum Theema Mobilitéit respektiv Mobilitéit an de Quartieren. September d'lescht Joer war eng Mobilitéitswoch organiséiert ginn. Enn lescht Joer war eng Semaine de l'énergie souwéi de Festival Antigaspi.

Des Weideren ass dëst Joer respektiv och scho virdrun de Projet vun der Quartiersrenovéierung ugaangen. Wat ee ganz grousse Projet fir d'Gemeng ass. A gläichzäiteg ass et e Pilotprojet, soen ech elo mol, fir de Klimapakt, net nëmmen hei an der Gemeng, mee wierklech och national.

D'lescht Woch war d'Semaine de la mobilité.

Projeten aus dem Klimapakt, déi ee groussen Afloss op de Klimapakt hunn, dat sinn, ënner anerem, d'Upassung vun de Subsiden. Ech mengen, déi ware schonn d'virlescht Joer gestëmmt ginn, fir de Leit an der Energietransitioun ze hëllefen. Dat heescht: Wa se eng PV-Anlag maachen, e Vëlo kafe respektiv hir Fassad isoléieren, dass se do net nëmmen e Subsid vun der Klima-Agence kréien, mee och vun der Gemeng.

Dann hu mer den Ausbau vun erneierbaren Energien, wou d'Gemeng immens staark ass an de PV-Anlagen. Et gëtt natierlech och nach een anere grousse Projet, wou ech hoffen, dass deen dann och weidergeet, dass mer do weiderkommen.

*En ce qui concerne la mobilité, il faut modérer le trafic et promouvoir la mobilité douce, c'est-à-dire la marche, le vélo, le bus, les pistes cyclables…*
*L'organisation interne traite par exemple de la composition du Klimateam, de son enthousiasme… La commune est-elle bien organisée ? Existe-t-il des lignes de conduite pour promouvoir le Pacte climat ?*
*En matière de communication, la commune fait figure de modèle pour les citoyens. Elle doit aussi coopérer avec les communes voisines, régionales et transfrontalières.*
*Le rapport annuel de 2020 accordait à la Ville de Differdange un score de 75 %. Thierry Schaack a dressé un bilan intermédiaire il y a deux ans au hall O. Dans le rapport annuel de 2022, la commune a un score de 58,9 %. La différence s'explique par le fait que les conditions du Pacte climat 2.0 sont plus strictes que celles du Pacte climat 1.0. Beaucoup de communes ont perdu autour de 15 %.*
*Le Pacte climat 1.0 mettait l'accent sur les mesures que l'on voulait prendre. Le Pacte climat 2.0 préconise l'action.*
*Les conseillers communaux disposent d'un diagramme. La commune a atteint plus de 50 % dans chaque chapitre. Ce qu'il reste à faire figure en vert.*
*Au cours des dernières années, de nombreux bâtiments ont été assainis ou mis hors service.*
*En matière de communication et de mobilité, la commune est très forte. Pour ce qui est de l'organisation interne, le score est inférieur à 60 %. Et en ce qui concerne le développement et l'approvisionnement, la commune dépasse à peine les 50 %.*
*En avril 2022, la commune a organisé une soirée cinéma au hall O en partenariat avec le CELL. En juillet ont eu lieu les assises concernant la mobilité dans les quartiers. En fin d'année, la commune a organisé la Semaine de la mobilité, puis la Semaine de l'énergie et le Festival antigaspi.*
*Differdange a aussi lancé un projet pilote de rénovation des quartiers.*
*Pour Thierry Schaack, les projets impactant le Pacte climat sont les subsides favorisant la transition énergétique.*

*La commune doit développer les énergies renouvelables comme les installations photovoltaïques, le parc solaire flottant d'ArcelorMittal, le parc éolien, l'assainissement des bâtisses publiques, le concept énergétique, la récupération de la chaleur industrielle, Survcoin, l'assainissement des quartiers, Climaborough, NetZeroCities, l'Alliance pour le climat, l'étude du LIST, etc. Thierry Schaack revient sur la comptabilité de la consommation d'énergie des bâtiments de la commune. À titre d'exemple, l'indice de la chaleur indique la consommation énergétique par mètre carré et par année pour produire de la chaleur. Le fait de calculer la consommation par mètre carré facilite la comparaison des communes entre elles. En effet, la Ville de Differdange compte beaucoup de bâtiments par rapport à une petite commune.*
*Thierry Schaack explique que la ligne noire désigne l'indice de référence, la ligne rouge la valeur limite et la ligne verte la valeur cible. Au cours des dernières années, la Ville de Differdange se rapproche de plus en plus de la ligne verte, mais il est très difficile de descendre en dessous. L'indice de référence se chiffre à 180 kW/m² et l'indice cible à 100 kW/m².*
*Il existe aussi un indice de l'électricité. À Differdange, cet indice, qui était élevé, baisse constamment depuis 2019.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *voudrait savoir pourquoi ce chiffre était élevé. Est-ce lié à l'industrie de l'acier ?*

**THIERRY SCHAACK** *rappelle qu'il est uniquement question des bâtiments communaux. La baisse s'explique par l'assainissement ou le remplacement d'anciens bâtiments. Ces bâtiments disposent désormais d'un éclairage DEL. Le weekend, les lumières sont éteintes. C'est ce qui entraine de fortes économies.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ajoute que les écoles forment le gros de ces bâtiments. Plus les bâtiments sont anciens, plus la consommation énergétique grimpe.*
*(Interruption de M. Diderich)*

Dorënner falen awer och de Parc solaire flottant vun ArcelorMittal, de Wandpark, d'Sanéierung vun de Gemengegebaier, d'Energiekonzept vun der Stad Déifferdeng, de Projet vun der Wäermenotzung mat ArcelorMittal zesummen, de Projet Survcoin, dat heescht, dass déi Leit, déi mam Bus a mam Vëlo fueren, dass déi kënne Punkte sammelen, de Projet vun der Quartiersanéierung.

Mir hunn awer och de Projet Climaborough, den NetZeroCities, d'Klimabündnis, wou d'Gemeng och scho säit Jore Member ass. Mir hunn d'Mobilitéitskonzept an awer och zum Beispill d'Etüd vum LIST, wat d'Urban Climate Analysis ugeet.

Da wollt ech kuerz op den EnerCoach ze schwätze kommen. D'Kapitel zwee, hate mer virdru gesinn, geet ëm d'Gemengegebaier, wéi et do mam Energie- a Waasserverbrauch ass. Do gëtt et dann och eng Energiebuchhaltung, wou alleguer d'Gemengegebaier dra sinn. An hei gesi mer elo verschidden Extraiten, wat déi verschidden Indikatoren ugeet.

Huele mer den Indice Chaleur, dee weist den Energieverbrauch a punkto Hëtzt op de Quadratmeter op d'Joer. Firwat op de Quadratmeter? Hei ass d'Iddi, dass d'Gemenge sech ënner sech kënne vergläichen. D'Gemeng Déifferdeng huet relativ vill Gebaier. Wann een dat mat enger klenger Gemeng vergläicht, ass et schwéier, fir do e Verglach ze zéien.

Respektiv och fir all Gemeng ze kucken: Si meng Gebaier éischter gutt oder sinn d'Gebaier éischter schlecht? Esou ass et besser, et kuckt een et iwwer e spezifesche Wäert, dat heescht da spezifesch iwwert de Quadratmeter-Wäert.

2012 louche mer an der Géigend vum schwaarze Balken. Dat ass den Indice de référence. Uewe gesi mer e roude Balken, dat ass d'Valeur limite, also wann eng Gemeng do e Gebai huet, da muss een onbedéngt eppes maachen. Dee gréngen Balken ass d'Valeur cible. Do gesi mer, dass mer déi lescht Joren ëmmer méi vum Indice de référence ewechkomm sinn op d'Valeur cible.

Allgemeng ass et schwéier, fir ënnert d'Valeur cible ze kommen. Dat heescht fir eng Kéier ze soen, d'Valeur cible ass liicht iwwer 100 Kilowattstonn de Quadratmeter. Den Indice de référence ass ongeféier bei 180 Kilowattstonn de Meterkaree, wou ee gesäit, dass do d'Gemeng awer déi lescht Jore wierklech immens staark Aspuerungen hikritt huet.

Da gëtt et och nach den Indice Electricité. Do war d'Gemeng Déifferdeng ëmmer relativ héich. Do gesäit een awer, dass et ab 2019 konstant erofgaangen ass mam Stroumverbrauch.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Firwat war d'Gemeng Déifferdeng sou héich? Wéinst der Stolindustrie oder aus anere Grënn?

**THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):**

Nee, d'Elektresch bezitt sech just op d'Gemengegebaier. An de leschte Jore si vill Gemengegebaier sanéiert ginn, ausser Betrib geholl gi respektiv nei gebaut ginn. Dat heescht, déi Gebaier sinn och all mat LED-Beliichtungen ausgestatt ginn, respektiv d'Beliichtung leeft deelweis kontrolléiert of, dann ass iwwer de Weekend och keng Luucht méi un. Dee Moment kann ee staark Aspuerunge kréien.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

De Gros sinn d'Schoulen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Jo.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Zemools déi eeler Gebaier, wou mer keng Cogeneratiounsanlag hunn, dat geet dann direkt enorm an d'Luucht.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

De Verlaf vun der Produktioun huet jo op de Verbrauch keen Afloss.

**THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):**

De Waasserverbrauch ass och déi lescht Jore konstant erofgaangen. Wann een nei Gebaier huet respektiv sanéiert Gebaier huet, déi hunn nei Sanitäranlagen. Do geet allgemeng dann och manner Waasser duerch, respektiv huet d'Gemeng och Beméiunge gemaach. An all neit Gebai gëtt jo ewell eng Zëttär fir d'Recuperatioun gebaut, dat huet och e risegen Afloss, menger Meenung no.

Dann hu mer den Energieverbrauch insgesamt vun de Gemengegebaier. Do gesäit een och, dass dee konstant erofgaangen ass. 2021 ass e Krack nach méi déif, do feelt eis elo nach den Diesel- an de Bensinn-Verbrauch. Dofir misst dee vläicht nach en Tick méi héich sinn,alke sinnn.mMee hei gesi mer awer och eng ganz kloer Tendenz no ënnen. Dat nämmlecht gesi mer hei ënnendrënner bei den CO2-Emissiounen, wou mer och gesinn, dass mer eis an de leschte Jore konstant verbessert hunn.

Wann elo nach de Projet vun der Holzhackschnitzelanlag ausgefouert gëtt an der Sportshal, da wäerte mer do och nach e gudde Krack hikréien, well mer dee Moment da vu fossillen Energieträger op erneierbar Energieträger switchen.

Wéi geet et elo virun? Haut hu mer emol um Ordre du jour vum Gemengerot de Stand vum Klimapakt. Deen nächste Punkt si verschidden Elaboratiounen, déi, am Kader vum Klimapakt nach néideg sinn, fir dass mer do um richtege Wee sinn. Dann ass och d'Iddi, respektiv wäerte mer am Hierscht d'50%-Zertifikatioun ufroen an dann déi 65%-Zertifikatioun ufanks nächst Joer 2024.

Da wéilt ech nach kuerz op déi verschidde Pakte respektiv déi verschidden Initiativen agoen, déi et gëtt géint de Klimawandel.

Do hu mer eng Kéier de PNEC, dat ass den nationalen Energie- a Klimaplang. Deen ass vum Ëmweltministère awer och vum Energieministère. Do sinn déi Haaptzilsetzunge fir Lëtzebuerg festgehalen. Dat heescht eng Kéier d'Senkung vun den $CO_2$-Emissioune vun 2005 u gesi bis 2030 ëm 55 %. Den Undeel vun erneierbaren Energien ëm 35 % bis 37 % erhéijen. D'Verbesserung vun der Energieeffizienz ëm 44 %, dat heescht dass mer 44 % par rapport zu 2005 un Energie spueren. An dann allgemeng, dass de Staat mat de Gemengen, mat den Awunner allgemeng dann och Gas gëtt a punkto Energieeffizienz. Dat heescht méi Wandenergie, méi Solarenergie, méi Wäermepompelen a méi Elektromobilitéit.

Dat laangfristegt Zil vum PNEC ass, dass Lëtzebuerg bis 2050 netto null Emissiounen huet. Dat heescht $CO_2$-neutral ass.

Dann hu mer de Programm Klimapakt, deen den Ëmweltministère virgestallt hat. Do geet et dorëms, d'Gemengen ze ënnerstëtze bei der Ëmsetzung vum nationale PNEC-Programm.

Vun der EU aus hu mer den NetZeroCities-Programm. Deen deckt sech dann domadder. Den NetZeroCities-Programm ass en Deel vum Fërderprogramm vum Horizon 2020, wat dann erëm eng Kéier zesummespillt mat deem berüümten European Union Green Deal. Wou d'Iddi ass, dass déi Stied, déi bei NetZeroCities matmaachen, bis 2030 Klimaneutralitéit erreechen.

An da gëtt et nach de Programm Climaborough. Do mécht d'Gemeng Déifferdeng och mat. Dat ass fir d'Fuerschung respektiv d'Industrie ze ënnerstëtzen. An och fir ze kucken, dass een allgemeng méi Date sammelt iwwert de Klimapakt, fir dass een nach méi cibléiert Mesurë kann huelen. An de leschte Méint war do eng Ausschreiwung, wou sech verschidde Firme gemellt hunn.

Domadder wär ech um Enn vu menger Presentatioun. Wann Der nach Froen hutt, dann zéckt net. Ech hoffen, et war eenegermoosse verständlech. Ech si vläicht e bësse séier derduerch gaangen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Kënne mir déi Presentatioun vläicht kréien? Et ass bestëmmt interessant, fir eis op d'mannst.

**THIERRY SCHAACK** *précise que la consommation de l'eau a aussi baissé. En effet, les bâtiments disposent de nouvelles installations sanitaires et de citernes pour récupérer l'eau de pluie.*
*La consommation énergétique globale des bâtiments communaux est aussi en baisse. Le taux de 2021 est plus bas, mais il manque le diésel et l'essence. En tout cas, la tendance est à la baisse. La même chose est vraie pour les émissions de $CO_2$.*
*La consommation devrait baisser ultérieurement lorsque la chaufferie à copeaux de bois du centre sportif entrera en fonction. Actuellement, la commune utilise encore des énergies fossiles.*
*Thierry Schaack vient de dresser un état des lieux du Pacte climat. Certaines adaptations sont nécessaires, mais la commune entend demander la certification de 50 % en automne et la certification de 65 % au début de 2024.*
*Parmi les autres pactes et initiatives figure le PNEC, le Plan national de l'énergie et du climat, du ministère de l'Environnement. L'objectif est de réduire les émissions de $CO_2$ de l'ordre de 55 % entre 2005 et 2030, d'augmenter le taux d'énergies renouvelables de 35 % à 37 % et d'améliorer l'efficience énergétique de 44 %. En d'autres termes, il faut préconiser le vent, le soleil, les pompes à chaleur et l'électromobilité. À long terme, le but du PNEC est que le Luxembourg soit neutre en 2050.*
*Thierry Schaack passe au Pacte climat du ministère de l'Environnement pour aider les communes à mettre en place le PNEC.*
*L'UE propose NetZeroCities, un projet qui fait partie d'Horizon 2020 et du Green Deal européen. Les villes participant à NetZeroCities doivent devenir neutres en 2030.*
*Le programme Climaborough sert à soutenir l'industrie et à rassembler des données dans le cadre du Pacte climat pour prendre ensuite des mesures ciblées.*
*Thierry Schaack propose aux conseillers communaux de lui poser des questions le cas échéant.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *le remercie.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande à recevoir la présentation.*

**THIERRY SCHAACK** *signale que le Klimateam se réunit environ huit fois par an. Il demande si chaque parti pourrait proposer un membre.*
*(Interruption de M. Diderich)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise que quand on parle de membres, il s'agit de membres présents et non de membres malades.*
*Il remercie monsieur Schaack pour sa présentation.*
*Bien entendu, les conseillers communaux pourront recevoir le document par courriel ou en format papier.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le vote porte sur le Pacte climat 2.0. Hier, lors de la table ronde de One Planet, 80 acteurs de la société civile ont rappelé l'urgence de la situation.*
*La Ville de Differdange a pris de nombreuses mesures concrètes. Elle obtient souvent moins de points que les autres communes, mais c'est probablement parce qu'elle préfère travailler sur le terrain plutôt que de chasser les points.*
*Cependant, pour Gary Diderich, le temps presse. Les économies de* $CO_2$ *peuvent se faire dans l'industrie, la mobilité et l'assainissement des vieilles bâtisses. Il faut toutefois préciser que Differdange a un taux d'émission de* $CO_2$ *par tête d'habitant relativement faible. Cela s'explique notamment par le type de constructions differdangeoises. Les grandes villes ont l'avantage d'avoir des constructions plus denses, ce qui limite la consommation énergétique.*
*Cela démontre aussi que la question écologique et la question sociale sont liées. Ceux qui ont moins polluent moins. En moyenne, huit jets privés par jour quittent le Luxembourg. Et ce ne sont certainement pas des Differdangeois. À ce rythme, la température terrestre va augmenter de quatre dégrés engendrant ainsi des catastrophes naturelles.*
*C'est au niveau de l'assainissement des bâtisses que l'on peut agir. Où*

**M. THIERRY SCHAACK (SCHROEDER & ASSOCIÉS):**

Dee leschte Punkt, mir organiséiere reegelméisseg Klimateamer. Ech mengen, virdrun hat ech déi kuerz gewisen, ech hat et net ugeschwat, mir haten ongeféier an deene leschte Joren ëmmer sou am Schnëtt aacht Klimateamer am Joer. Do wollt ech och nach en Opruff maachen, fir vläicht vun all Partei e Member an dat Klimateam ze kréien.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Net nëmmen e Member, vläicht och Leit, déi kommen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech mengen, wa mer vu Membere schwätzen, hoffe mer jo ëmmer, datt et ee Member ass, dee present ass, net een, dee krankgemellt ass. Ech mengen, dat ass kloer.

Ech soen awer Merci fir déi explizitt Wierder an déi flott Presentatioun.

Mir kéimen dann zu de Wuertmeldungen, zu deem, wat mer gewise kritt hunn. Selbstverständlech – et war eng Fro hei – kënnt Der dee Programm do kréien op Pabeier oder digital, fir d'Detailer dann och nozeliesen.

Mir kéimen dann zu de Wuertmeldungen zu deem, wat mer presentéiert kritt hunn. Jo, den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, haut solle mer ofstëmmen iwwer de Pacte Climat 2.0, fir an eng nächst Phas ze goen. Dat ass e ganz wichtegen Dossier. Gëschter nach war ech op der Table ronde vu One Planet, wou d'Urgence climatique méi wéi kloergemaach ginn ass vun 80 Acteuren aus der Zivilgesellschaft.

Déifferdeng huet eng Rei Engagementer geholl, a mir hunn och scho ganz vill Saache konkreet gemaach. Just an de Punkten, déi am Pacte Climat erauskommen, schneide mer am Verglach zu anere Gemengen awer ëmmer iergendwéi e bësse méi bescheiden of, well mer zum Deel méi um Terrain, mengen ech, schaffen an d'Saachen ëmsetzen, wéi op der Juegd no Punkten oder Prozenter ze sinn, déi et hei brauch.

An awer, mengen ech, dass et am Moment alles anescht wéi schnell genuch ka goen. D'Urgence ass ganz grouss. Nieft der Industrie an der Mobilitéit ass d'Albausanéierung ee vun deene gréisste Beräicher, wou mer ganz vill CO2 kënnen a mussen aspueren.

Woubäi ee muss soen, dass Déifferdeng – dat hate mer am Klimateam gesinn – pro Kapp e relativ geréngen CO2-Verbrauch huet. Dat erkläert sech doduerch, dass mer hei anescht gebaut hunn an anescht wunne wéi a ganz villen aneren Deeler vu Lëtzebuerg. D'Stied hunn natierlech de Virdeel, dass d'Haiser net „auf weiter Flur" mat vill Landverbrauch auserneestinn a vill Energie verbrauchen. Mee hei gëtt u sech manner Energie verbraucht wéi op ville Plazen.

Wat och nach eng Kéier weist, dass d'Klimafro an déi Sozialfro ganz no beienee leien. Dat heescht: Déi Leit, déi manner hunn, déi verschmotzen och manner. An déi Leit, déi ganz vill hunn, déi verschmotze ganz vill. Et ass net fir näischt, dass vu Lëtzebuerg aus all Joer iwwer 2.000 Privatjets, also aacht pro Dag, op Paräis, London, a Genf fléien. An dat si bestëmmt net eis Déifferdenger Bierger. An déi hunn awer eng ganz grouss Responsabilitéit un deem Schlamassel, dee mir alleguerte wäerten erliewen.

Wa mer esou weidermaachen, da si mer bei 4 °C Äerderwiermung. An dat wëlle mer alleguerten, mengen ech, net materliewen. A scho guer net déi, déi op deene Plaze liewen, déi nach vill méi vulnerabel sinn, fir groussen Hëtzewellen an Iwwerschwemmungen ausgesat ze ginn.

Ech hunn d'Albausanéierung ugeschwat. Et ass do, wou mer vill kënnen a solle maachen. Mir hunn de Projet „Zesumme renovéieren". Ech wollt nofroen, wou dee konkreet drun ass. A wéi enger Phas deen ass. Wou mer do dru sinn, a wéi een do och d'Bierger kann abannen, wéi dat weidergeet.

Wat mech elo e bëssen enttäuscht hei an deem Plang, dat ass, wat d'Sanéierung vun eise Gemengegebaier ugeet. Dass mer elo emol een État des lieux maachen an dann d'Prioritéite festleeën. Ech hat scho gehofft, dass mer eis do sou lues konkreet Ziler géife ginn a scho wéissten, wou, wéini, wat do uleeft. Dat heescht ee Planning wär néideg, dass een dee schonn hätt. Och punkto Éclairage public a Waasserverbrauch hat ech gehofft, dass mer do schonn e Stéck méi wäit wären.

An der Mobilitéit gëtt geschwat, dass Ofstellplaze fir Vëloe solle virgesi ginn. Et feelt mer do de Volet vun de séchere Vëlosweeër. Fir dass déi Vëloen och op déi Ofstellplaze kënne kommen. Hei zu Déifferdeng hu mer Leit, déi gewëllt sinn, mam Vëlo ze fueren. Elteren, déi hir Kanner vu klengem u wëlle mam Vëlo an d'Schoul bréngen. Mee dat ass bal net ze maachen, ausser et huet ee ganz vill Courage an et hëlt een dee Risiko och e bëssen op sech. Et hänkt natierlech dovunner of, wou ee wunnt.

Dat sinn e puer Remarken, nieft ganz ville gudden Usätz, déi hei stinn. Zu der Mobilitéit vläicht och nach, dat ass ganz wichteg: Als Gemeng Déifferdeng si mer jo Employeur vu ganz ville Leit, déi e Mobilitéitsverhalen hunn. Dat steet jo och am Plang, dass ee Sondagë mécht, sensibiliséiert. Do feelt mer nach de Volet, dass een och do e Plang a Mesuren opgrond vun deene Sondagen ëmsetzt.

Ech mengen, dass et vill Grënn gëtt, firwat d'Leit net onbedéngt op déi Méiglechkeeten ëmklammen, déi et gëtt. Verschidde vun deene Grënn kann ee vläicht opfänken doduerch, dass een als Gemeng Ënnerstëtzungsmesuren en place setzt. Oder, wat weess ech, zäitweis vläicht eng Aarbechtszäitverkierzung abaut, fir dass sech d'Gewunnechten änneren.

Et gëtt Mobilitéitswochen. Firwat notzt een déi net, fir spezifesch mam Personal ze kucken: Wat brauch et, fir dass Der déi Gewunnechten ëmgesat kritt? Oder u wat feelt et an der Mobilitéitsketten, fir dass Der dee Wee ouni Auto gemaach kritt? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Da géif ech d'Wuert dem Här Olten ginn.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. De Klimapakt ass e gutt Instrument. Domat kann Déifferdeng ee grousse Bäitrag leeschten. Wann de Pakt gutt ëmgesat gëtt, dréit dat dozou bäi, dass mir alleguerten an enger besserer Welt liewe kënnen.

Ech picken e puer Punkten aus dem Pakt eraus, zum Beispill d'Beliichtung op de Stroossen, op den ëffentleche Plazen, déi manner Stroum verbrauchen. An als Gemeng selwer nach méi Stroum produzéieren.

Fir mech ganz wichteg: d'Waasser. Do kann nach villes gemaach ginn, wat d'Consommatioun ubelaangt, awer och haaptsächlech d'Verschwendung.

Am Fuerpark vun der Gemeng, wou et méiglech ass, nach méi Elektrogefierer anzesetzen.

D'Bierger, dat ass och ganz wichteg, mat an d'Boot huelen duerch Informatiounsversammlungen an aner Medien. An duerch Subsiden, fir d'Leit ze encouragéiere fir matzemaachen.

Mir ënnerstëtzen de Klimapakt, fir eis alleguerten a fir déi kommend Generatiounen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Fir d'éischt emol begréissen ech Iech alleguer. Merci fir d'Wuert. Mir hu schonn ëfters heiriwwer geschwat, mir ware jo alleguer derbäi an där ganzer Entwécklung vun deem Klimapakt a vun deene Mesuren. Dat hei ass onbedéngt noutwendeg an absolutt wichteg fir eis alleguer, fir eis Generatioun an déi zukünfteg Generatiounen. Ech

*en est le projet Zesumme renovéieren ? Comment peut-on inclure les citoyens ?*
*Gary Diderich se dit déçu du fait que la commune ne fasse que dresser un état des lieux maintenant — avant de fixer des priorités. Il espérait que le collège échevinal disposerait d'objectifs concrets. Il faut fixer un calendrier. La même chose est vraie pour l'éclairage public et la consommation d'eau.*
*En ce qui concerne la mobilité, il est question d'abris pour les vélos. Mais ce qui manque, ce sont des pistes cyclables sécurisées. De nombreux Differdangeois voudraient se déplacer à vélo ou accompagner leurs enfants à vélo à l'école, mais c'est pratiquement impossible. Cela requiert de la témérité.*
*En tant qu'employeur, la commune devrait aussi analyser la mobilité de ses collaborateurs et sensibiliser ceux-ci le cas échéant. Les raisons pour lesquelles les gens n'embrassent pas la mobilité douce sont nombreuses. Il faut donc voir quelles mesures de soutien la commune peut prendre. Par exemple, une réduction du temps de travail pour modifier les habitudes. Pourquoi ne pas profiter de la Semaine de la mobilité pour évaluer les besoins du personnel ?*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *estime que le Pacte climat est un bon instrument pour permettre à Differdange d'apporter sa contribution à un meilleur environnement.*
*Parmi les objectifs figurent un éclairage public plus efficient et une production autonome de l'électricité.*
*Pour ce qui est de l'eau, il reste du pain sur la planche.*
*Le parc automobile de la commune doit être électrifié partout, où cela est possible.*
*Il faut aussi sensibiliser les gens et leur mettre à disposition des subsides.*
*Le CSV soutient le Pacte climat.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que ce sujet a déjà été abordé maintes fois et que tous les partis ont participé à la mise en place du Pacte climat à Differdange au cours des dernières années. Ces mesures sont absolument nécessaires pour la gé-*

*nération actuelle et les générations à venir.*
*Actuellement, la commune est en train de dresser un état des lieux pour ensuite modifier les paramètres. Mais tous les paramètres ne se valent pas. Certains ont un impact plus important que d'autres. Le collège échevinal a-t-il prévu de fixer des priorités ?*
*Pour ce qui est des énergies renouvelables par exemple, il est question de réduire la consommation, mais aussi de récupérer l'énergie perdue. Par exemple dans le secteur de l'industrie. Depuis des années, il est question de mettre en place un projet de récupération avec ArcelorMittal. Mais rien de concret n'est fait. Il ne s'agit pas seulement d'un problème differdangeois, mais luxembourgeois, car le pays compte de nombreuses industries. Il reste du pain sur la planche. Pour Erny Muller, il faudrait considérer l'énergie industrielle comme énergie renouvelable.*
*Les mesures doivent être priorisées pour voir lesquelles ont un impact important.*
*Erny Muller attire l'attention sur les couts de toutes ces initiatives. Lors de la construction de bâtiments, la commune préconisait jusqu'à présent un éclairage peu gourmand en énergie. Mais désormais, il s'agit aussi de rénover les anciens bâtiments. Or, si l'on remplace un éclairage au demeurant fonctionnel, cela coute de l'argent. Le collège échevinal doit donc analyser combien de projets de la sorte la commune peut réaliser financièrement. L'état des lieux est essentiel pour savoir ce qu'il reste à faire jusqu'en 2030. Les défis sont nombreux pour la commune.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *salue la présentation, l'état des lieux et les objectifs. Mais elle se réjouit particulièrement du fait que les idées écologiques se sont propagées dans tous les partis politiques. Tout le monde autour de la table a compris qu'il faut faire de gros efforts. Les objectifs ne pourront être atteints qu'ensemble. C'est pourquoi Laura Pregno remercie d'ores et déjà monsieur Muller et monsieur Diderich pour leurs réflexions. Elle*

mengen, däers si mer eis alleguer bewosst.

Ech hätt e puer Detailfroen. Mir sinn elo um Niveau vun enger Bestandsopnam, hunn ech gesinn. Mir kucken, zu wéi vill Prozent hu mer déi eenzel Kapitelen ofgeschloss. D'Parametere gi verglach, wéi änneren déi sech zum Positiven? An do ass meng Fro direkt. Do gëtt et jo awer Parameteren, déi méi héich Aflëss hunn oder manner héich Impakter hunn. Duerfir ass meng Fro: Ass do gekuckt ginn oder envisagéiert Dir, dass Der zum Beispill och do Prioritéite geréiert?

Also zum Beispill, wa mer vun erneierbarer Energie schwätzen, da schwätze mer och vun Energieverbrauch zréckseten, dat heescht manner Verbrauch. Dat ass jo dat, wat een am Direkte gewënnt, wat ee manner verbraucht. An dat Zweet ass, fir op Energie zréckzegräifen als Recuperatioun. Dat heescht Verloscht un Energie, déi mer verpuffen. An där gëtt et jo vill an der Industrie, et gëtt och nach aner Beräicher.

Mir schwätzen elo schonn, ech weess net wéi vill Joren, zéng oder 15 Joer, dass mir e Projet maache mat ArcelorMittal Déifferdeng fir Energie-Recuperatioun. An do geschitt einfach näischt. An dat ass e Problem, net nëmme fir Déifferdeng, mee op nationalem Plang.

Well mir hu jo ganz vill Industrien, déi kéinte Fournisseur gi vun Energien, déi am Fong vergeut ginn. E mengen, do misste mer vill méi intensiv derhannergoen, do den Hiewel usetzen an dat als Genre erneierbar Energie gesinn. An déi emol voll ausschëpfen.

Da kommen ech zréck op d'Prioritéiten, dat heescht d'Opléschtung vu ganz wichtegen elementaren Initiativen, déi sech do wierklech och eventuell souguer quantifizéieren, wat dat eis bréngt. Dass een emol no bausse gesäit: Wat fir een Impakt huet dat? Dat kann ee ganz immensen Impakt hunn. Mir wëssen, also ech weess et momentan net, mee ech ka mer awer virstellen, dass et ee ganz groussen Impakt huet.

An dann däerfe mer net vergiessen, dass an Zukunft eise Budget méi staark belaascht, gëtt mat den Initiativen. Bei neie Projeten hu mer ëmmer drop opgepasst, dass mer, zum Beispill, d'Beliichtung esou maachen, dass se net energieintensiv ass, mee nei Produiten etc. agesat. An elo kënnt et awer, dass mer mussen un déi bestoend Anlagen erugoen.

A wa mer elo Anlagen, Beliichtungsanlagen ersetzen, déi jo do sinn, déi funktionéieren, da gi mer un de Budget. Do musse mer méi opbréngen. Dat ass fir eis Gebaier, dat ass am Fong an alle Beräicher. Soudass mer missten och emol kucken op eisem Plang: Wéi vill Erneierung oder där Initiative kënne mir eis um Niveau vun eisem Budget iwwerhaapt leeschten? Wéi vill Prozent kann dat ausmaache vun eisem Budget, dee mer all Joer an dee Klimapakt do stiechen an all déi Mesuren? An da kéinte mer och emol vläicht kucken: Wéi ass den Ist-Zoustand a wouhi musse mer kommen, wa mer dat do wëlle fir 2030 oder doriwwer eraus realiséieren?

Ech mengen, do wäerte mer gefuerdert ginn, hei am Gemengerot an och um Niveau vun eisem Personal.

Dat war meng kleng Iwwerleeung zu deem Ganzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech begréisse souwuel d'Presentatioun, an déi domat gesate Bestandsopnam, wéi d'Ziler. Virun allem begréissen ech awer, dass sech déi gréng Iddie mëttlerweil ganz ronderëm den Dësch verbreet a verspreet hunn. Ech si wierklech frou, dass dat an der Tëschenzäit eng Realitéit ass, dass et iwwerall an de Parteien ukomm ass, dass mer do grouss Efforte musse maachen. An dat ass och just zesumme méiglech. Dofir soen ech elo schonn am Viraus Merci fir all déi Iwwerleeungen, Här Muller, Här Diderich. Ech hoffen, dass de Schäfferot déi wierklech an hirer alldeeglecher Aarbecht opgräife wäert.

Här Bertinelli, Dir hat déi leschte Kéier gesot, Dir wäert net Expert en la matière …

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Lues a lues.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Lues a lues. Maja, da sinn ech frou, dass Der open minded bis elo genuch waart, fir Iech do eranzeschaffen. Dir hutt um drëtte Stack, an doriwwer eraus, e ganz gutt Team ronderëm Iech. An ech hoffen, dass do wierklech nach esou munches kënnt, an dass mer dat dann och wäerten am Budget erëmfannen. Merci fir Är Aarbecht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Presentatioun. Mir sollten esou schnell wéi méiglech déi 50 %-Zertifizéierung erreechen an op där Schinn weiderfueren. A fir dat ze erreechen all Hiewel a Beweegung setzen. Dofir wäerte mir all déi Deliberatiounen, déi hei am Dossier stinn, matstëmmen. An ech hoffen déi aner natierlech och. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt drop agoen, wat den Här Diderich gesot huet, wou ech em ganz Recht ginn. Ech hunn d'Chance, fir déi NetZeroCities-Task-Force zesumme mam Här Bertinelli ze presidéieren. Mir hunn eis effektiv ganz ambitiéis Ziler gesat, déi wierklech héich sinn. A mir schaffen drun.

Ech géif déi fënnef Priorités stratégiques, wéi mer dat nennen, nach eng Kéier kuerz ernimmen. Den Objektiv ass éischtens 50 % Renovatioune vun eise Gebaier hei an der Stad ze realiséieren. 100 % Énergie renouvelable ze bréngen. Soudass mer eng Autosuffisance kréien, also dass mer autark ginn. An do denke mer net nëmmen u Solarenergie oder Wandenergie, mee och u Biomass an haaptsächlech och u Geothermie, wou schonn e Projet amgaangen ass iwwerluecht ze ginn. Wou mer elo an d'Ausland och kucke ginn, wéi dat funktionéiert.

Déi drëtt Prioritéit ass, de Kilométrage individuel vun de Leit, also mam Auto, ëm 20 % ze reduzéieren. Do wëlle mer Aktioune starten, fir d'Leit op de Vëlo, zu Fouss oder op de Bus ze kréien.

Dann hu mer e Code à recyclage, dee mer op 65 % wëllen erophiewen, dass mer deemno manner Dechete kréien an d'Decheten och méi recycléiere kënnen.

An dat Lescht ass den Tonnage vum $CO_2$ erofzekréien. An zwar, dass mer nëmmen nach gewëllt wären, 20 % vun der Kompensatioun iwwert de Kaf vu Certificate vun $CO_2$ ze realiséieren an de Rescht selwer op d'Schinn ze bréngen.

Dat si ganz éiergäizeg Ziler. Jiddwereen hei ronderëm den Dësch huet jo erkannt, wéi wichteg et ass, eise Kanner eng Welt ze hannerloossen, an där et sech liewe léisst. Dofir, wéi den Här Muller gesot huet, et ass wichteg, dass mer eis bewosst sinn, dass et net duergeet, heiriwwer ze schwätzen. Mee mer mussen och déi finanziell Moyenen an de Budget setzen, fir déi Ziler ze erreechen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et freet mech, datt d'Meenunge ronderëm den Dësch, wat d'Ëmwelt ubelaangt, alleguerten an déi selwecht Richtung ginn.

Ech wollt awer kuerz drun erënneren, datt säit Juni, wou deen heite Schäfferot en place komm ass, mer wierklech elo scho ganz, ganz, ganz vill gemaach hunn.aAlso wierklech gelaf sinn, déi

*espère que le collège échevinal en tiendra compte au quotidien.*
*Monsieur Bertinelli a dit qu'il n'était pas un expert en la matière.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond qu'il s'y met doucement.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *se dit contente que l'ouverture d'esprit de monsieur Bertinelli lui ait permis de commencer à apprendre.*
*Au troisième étage se trouve une bonne équipe. Laura Pregno espère retrouver de nombreux projets dans le budget.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *estime qu'il faut obtenir la certification de 50 % le plus vite possible et continuer sur cette voie. Il faut tout faire pour atteindre les objectifs. Les démocrates approuveront toutes les délibérations se trouvant dans le dossier.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souhaite revenir sur les propos de monsieur Diderich, auquel il donne raison. Il préside le groupe de travail de NetZeroCities avec monsieur Bertinelli. Les objectifs sont ambitieux.*
*Actuellement, il existe cinq priorités stratégiques.*
*Il faut rénover 50 % des bâtisses de Differdange.*
*Deuxièmement, la commune doit devenir autosuffisante en recourant exclusivement aux énergies renouvelables. Tom Ulveling mentionne le soleil, le vent, la biomasse et la géothermie.*
*Le troisième objectif consiste à réduire de 20 % le kilométrage des habitants en voiture. Il faut donc promouvoir le vélo, la marche et le bus.*
*Le taux de recyclage doit passer à 65 %. L'objectif est de réduire les déchets et en recycler davantage.*
*Pour ce qui est du tonnage de $CO_2$, le collège échevinal n'entend qu'en compenser 20 % par l'acquisition de certificats.*
*Les objectifs sont ambitieux, mais il s'agit de laisser aux enfants une planète où ils peuvent vivre. Comme l'a dit monsieur Muller, il ne suffit pas d'en parler. Il faut se donner les moyens nécessaires dans le budget.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *salue le fait que tout le monde semble d'accord. Il sait bien que tout n'est pas encore parfait, mais il tient à préciser que depuis l'intronisation du collège échevinal, celui-ci a beaucoup travaillé.*

*En ce qui concerne la réduction des émissions de $CO_2$ à travers la rénovation des bâtisses, peu de communes investissent autant que Differdange. Parfois jusqu'à 200 000 €, ce qui n'est pas rien. Les subsides sont conséquents. Les agences entrent aussi en contact avec les gens. Bref, les choses avancent. Mais il faut tenir compte de l'aspect financier. Plus le bâtiment est grand et vieux, plus les réparations sont chères. Et lorsqu'il s'agit d'un immeuble privé, c'est au propriétaire de payer les frais. Souvent, ils ont besoin de mettre de l'argent de côté pendant un certain temps avant de pouvoir investir dans ces travaux. La commune les soutient là, où elle peut le faire.*

*Pour ce qui est de l'industrie et des économies d'énergie, le collège échevinal est en train de négocier avec deux grandes entreprises. Une des deux va réussir à approvisionner trois à quatre communes de la taille de Differdange en électricité grâce entre autres à des éoliennes et des panneaux photovoltaïques.*

*L'autre partenaire est ArcelorMittal, qui produit tous les jours des tonnes de chaleur. Le collège échevinal précédent a entamé des discussions, mais les choses ont changé depuis et Fred Bertinelli pense que le dossier va progresser. L'échevin demande au conseil communal de lui laisser une chance.*

*L'environnement n'est membre d'aucun parti politique. Il appartient à tous. Le problème devient plus urgent chaque jour. Mais Fred Bertinelli répète que la commune avance dans la bonne direction.*

*En ce qui concerne l'état des lieux, le collège échevinal doit en dresser un parce que cela n'a pas été fait avant. Or l'état des lieux est nécessaire pour fixer les priorités. Le collège échevinal en a déjà fixé quelques-unes. Fred Bertinelli mentionne l'eau.*

*En tout cas, le collège échevinal informera le conseil communal au fur et à mesure. Il reste du pain sur la planche.*

éischt Méint, fir Saachen ze kréien. Datt nach net alles esou ass, wéi jiddweree sech dat esou virstellt, dat kann ech mer och virstellen.

Spezifesch Froen, wéi den Här Diderich se gestallt huet, wat d'Renovéierung vun eisen alen an och den $CO_2$-Bestand vun eisen Haiser ugeet, muss ech soen, datt mer net vill Gemengen am Land fannen, déi esou vill Suen dran investéieren. Mir ware mat deenen zwee Ministere kucken. An do huet d'Gemeng Déifferdeng a verschiddene Saache bal 200.000 Euro investéiert. Wat jo och vill Geld ass, dat muss ee jo och budgetiséieren.

An et huet ee jo och net nëmmen dat. Mee mir ginn enorm vill Subside fir dat. Eis zwou Agencë bleiwen och do drun, Gespréicher mat de Leit, déi do géifen a Fro kommen, déi lafen andauernd. An et fonctionéiert och gutt. Déi Diere sinn op. An ech mengen, datt mer och iwwer esou ee Wee weiderkommen.

Mee, wéi gesot, dat ass e finanziellen Aspekt. Wat een u méi gréisser Gebaier, méi eeler Gebaier geet, wat et méi käschtenintensiv ass. An Dir wësst jo, datt et u sech de Privaten an de Proprietär vum Haus ass, deen dat muss bezuelen. Do hëllefe mer enorm vill de Leit. Mee do mussen d'Leit och da mol heiansdo eng Paus aleeën oder mol uspueren, bis se un dat Geld kommen, wat se da géife brauchen, fir dat ze renovéieren.

Mee, wéi gesot, et ass richteg. Mir sinn op deem Wee. Mir ënnerstëtzen dat, wou mer kënnen. An dat maache mer och virun.

Wat gesot ginn ass vun der Energie an Industrie a wou een Energie aspuere kann, do wëll ech just soen, datt mer mat zwou ganz groussen Industrien amgaange sinn, schonn ze diskutéieren, scho mëttlerweil méi laang, och scho Rendez-vousen haten.

Do ass eng dovunner, déi et wäert fäerdegbréngen, wann déi fäerdeg ass, dräi, véier Gemengen an eiser Gréisstenuerdnung mat Stroum ze versuergen. Dat ass d'Kronospan. Déi wäerten zwou Eoliennen hunn. D'Photovoltaik op deem groussen Daach, déi verduebelt sech. Dat heescht, do si mer amgaangen a Pourparleren, fir och bei deene kënnen Energie akafen ze goen.

Deen anere Partner, dat ass Mittal, wou mer amgaange sinn, de Moment nach all Dag Tonnen an Tonnen Hëtzt an d'Luucht ze dämpen. Wou een dann och eventuell mat hinnen ka virukommen. Ech weess, datt och meng Virgänger do schonn oft un d'Dier geklappt hunn, mee do hunn och verschidde Saache changéiert, bei der Industrie, datt mer och do géife virukommen. Soudatt mer op deem dote Wee vill, vill aus der Industrie, vill Hëtzt an och vill Energie géifen erakréien.

Gitt eis eng kleng Chance, mir gi Gas, wierklech.

Ech wëll der Madamm Pregno soen, datt Ëmwelt keng Parteikaart huet. D'Ëmwelt ass jiddwerengem seng, egal, vu wou e kënnt. Wa mer herno net méi hei kënne liewen op deem Planéit, dann ass et egal, wou een ass. Et gëtt ëmmer méi wichteg, dat gesäit een all Dag, wéi wichteg d'Ëmwelt ass.

A mir sinn hei um richtege Wee, mengen ech, mat deem Opwand, dee mer hei maachen. Wou mer alles kucke ginn. Wann et do wär, hätte mer et jo fonnt a mir mussen dat awer nach maachen, well et ass net do.

A fir awer genau ze wëssen, a wat fir eng Richtung mer ginn, musse mer mol en État des lieux maachen an dann duerno wäerte mer och gesinn, wäerte mer Iech au fur et à mesure soen, a wat fir eng Richtung mer ginn. Mee alles hu mer do nach net.

Wéi gesot, mir hu Schwéierpunkte gesat. Dëse Schäfferot huet sech Schwéierpunkte gesat, enorm vill Schwéierpunkten. An d'Waasser, well dat ass dat, wat eis de Moment immens gehäit. Mir hu gesot, au fur et à mesure, wou mer virukommen, wäerte mer Iech do och ëmmer au courant halen. Mee ech soen, et ass schonn net näischt gemaach ginn. Mee et ass awer nach vill ze maachen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Ulveling nach eng Kéier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hat eppes vergiess. Ech wollt soen, dass mer déi nächst Gespréicher och mat Kronospan féieren, well no hirem Ausbau hu si d'Potenzial, fir 52 % vum Land mat Energie ze versuergen. A mir sinn amgaangen, mat hinnen ze diskutéieren, ob een do eventuell kéint déi Energie notzen.

Deen eenzege Problem, dee mir elo, à ce stade, gesinn, dat ass déi relativ wäit Distanz vun do bis heihinner. Et muss ee kucken, ob een do net ze vill Energie oder Hëtzt ënnerwee verléiert. Dat si jo awer dräi, véier Kilometer.

Dat wollt ech Iech just soen. Also mir sinn do drun. Dat ass praktesch zéngmol sou vill, wéi d'ArcelorMittal eis kéint liwweren. An do ass ee Creneau ze fannen.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

52 % vum Land?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, dat ass enorm. Jo.

Merci fir déi gutt Rotschléi. Merci fir déi gutt Iddien, déi hei elo gemeinsam ronderëm den Dësch opkomm sinn. Ech wëll Iech driwwer informéieren, dass mer als Schäfferot eng Reunioun plangen, eng Reunioun an en Austausch mat Iech zesummen. Och mat deene grousse Commercen, mat deene groussen Industriepartner, mat deene Kommerziellen, déi mer hei an der Gemeng hunn.

Fir déi mol alleguerte kennenzeléieren, an dann zesummen iwwert déi Problematik do ze schwätzen, en Austausch iwwer Erspuernisser vun der Energie an esou virun. Soubal mer do ee konkreeten Datum hu vun där Soirée, kritt Der dee matgedeelt. Bestëmmt eng interessant Saach, zum Wuel vun deem ganze Klimapakt.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures énergétiques et climatiques.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures d'optimisation en matière d'énergie.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures d'assanissements énergétiques.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures en relation avec l'éclairage public.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures en relation avec l'eau potable.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures en relation avec la consommation d"eau.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures de gestion des espaces verts.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que le collège échevinal va discuter avec Kronospan, qui a le potentiel pour approvisionner 52 % du pays en énergie. Le problème pour Differdange est que le site est relativement éloigné. Il faudra voir combien de chaleur et d'électricité seront perdues sur ces trois ou quatre kilomètres.*
*Le potentiel de Kronospan est dix fois supérieur à celui d'ArcelorMittal.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande s'il est question de 52 % du pays.*
*(Interruption)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que c'est énorme.*
*Il remercie les conseillers communaux pour leurs suggestions. Il les informe que le collège échevinal entend se réunir avec les entreprises et les commerçants pour apprendre à les connaitre. Le conseil communal est invité. Le collège échevinal lui communiquera la date dès qu'elle sera disponible.*
*(Votes)*

*Guy Altmeisch remercie les experts pour leur présentation.*
*Il passe au point 4, les projets communaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *s'excuse déjà pour le premier point, un devis adapté. Le collège échevinal a oublié de le présenter à temps au conseil communal et les travaux sont déjà finis.*
*Il est question de la rénovation de l'école des Garçons de Niederkorn, qui devait être réalisés en trois phases comprenant des travaux à l'intérieur, à l'extérieur, dans la cave et dans la salle de gymnastique. Les travaux ont malheureusement commencé pendant la pandémie.*
*Le devis initial a été présenté le 8 septembre 2020 et se chiffrait à 310 000 €. Il passe désormais à 412 000 €. L'augmentation s'explique par des travaux non prévus initialement comme la réfection de fissures dans les plâtres, le désamiantage des sous-sols, le revêtement mural acoustique dans la salle de gymnastique, le remplacement de fenêtres et de portes…*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures en relation avec la mobilité au sein de l'administration communale.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures en relation avec l'attractivité de l'espace public.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures en relation avec les directives d'achat.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures d'évaluation du Pacte climat.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures concernant la mise à disposition de ressources financières pour les initiatives individuelles dans le cadre du Pacte climat.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures concernant le concept de communication et de coopération.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures concernant la communication avec les citoyens et l'encouragement des initiatives individuelles.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décisions de principe portant sur un nouveau catalogue de mesures de participation citoyenne.*

Ech soen Iech Merci. Soen och eisen zwee Experte Merci fir déi Presentatioun, an dass dat positiv eriwwerbruecht ginn ass. Merci.

Da kéime mer zum Punkt 4, Gemengeprojeten a Relatioun mat eise Bauten. An ech géif eisem Bauteschäffen, dem Tom Ulveling, d'Wuert ginn, fir eis déi néideg Erklärungen ze ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Fir d'éischt muss ech e klenge Mea culpa maachen. Dat Éischt, wat mer hei hunn, dat ass een Devis adapté. Deen ass vergiess ginn, matzäiten an de Gemengerot ze bréngen, fir en ofzestëmmen. Déi Aarbechten, zum Gléck, kann ech soen, si schonn ofgeschloss. Post festum musse mer dat heiten arrêtéieren.

Et geet ëm d'Renovatioun vun der Nidderkuerer Jongeschoul. Déi sollt an dräi Phase realiséiert ginn. An enger éischter Phas sollt Interieur plus Extérieur gemaach ginn, duerno sollt d'Schoul renovéiert ginn, an als drëtt Phas sollten de Keller an den Turnsall renovéiert ginn. Dat ass leider an d'Covidzäit gefall. Den Devis initial war den 8.9.2020 hei presentéiert ginn, a mir mussen dee liicht adaptéieren.

Deemools waren 310.000 Euro virgesinn, elo ass et op 412.000 Euro eropgaangen. Et sinn Travaux non prévus au budget initial gemaach ginn. Dat heescht Réfection des fissures dans les plâtres, partie école. Dann Travaux

de désamiantage sous-sols, Revêtement mural acoustique dans la salle de gym a Remplacement des portes en chêne massif. Dat heescht, dat war fir 140.000 Euro.

Soudass dee gesamten Devis sech, mat der TVA, op 650.000 Euro wäert belafen. Déi Schoul ass elo komplett renovéiert an dréit och dozou bäi, dass mer elo do och manner Energie wäerte verbrauchen

Ech géif Iech bieden, dat ze stëmmen, och wann et post festum ass.

An ech wollt awer nach soen: Fir déi Zousazaarbechte kréie mer vum Sportsministère e Subsid vun 90.000 Euro. Ech wär frou, wann Der dat kéint stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Eng Fro. Ech wollt froen, wéini d'Schoul erëm komplett funktionell, operationell ass.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat hei war elo d'Jongeschoul, mee Dir schwätzt vun der Meedercherschoul. Ech kann Iech dat awer soen. Déi wäert fäerdeg ginn Enn dëses Joers. An et ass geplangt, dass ufanks d'nächst Joer de Betrib opgeholl gëtt. Dat heescht, dat éischt Trimester praktesch, wäert nach an deenen ale Strukture stattfannen. An da gëtt alles geplënnert an der Vakanz. Am Prinzip an der Chrëschtvakanz. Soudass ee kann unhuelen, dass et spéitstens no der Fuesvakanz do lassgeet.

D'Schoul ass u sech fäerdeg. Mee d'Maison relais ass nach net fäerdeg. Mir hunn decidéiert, alles zesummen opzemaachen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir verzeien dem Här Schäffen Ulveling dee klenge Lapsus do, dee klenge Retard. Mee ech muss soen, mir hate jo och schonn d'Geleeënheet gehat, wéi schéin den Turnsall ginn ass. A konnten och bewäerten, wat déi akustesch Moossname bréngen. Dat ass kloer, an Zukunft plange mer dat vu vir eran, dann ass dat kee Supplement. Mee dat ass eppes, wat onbedéngt néideg ass bei esou Säll.

De Kellerberäich, wou jo och nach Mesurë ware vu Compartimentage, Anti-feu, huet de Projet och relativ verdeiert. Ech mengen awer, mat deem Ofschloss hei vum Kellerberäich a vum Turnsall, ass déi sougenannte Bouweschoul elo op engem Niveau, wéi Dir selwer gesot hutt, wou mer kënne soen, da si mer fir déi nächst Joren do, ech wëll net soe roueg, mee am séchere Beräich. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Wann et keng weider Wuertmeldung méi gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire concernant la rénovation et la mise en conformité du sous-sol de l'école des Garçons de Niederkorn.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 4b. Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här Buergermeeschter, en däregen Dossier, e komplizéierten Dossier. Wou mer elo iwwer ee Joer amgaange sinn. De Probleem war, et ass eng Mauer ëmgefall op 93, Rue de la Montagne op der Terrass. An de Bierg, deen hannert der Mauer ass, gehéiert der Gemeng.

Do hu mer fir d'éischt emol missen iwwer eise Jurist feststelle loossen, ob mir dann elo responsabel wären oder

*Le devis total est donc maintenant de 650 000 € TTC. L'école est entièrement rénovée et consommera moins d'énergie.*
*Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver des travaux après coup.*
*Le ministère subventionne les travaux supplémentaires avec 90 000 €.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande quand l'école sera complètement fonctionnelle.*
*(Interruption)*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle qu'il n'est pas question de l'école des Filles.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling explique qu'il parle de l'école des Garçons.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling précise que l'école des Filles sera terminée à la fin de l'année et entrera en fonction au début de l'année prochaine. Le premier semestre se tiendra dans l'ancienne structure. Le déménagement aura lieu pendant les vacances de Noël.*
*L'école est finie, mais pas la maison relais. Le collège échevinal veut ouvrir les deux structures en même temps.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *pardonne le petit retard.*
*La nouvelle salle de gymnastique est belle. Les mesures acoustiques fonctionnent. À l'avenir, il faudra les planifier dès le départ.*
*Les caves, où il a fallu prendre des mesures antifeu, ont aussi contribué à augmenter les couts.*
*En tout cas, l'école des Garçons ne posera plus de problèmes pendant de nombreuses années.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 4 b.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'un mur s'est écroulé dans la rue de la Montagne.*
*La colline derrière ce mur appartient à la commune. Le collège échevinal a demandé au juriste quelle était la responsabilité de la commune. Comme il y a eu un glis-*

*sement de terrain, c'était à la commune de réparer le mur.*
*Le devis se chiffrait à 400 000 €. Cette somme a été jugée trop élevée et le collège échevinal a annulé la soumission. Un deuxième appel a été lancé avec une offre cette fois-ci de 130 000 € hTVA. Malheureusement, le mur empiétait sur la terrasse d'un riverain sur une longueur de deux mètres. Le collège échevinal a alors proposé au propriétaire d'acquérir ces deux mètres à un bon prix, mais le propriétaire a refusé.*
*Finalement, il a fallu demander un nouveau devis, qui se chiffre cette fois-ci à 266 000 € hTVA ou 311 000 € TTC. C'est tout de même 100 000 € de moins que le devis initial. Le mur doit être renforcé, ce qui nécessite des forages. Les frais d'avocat se montent à 26 000 € et ceux du bureau technique à 21 000 €. La commune devra aussi refaire le jardin du propriétaire pour 50 000 €, ce qui fait grimper les couts totaux à 430 000 € pour un mur.*
*Les discussions durent depuis un an, mais la commune n'a pas pu trouver de solution plus favorable économiquement.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à des travaux autour de l'église de Lasauvage.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le devis initial n'incluait que la phase 1 des travaux, c'est-à-dire le parvis de l'église Sainte-Barbe. Cependant, le collège échevinal précédent a décidé de profiter du chantier pour réaménager toute la place. Il a choisi un revêtement perméable, mais plus solide qu'un simple gazon.*
*Au départ, la commune voulait utiliser de la pierre bleue, mais l'INPA a exigé des pavés, ce qui a entrainé un surcout de 67 000 €.*
*Il a aussi fallu refaire le raccordement au canal et adapter les niveaux pour un surcout de 8000 €.*
*Finalement, le supplément se chiffre à 175 332 € avec un subside de la part de l'INPA de 88 000 €. La part de la commune s'élève donc à 87 332 €.*

ob d'Mauer vläicht net esou gebaut wär ginn, dass se dem Talus géif standhalen. Leider ass, wéi et esou vill gereent hat, den Talus gerëtscht. A vu dass et eisen Talus ass, musse mir déi Mauer dem Proprietär ersetzen.

Mer haten dat ausgeschriwwen an déi éischt Offer war iwwer 400.000 Euro. Fir eng Mauer! Dat hat mir e bësse vill geschéngt. Déi Soumissioun gouf dunn annuléiert. Do hu mer en zweeten Appell gemaach, do krute mer eng Mauer offréiert fir 130.000 Euro ouni TVA, wat jo sensiblement ënner dem initialen Devis louch, wat jo also gutt war. Mee de Probleem war, dass deen, deen den Zouschlag kritt huet, op eemol festgestallt hat, dass en am Fong op zwee Meter empietéiert huet mat senger Mauer op der Terrass vun dem Besëtzer vun där Rue de la Montagne.

Du sinn ech dann higaangen, hu mam Mann verhandelt a gesot, d'Gemeng ass bereet, den Terrain, dee mer dann empietéieren, déi zwee Meter vu senger Terrass, zu engem ganz gudde Baupräis ofzekafen, wann en d'accord wär. Wat eis iwwer 120.000 Euro erspuert hätt. Mee do hu mer awer e Refus kritt.

An elo läit en neien Devis vir, deen dann aktualiséiert ginn ass vun 266.000 Euro ouni TVA, dat heescht op 311.000 Euro fir déi Mauer do. Dee läit elo hei vir zur Ofstëmmung. Wat awer nach iwwer 100.000 Euro manner ass wéi den initialen Devis.

Déi Mauer muss renforcéiert ginn. Do musse Foragë gemaach ginn. Dir gesitt och, mir hu Frais d'avocat fir 26.000 Euro an deem Dossier hei. An den Technikbüro 21.000 Euro. Da musse mer dem Mann seng Plantatiounen a säi Gaart nach deelweis nei maachen, wat 50.000 Euro kascht. Soudass mer finalement, fir eng Mauer ze remplacéieren, déi stolz Zomm vu 430.000 Euro mussen ausginn.

Wat, wéi gesot, leider net anescht méiglech war. Mir hunn ee Joer laang gestridde mam Mann. Mee mir si leider net zu enger Solutioun komm, déi e bësse méi ekonomesch, e bësse méi favorabel gewiescht wier fir d'Gemeng. Soudatt ech Iech awer bieden, trotzdeem dann déi, menger Meenung no extreem deier, Mauer ze stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Gëtt et Wuertmeldungen a Relatioun mat deem Devis? Nee. Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis concernant la reconstruction d'un mur de soutènement dans la rue de la Montagne à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 4c. Ech géif d'Wuert nach eng Kéier un den Här Ulveling ginn, fir eis d'Aarbechte ronderëm d'Kierch vu Lasauvage ze erklären.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et geet ëm d'Église St. Barbe zu Lasauvage. Am initialen Devis war just d'Phas 1 geplangt, dat heescht just déi Fläch, wou de Parvis geluecht ginn ass. Well awer op der Mulchplaz d'Installatioun vum Chantier war an d'Tranchée huet misse gezu gi fir den Éclairage public – dëst am Respekt mam Wuerzelraum vun de Beem ronderëm, wat weesentlech méi ee groussen Opwand war –, hu mer mam leschte Schäfferot decidéiert, déi ganz Plaz fäerdeg ze maachen, fir net zweemol mussen unzefänken.

A mir haten och decidéiert, sengerzäit, dass mer keng Wiss wéilte maachen, mee e Stabilizer, dee méi befuerbar ass an och méi Drainage erlaabt. Doduerch koum nach e Supplement op Demande vun INPA. Mir wollten initialement Pierre bleue dohinner leeën, INPA huet eis awer gesot, mir misste Pawee leeën. Dat huet eis 67.000 Euro méi kascht. De Kanaluschloss vun der Kierch huet musse frësch gemaach ginn, dee war futti. D'Toilette ass am Devis bliwwen. D'Niveaue ronderëm hu missen ugepasst ginn, wat eng Zousazausgab vun 8.000 Euro mat sech bruecht huet.

Am Ganzen hu mer also elo e Supplement vun 175.332 Euro. INPA huet eis awer e Subsid vun 88.000 Euro versprach. Wat theoreetesch géif bedeiten,

dass mer 87.332 Euro misste bäileeën, fir déi Plaz hei ze maachen.

Dat ass anscheinend awer gerechtfäerdegt. Ech bieden Iech, dat dann och ze stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Wann net, kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire concernant les travaux d'aménagement extérieur de l'église de Lasauvage.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 5 vum Ordre du jour. Géif ech d'Wuert nach eemol un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Hei geet et ëm e Morcellement vun Terrainen an der Avenue de la Liberté. Dat sinn déi Terrainen, déi Ënnerdaach gehéieren, niewent der Shell-Statioun. Déi sollen all zesummegeluecht ginn. Et ass do, wou fréier de Garage Schaack war an nach ganz virdrun den Här Liberatore mat sengem Vëlosgeschäft. Déi Parzelle sollen zesummegeluecht ginn, dass Ënnerdaach do en neie Projet ka maachen. Si hu gefrot, ob mer d'accord wären, dat esou zesummenzeleeën. Géif Iech och bieden, dat hei guttzeheeschen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ginn d'Wuert dem Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir begréissen, dass Ënnerdaach do wëll e Wunnprojet maachen. Mir wëssen, dass do en absolutte Besoin ass. Ënnerdaach bekëmmert sech ëm Leit, déi keng Wunneng hunn an, ënner gewëssene Krittären, vun hinnen ënnerbruecht ginn, wou se, duerch esou Projeten, erëm zu enger Wunneng kommen. A si begleede se och an deenen Initiativen.

D'Morcellement leeft hannen zum Vëloswee, fir déi gesamt Fläch, wat jo zwee Deeler sinn, zu engem zesummenzefügen. Den Här Ulveling huet scho gesot, dass do fréier de Garage Schaack war. Ech wollt Iech awer eng Kéier soe wat do entsteet. Mir hunn e viischten Deel, dat ass dat Gebai wat un d'Strooss grenzt, wou dee Vëlosbuttek war, an no hannen hu mer d'Atelieren, déi zur Garage gehéiert hunn, déi Atelieren dat ass en eelere Bau, dat Ganzt géif dann ofgerappt ginn, no vir kéim eng kleng Residenz vun zwee Stäck plus ee Retrait awer mat zwee Sous-sollen, well den Terrain no hannen en Hang ass, an no hannen offält, esoudass op deenen zwee an en hallwe Stack plus ee Sous-sol, kéinten do Appartementer dra kommen. Dat wären am Ganzen eelef Appartementer. Dovun dräi Studioen. A wéi gesot et sinn Appartementer, et sinn der zwee mat zwou Schlofkummeren a souguer sechs mat dräi Schlofkummeren. Dir gesitt, et ass wierklech ugepasst un d'Besoine vun de Leit.

No hanne kéimen dann nach, änlech wéi dat bei deem Projet vu fréier Wako war, kéimen dann nach Bürosflächen. An der zweeter Rei kéinte jo keng Wunnengen entstoen, dat hei ass an der zweeter Rei, do steet ee Gebai, an dat Gebai gëtt u sech benotzt a sengem Volume, fir do dann herno nach Bürosflächen ze maachen.

Ech menge mir sollten deen do Projet stëmmen. D'Bautekommissioun huet schonn e positiven Avis vun de Pläng ofginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Da geet d'Wuert un den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Och vun der Säit vun déi Lénk begréisse mir, dass deen do Projet elo weider-

*Mais apparemment, cela en vaut la peine.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 5.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit d'un morcèlement de terrains dans l'avenue de la Liberté à côté de la station-service Shell. Il s'agit de l'endroit où se trouvait le garage Schaack.*
*Le rassemblement des parcelles permettra à Ënnerdaach de réaliser un projet.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue le fait qu'Ënnerdaach veuille réaliser un projet de construction. Ënnerdaach s'occupe de gens ne possédant pas de logement. Pour profiter des logements d'Ënnerdaach, ces personnes doivent remplir certaines conditions.*
*Monsieur Ulveling a expliqué qu'il s'agit du site de l'ancien garage Schaack. Erny Muller signale qu'il y a le bâtiment où se trouvait l'ancien magasin de vélos et les ateliers du garage. Les ateliers seront remplacés par une résidence de deux étages, un retrait et deux sous-sols, car une colline se trouve derrière. En tout, la résidence accueillera 11 appartements, dont 3 studios. Deux des appartements comprendront deux chambres à coucher et six appartements, trois chambres. Ils sont donc adaptés aux besoins des résidents.*
*La résidence abritera aussi des surfaces de bureau dans une partie ne pouvant pas accueillir de logements.*
*La Commission des bâtisses a avisé positivement les plants.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue à son tour ce projet.*

*Malheureusement, il n'a pas été possible d'aménager le nombre de logements espéré. Mais les règles valent aussi pour les logements sociaux. Finalement, il a fallu trouver une solution pragmatique. Le morcèlement est une bonne chose.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime que monsieur Muller a bien expliqué le projet. Le CSV l'approuvera.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux finances communales. Les conseillers communaux disposent d'un tableau reprenant les bonifications.*
*Les recettes se chiffrent à 500 000 €. Elles proviennent des budgets précédents.*
*Du côté des dépenses, on retrouve 600 000 €, qui n'étaient pas prévus. En effet, le prix de l'électricité a explosé. Il a été multiplié par huit par rapport à l'année dernière.*
*Avant-hier, Guy Altmeisch a cependant négocié un nouveau prix. À l'avenir, la commune payera un tiers de ce qui est demandé actuellement.*
*En ce qui concerne le budget extraordinaire, Guy Altmeisch mentionne les subventions pour l'école des Filles de Niederkorn.*
*Les dépenses extraordinaires sont impactées par l'explosion des prix de la construction.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *voudrait savoir comment la commune achète l'électricité. À la bourse ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que des experts suivent l'évolution de la bourse chaque jour.*

geet, dee war laang blockéiert, dass eng Léisung fonnt ginn ass. Et ass net dee ganze Wunnraum méiglech gewiescht, deen do envisagéiert ginn ass, mee jo, dat ass heiansdo esou, wann ee Reegele fir jidderee festleet, dann trëfft dat leider och heiansdo de soziale Wunnengsbau. Do muss een, mengen ech, awer kucken, dass ee méi pragmatesch Léisunge fënnt a méi schnell ka weiderkommen, well dat doten awer elo länger ënnerwee war, dass elo eng Léisung fonnt ginn ass. Dass mer mat deem Morcellement elo an déi Richtung kënne goen, begréisse mir jiddefalls an ënnerstëtzen dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Moien alleguer. Ech hänke mech un dem Här Muller seng Wierder. Hien huet eis ganz gutt erkläert wat op dëser Plaz geschéie wäert. Mir ënnerstëtzen dat Morcellement vun Ënnerdaach. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains situés dans l'avenue de la Liberté à Niederkorn.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 6, wou ech Iech e puer Erklärunge ginn zu de Finanze vun der Gemeng. Um Punkt a) hu mer d'Bonifikatioun vum Budget. Dir hutt d'Tabloe virun Iech leien, fir déi ze kucken. Ech wollt just e puer Erklärunge ginn zu dem Tablo vun de Modifikatioune vum Budget ordinär. Do gesi mer do hu mer eng Recette, ech ginn elo net an d'Detailer, vu 500.000 Euro. Dat si Recettë vun deene Budgete virdrun, déi mer erakréien.

Par konter, bei den Depensen hu mer eng Depense vu 600.000 Euro méi, déi net previsibel war. Dat ass, well de Stroumpräis esou explodéiert ass. Ech hu mer dat erkläre gelooss vu Fachleit, datt et bal dat Aachtfacht ass vum Präis, deen d'lescht Joer do war. An dee Präis op der Bourse gehandelt gëtt. An dass dat eeben d'Folleg ass vun där Explosioun vun deenen Energiepräisser, déi mer momentan hunn.

Ech kann Iech awer soen, fir d'Zukunft, net méi spéit wéi virgëschter hunn ech déi lescht Offer ënnerschriwwen, déi mer da fir d'Zukunft hunn, dass mer do awer an engem Drëttel nëmme méi si vum Präis, wéi deen, dee mer elo nobezuele mat deene 600.000 Euro. Dat zur Erklärung zu där weiderer Depense, déi mer hunn am Budget ordinaire.

Am Extraordinär sinn nach verschidde Recettë vu Subventiounen, déi mer kritt hu vun der Meederchersschoul vun Nidderkuer, déi mer als Recette hunn. D'autant plus Subventioune vum Staat, déi mer erakritt hunn. Bei den Depensen ass natierlech och d'Explosioun vun de Konstruktiounskäschten, wat jo allgemeng bekannt ass, dass mer do och musse méi Suen derfir ausginn. An dass et eeben och, jo, méi schnell gaangen ass. Dofir hu mer da manner Depensen. Mee dat alles ass op d'Ekonomie zréckzeféieren, déi Explosiounen am Bausecteur, vun deene verschiddene Präisser, an dass mer déi Upassunge selbstverständlech da musse bezuelen.

Hutt Der Froen, si Wuertmeldungen zu deene Modifikatiounen? Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Eng Fro, wou mer elo vum Elektresche rieds haten: Wéi gëtt dat hei an der Gemeng gehandhaabt? Gëtt de Stroum op der Bourse akaf oder gëtt et do een, dee sech dorëms këmmert?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir hu Fachleit, déi do Jour fir Jour d'Evolutioun op der Bourse verfolle-

gen. Hei am Land gëtt et zwee Ubidder vu Stroum. Dat eent ass d'Creos, dat anert ass d'SUDenergie, wou mir jo Partner sinn. Mer kucken, dass mer do e räsonabele Präis fannen, dass mer zu deem Moment, deen eis gënschteg erschéngt, dass mer do eng Ënnerschrëft leeschten, fir an Zukunft och Energie ze garantéieren. Wat jo och wichteg ass an och zu engem räsonabele Präis.

Wéi et elo virugeet domadder, dat ass schwéier soen. Wann eppes op der Bourse gehandelt gëtt, dann ass et a Relatioun zu der Demande an der Offer, wéi de Präis sech entwéckelt. Dat kann heiansdo explosiounsaarteg no uewen oder no ënnen ausschloen.

Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, da géife mer zur Ofstëmmung komme vum Punkt 6a, der Modifikatioun. Da géife mer de 6b, d'Augmentatioun vum Crédit extraordinaire, mat bäihuelen. Et ass dat, wat ech Iech elo an der zweeter Phas erkläert hunn.

**JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SEKRETÄR):**

Also de 6a an de 6b zesummen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la première modification du budget ordinaire de l'exercice 2023.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver diverses augmentations/diminutions de crédits extraordinaires.*

Ech soen Iech Merci. D'Punkte 6c a 6d, d'Fixatioun vun dem Impôt commercial an d'Fixatioun vun der Grondsteier, den Impôt foncier. Do géif ech proposéieren, dass mer dee selwechten Taux behalen a Relatioun zu der ekonomescher Entwécklung an zu der Situatioun um Marché. Dass mer den Taux identesch géife behale wéi dee vun 2023.

Wann et dozou keng Wuertmeldunge gëtt, géife mer direkt zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de fiyer le taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2024.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité de fiyer le taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2024.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 7. Dat ass eng Adaptatioun vum Organigramm. Dofir géif ech d'Wuert un den Här Hartung ginn.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Hei hu mer zwou Créations de poste, déi béid éischter eng administrativ Formalitéit duerstellen. Et handelt sech ëm de Beräich vun de Seniore, fir Servicer, déi wichteg sinn.

Déi éischt ass fir eng Persoun, déi an enger sozialer Emplacementsmesure war, a wou de Kontrakt aus engem TUC, also engem Travaux d'utilité collective, an en EMI, wat u sech eng Mesure vun der ADEM fir Emploi insertion ass, ëmgewandelt gëtt. Deemno eng fest Ustellung fir d'Persoun, wat jo de Sënn an Zweck vun esou Mesuren ass.

Dës bedéngt dann eng Création de poste. Dat, well dës Persoun zum engem déi Aarbecht gutt mécht an zum anere festgestallt gouf, datt dës Aarbecht Sënn mécht an och zukünfteg soll bleiwen. Konkreet handelt et sech hei ëm de Poste vum Begleeder vum Dinola.

Deen anere Posten ass, well eng Mataarbechterin fir länger Zäit ee Congé sans solde ugefrot huet. A fir dass dëse Posten am Service weider

*Le Luxembourg compte deux fournisseurs : Creos et SUDenergie. La commune signe un contrat au moment où les prix semblent raisonnables. Mais il est difficile de savoir comment la situation va évoluer. Le prix se développe en fonction de l'offre et de la demande. C'est ce qui explique les explosions de couts.*
*(Votes)*
*Guy Altmeisch passe à l'impôt commercial et à l'impôt foncier. Il propose de conserver les taux de 2023.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à une adaptation de l'organigramme.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise qu'il s'agit de deux créations de postes pour le service Senior Plus.*
*Le premier poste concerne une personne disposant d'un contrat dans le cadre du TUC. Ce contrat est transformé en EMI, une mesure de l'ADEM. Le poste est à durée illimitée.*
*La création de postes s'explique par le fait que la personne en question fait du bon travail et que ce travail s'est révélé utile. Concrètement, il s'agit du poste d'accompagnateur de Dinola.*

*La deuxième création est due à la demande de congé sans solde d'une collaboratrice. Il faudra remplacer celle-ci.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux actes et conventions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il est question d'un terrain dans la route de Bascharage, que la commune achète à l'État. Il se trouve à l'intersection avec la rue des Ateliers et fait 1,76 a. Il permettra d'accéder plus facilement à la rue des Ateliers et d'aménager des places de stationnement.*
*Le devis se monte à 44 000 €.*
*(Vote)*
*Tom Ulveling passe à un terrain de 75 m², que la commune vend pour 60 000 €. En effet, le propriétaire du terrain derrière en a besoin pour réaliser un projet de construction.*
*Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver cette vente. L'argent servira à acquérir le terrain précédent.*
*(Vote)*

besat bleift, musse mer, fir dës Persoun kënnen ze ersetzen, een neie Poste schafen. Wou een dann nei drop agestallt gëtt.

Ech géif Iech bieden, dës zwou Créations de poste matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Hartung Merci, fir déi Erklärungen. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Dat ass net de Fall. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création de deux postes de salarié CCT Sud A3 agent polyvalent EMI pour les besoins du service Senior Plus.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création de deux postes de salarié CCT SAS C6 assistant social.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 8, Actes et conventions. Wéi der um Ordre du jour gesitt, dat geet bal d'ganzt ABC erof. Ech géif dem Här Ulveling mol d'Wuert gi fir unzefänken. An da kucke mer, wéi mer do virufueren. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm en Terrain, dee mer dem Staat ofkafen an der Route de Bascharage, do wou et an d'Rue des Ateliers erageet. Et ass ee klengt Stéckchen, 1,76 Ar, wat mer brauchen, fir den Accès an déi Rue des Ateliers e bëssen anescht oder besser ze gestalten. Plus dann och nach e puer Parkplazen dohinner ze maachen. Soudatt ech Iech géif bieden, déi 44.000 Euro, déi dat eis kascht, guttzeheeschen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen? Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide de l'unanimité d'approuver l'acte de cession avec l'État portant sur un terrain au lieudit Route de Bascharage à Niederkorn d'une superficie totale de 1,76 a.*

Ech soen Iech Merci. Da géif ech dem Här Ulveling nach eng Kéier d'Wuert ginn, fir eis déi nächst Akten a Konventiounen ze erklären. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat ass e Stéck Terrain, dee mer verkafen, fir 60.000 Euro, eng Superficie vu 75 Meterkaree. De 17.5. hate mer schonn en Deklassement vun der Parzell am Gemengerot gehat. Dat ass esou eng kleng Nues, déi eis gehéiert huet, wou de Proprietär vum Terrain hannendrun am Fong näischt ka maachen, wann hien déi Nues net huet, well soss muss en iwwer eisen Terrain fueren. Dofir hu mer decidéiert, fir dass hie kann do bauen, him dat klengt Stéckelchen do ze cedéieren. Den Trottoir ass net empietéiert. Wéi gesot, et geet just dorëms, dass dee gudde Mann deen Terrain viabiliséiere kann.

Ech géif Iech bieden, deen Akt hei ze ënnerstëtzen. Mat deene 60.000 Euro kënne mer dann och déi 40.000 Euro bezuelen, déi mer virdrun ausginn hunn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de vente d'une parcelle située à Niederkorn au lieudit Route de Pétange d'une superficie de 0,75 a.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zu de Punkten c an d. Ech géif Iech proposéieren, wann Der näischt dergéint hutt, well mer do zweemol mat ArcelorMittal verhandelen, dass mer eis déi Erklärungen zesumme géifen ulauschteren an och zesummen zum Vott oder zur Stellungnam géife kommen. Wann Der näischt dergéint hutt, dat géif dat Ganzt och e bësse méi schnell a méi zügeg maachen. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet zweemol ëm e Contrat de prêt à usage ou commodat mat der Societéit ArcelorMittal.

Wou op där enger Säit an der Avenue Charlotte – dat ass do, wou mer déi nei Containeren am Schoulhaff opgeriicht hunn – elo véier nei Klassesäll hikommen. Dir wësst, déi al Container goufen an der Vakanz demontéiert. Déi ware wierklech ganz schlecht. An déi nei Containere sinn amgaange fäerdeggestallt ze ginn. Soudass mer do Terraine gebraucht hu vun der ArcelorMittal, fir déi Containeren opzeriichten. D'Contenance vun deem Terrain ass 39,30 Ar. De modulabele Schoulbau ass zirka 45 Meterkaree. De Kontrakt leeft bis den 30. Juni 2027 a verlängert sech jeeweils ëm fënnef Joer.

A wat wichteg ass, dofir wëll ech ArcelorMittal Merci villmools Merci soen: Mir kréien dee Prêt do gratis. Et ass also keng Indemnitéit, déi hei verlaangt gëtt.

Dat selwecht ass bei de Container, wou fréier Ebos war. Dat ass och den Terrain vun ArcelorMittal. Do hu mer och misse verlängeren. Et ass den Terrain, wou elo déi Container drop sinn a wou d'Fondatioun Emile Metz mat hire Coursen ugefaangen huet. Dee kréie mer zur Verfügung gestallt, och gratis. Virdrun hate mer 1.000 Euro pro Mount bezuelt. An dofir och nach eng Kéier villmools Merci un ArcelorMittal.

Ech wëll just erklären: Et si keng Parkinge méi hanner deem Container, do gouf e Preau opgeriicht. Dee Parking hanner dem alen Direktiounsgebai, dee gëtt wärend der normaler Schoulzäit als Schoulhaff benotzt. Do ass eng Barriär installéiert ginn. No der Schoulzäit gëtt deen opgemaach fir de Public, dass d'Leit do kënne parken, wa se zum Beispill an de Restaurant ginn. Dat ass en Accord, dee mer fonnt hu mat der Fondation Emile Metz. Do musse mer och eisem Bildungsminister an Educatiounsminister Merci soen, deen do och gehollef huet, fir dass dat hei op Déifferdeng kënnt.

Mir kënnen dat nëmmen ënnerstëtzen. Ech menge schonn, dass mer dat och alles kënne stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling, fir déi Erklärungen. Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP begréisse mer déi Accorden, deen éischten am Kader vum Casino. Mee virun allem deen zweete Punkt hei, wou mer déi Fläch zur Verfügung gestallt kréien, wou mir dat Gebai jo schonn hate vun Ebos, wou mer elo erweideren. A mer wësse jo, iwwert de Loyer kréie mer déi Käschte rembourséiert, déi d'Gemeng do engagéiert huet an deem Gebai.

Wat eis awer elo d'Méiglechkeet gëtt, fir den Institut Emile Metz hei zu Déifferdeng definitiv ze implantéieren. Ech schléisse mech deene Wierder un, fir all deenen, déi do matgehollef hunn, Merci ze soen. Och dem Bildungsminister, awer och virun allem ArcelorMittal, well dat war net ëmmer esou, dass mer esou einfach dat doten arrangéiert kritt hu mat hinnen. Och iwwer eng gewëssen Zäit. Ech mengen, et si siwe Joer. Dann hoffe mer, dass no deene siwe Joer zu Déifferdeng en neit Schoulgebai do steet. Déi Formatioun, déi elo do

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux points c et d. Comme il s'agit de deux points concernant ArcelorMittal, il propose de les traiter ensemble.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit de deux contrats de prêt à usage ou commodat. Le premier concerne l'avenue Charlotte, là, où se trouvent les nouveaux conteneurs scolaires. Les anciens conteneurs ont été démontés pendant les vacances, car ils étaient en mauvais état. Pour réaliser les travaux, la commune avait besoin de terrains appartenant à ArcelorMittal.*
*Le terrain fait 39,30 a. La construction modulaire a une superficie de 45 m². Le contrat est prévu jusqu'au 30 juin 2027 et est renouvelable pour cinq ans.*
*Tom Ulveling remercie ArcelorMittal, car le terrain est cédé gratuitement.*
*Il passe aux anciens conteneurs d'Ebos. À l'avenir, ils seront occupés par la Fondation Émile-Metz. La mise à disposition est désormais gratuite. Avant, la commune payait mille euros par mois. Tom Ulveling remercie une nouvelle fois ArcelorMittal.*
*Les places de stationnement derrière les conteneurs sont remplacées par un préau. Le parking du bâtiment de la direction servira de cour de récréation pendant les heures de cours, mais il pourra être utilisé par le public autrement.*
*Tom Ulveling remercie le ministre de l'Éducation nationale, qui a facilité l'accord.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue ces deux accords et en particulier le second. La commune verra ses frais compensés par le loyer et, en plus, le Lycée Émile-Metz s'implante définitivement à Differdange.*
*Erny Muller remercie le ministre de l'Éducation nationale et ArcelorMittal.*
*Le conseiller communal espère que dans sept ans, Differdange disposera d'un nouvel établissement scolaire. Actuellement, ce sera surtout l'informatique qui y sera enseignée, mais il espère qu'à l'avenir d'autres domaines techniques viendront s'y ajouter. La commune discute depuis des années de l'importance*

*d'une telle école à Differdange. Elle permettrait aux jeunes Differdangeois de se former dans leur ville. Le LSAP salue ce projet.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que l'État a pratiqué des investissements conséquents pour réaménager les locaux et ajouter un étage. Il fallait des portes de sécurité et des sorties de secours. En tout, les frais s'élèvent à quatre-millions d'euros. La Fondation Émile-Metz a été submergée de demandes pour tenir les cours en question.*
*C'est une bonne chose assurant la pérennité du projet.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *remercie à son tour ArcelorMittal et le ministère de l'Éducation nationale. Il espère que le Lycée Émile-Metz disposera bientôt d'une structure fixe à Differdange.*
*François Meisch constate que des tentes se trouvent sur le parking derrière la villa Hadir.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme les propos de monsieur Meisch.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande pourquoi.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que 400 personnes sont invitées à l'inauguration.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ajoute que le ministre sera présent.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise qu'une réception est prévue ce jeudi.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch cède la parole à madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *salue l'ouverture du lycée Émile-Metz à Differdange. Pour elle, il s'agit d'un nouveau quartier, car elle y travaille et le trouve particulièrement vibrant.*
*Elle se demande toujours comment répliquer cela dans le centre-ville. Il faudrait que les élèves et les étudiants qui viennent à Differdange en train, en bus ou en voiture se rendent aussi dans le centre historique.*

ugeduecht ass, dat ass jo haaptsächlech an der Informatik: Mee mir hoffen, dass mer awer och nach aner Sparten am technesche Beräich, héich technesche Beräich, wat de Standard vun där Schoul ass, dass mer esou Formatioune kënnen hei zu Déifferdeng ubidden.

Dat wär eng Saach, wou mer scho laang Joren eis iwwerluecht hunn, dass dat wichteg wär fir eis Gemeng. Wa mer dat fäerdegbréngen, dann hätte mer fir d'Zukunft vun eise jonken Awunner hei, an och vun deenen aneren, vill fir d'Weiderbildung gemaach. Also ech mengen, dat wär eng ganz gutt Schoul, déi mer dann hei zu Déifferdeng kéinten implantéieren. Mir kënnen dat nëmme begréissen als LSAP. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt nach just ergänzend zum Här Muller soen, dass de Staat vill investéiert huet. Do ass jo e ganze Stack drop gebaut ginn, wéi Der gesinn hutt. Et ass alles nei reamenagéiert ginn. Do hu Sécherheetsdiere missen erakommen an Noutausgäng. Dat war en Invest, wann ech mech richteg erënneren, vun ëm déi véier Milliounen Euro. Dat heescht, de Staat léisst sech dat eppes kaschten.

Mir wësse vun der Fondatioun Emile Metz, dass se iwwerrannt si ginn, praktesch, vun Demanden, fir déi Coursen, déi se do ubidden. Dat ass jo e positiivt Zeechen. An ech mengen, dat wäert och d'Perennitéit vun där ganzer Saach do assuréieren. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech schléisse mech de Mercien un, natierlech ArcelorMittal an deenen zwee Fäll an dann, allez hëpp, och dem Bildungsminister. Ech hoffen, datt d'Institutioun Emile Metz à moyen terme dann och eng fest Struktur hei zu Déifferdeng kritt, well dat passt jo wéi d'Fauscht op d'An heihinner.

Eng kleng Fro: Um Parking hanner der Villa Hadir steet elo alles voller Zelter. Fir wat ass dat?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass eng grouss Inauguratioun, wou 400 Leit invitéiert sinn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Den Här Minister kënnt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Op Invitatioun vum Här Minister ass do en Empfang an dann eng offiziell Ouverture en Donneschdeg. Nach eng Wuertmeldung? Merci, Här Meisch. Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Mir begréissen déi Installatioun vum Lycée Emile Metz an deem neie Quartier. Fir mech ass dat awer nach ëmmer en neie Quartier, wou immens vill Pulsatiounen a vill Fluxen am Moment herrschen. Ech schaffe jo selwer do. Ech fannen dat immens flott, wéi dee Quartier pulséiert. Ech stelle mer awer ëmmer erëm d'Fro, wéi et méiglech ass, dass een dat, wat do um Plateau an an deem Quartier geschitt, dann och Richtung Zentrum kritt.

Ech denken, doriwwer muss ee sech nach eng Kéier Gedanke maachen, dass déi Schüler an déi Studenten, déi – ech hoffe jo – mam Zuch a mam Bus ukommen, mee warscheinlech awer och mam Auto, wéi een et fäerdegbréngt, déi awer och e Stéck an den Zentrum ze kréien. Fir deen alen Zentrum erëm ze beliewen.

Ech huelen un, dass do de Schäfferot warscheinlech aktiv amgaangen ass, mam City-Management oder mat der

Cellule économique, oder wéi Der se och ëmmer wëllt nennen, drun ze schaffen, fir dat e bësse méi attraktiv ze maachen. D'ass d'Studenten och méi an den Zentrum kommen an net just do en On an Off maachen, ouni wierklech hei um Stadliewen ze participéieren.

An ech denken, dass hei nach eng Kéier d'Plaz ass, fir eiser aler Buergermeeschtesch Merci ze soen, well si awer immens dru bedeelegt war, un deem Prozess do vun der Installatioun, zesumme mam Här Minister Meisch, dass dee Lycée sech installéiere kënnt. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Ech wëll nach kuerz soen, niewent deene ville Mercien, war ech iwwerrascht, an ech war ganz positiv iwwerrascht, wéi ech dat Zesummeschaffe gesinn hu vu Staat a Gemengen an, ënner anerem, eisem Service technique an deene Servicer vum Institut. Wéi déi do zesummegeschafft hunn, zur positiver Entwécklung vun där ganzer Schoul an zu deem Containerbau. Wat sech weise léisst, an a véier, fënnef Méint gesäit een, wat do realiséierbar ass, wa vun deenen zwou, dräi Säiten, déi engagéiert sinn, wierklech e Maximum gi gëtt.

Also e grousse Merci un déi Leit, och déi, déi um Terrain engagéiert waren, fir manuell do eng Hand unzepaken. An natierlech schléissen ech mech deene Mercien un, déi elo hei ronderëm erwäänt gi sinn.

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, da géife mer zum Vott kommen.

**JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SEKRETÄR):**

D'Punkten 8c an 8d.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant au contrat de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Luxembourg portant sur des terrains au lieudit Avenue Charlotte d'une contenance totale de 39,30 a.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Belval et Differdange SA portant sur un terrain au lieudit Rue Émile-Mark d'une contenance totale d'environ dix ares.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 8e, wou ech d'Wuert géif ginn un den Här Hartung fir d'Erklärungen zu de Contrat-de-bailen am Gravity. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Erlaabt mer e bëssen auszehuelen, well dat hei ass immens wichteg a mir wëllen, datt et ganz transparent soll oflafen. Insgesamt ginn hei 46 Wunnengen an d'Locatioun. Déi sinn an dräi Kategorien agedeelt: aacht Wunnenge fir PMR, 24 Wunnenge fir Senioren a 14 Appartementer oppe fir jiddwereen.

Déi lescht Zuel ass e bëssen niddreg, wat sech doduerch erkläert, datt der aus dëser Kategorie am Gravity scho vill an d'Vente gounge par rapport zu deenen aneren. Dës Andeelung gouf am Juli 2020 am Gemengerot esou decidéiert.

D'ganz Prozedur vum Appel à candidatures huet den 9. Februar 2023 ugefaangen, wou publizéiert gouf, wéi eng Dokumenter d'Kandidate missen hunn, fir eng Kandidatur eranzereechen. Dëst, fir jidderengem eng Virlafzäit vu sechs Wochen ze ginn, fir d'Dokumenter zesummenzedroen.

Vum 20. Mäerz bis spéitstens den 30. Abrëll konnten déi interesséiert Leit hir Kandidaturen areechen.

*Laura Pregno suppose que le collège échevinal essaye de rendre le centre plus attractif ensemble avec la cellule économique pour attirer les jeunes.*
*La conseillère communale remercie madame Brassel-Rausch, qui a participé activement à l'installation du lycée en partenariat avec le ministre Meisch.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se dit surpris de la manière dont l'État, la Fondation et les services communaux ont collaboré. Cela démontre tout ce qu'on peut réaliser en quatre ou cinq mois quand tous les partenaires ont des objectifs communs.*
*Guy Altmeisch remercie tous ceux qui ont travaillé sur le terrain.*
*(Votes)*
*Guy Altmeisch passe à des contrats de bail à Gravity.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *souhaite se montrer transparent et entrera dans les détails. Les 46 appartements en location sont subdivisés en 3 catégories : 8 appartements pour les PMR, 24 pour les séniors et 14 pour les autres. Ce dernier chiffre semble bas, mais c'est parce que de nombreux appartements ont été vendus à cette catégorie. La répartition a été approuvée par le conseil communal en juillet 2020.*
*La procédure de l'appel à candidatures a été lancée le 9 février 2023. Les candidats ont pu rassembler les documents nécessaires pendant six semaines. À partir du 20 mars, les candidats ont pu introduire leurs demandes.*
*Le délai a été fixé au 30 avril pour que le service du logement puisse ensuite lancer les enquêtes sociales. Les candidatures arrivées après cette date sont conservées pour les prochains logements communaux disponibles. En tout, la commune a reçu 1054 candidatures, dont 620 complètes.*

*Le service du logement a ensuite présélectionné 238 candidats: 202 candidats standards, 25 PMR et 11 séniors. Les sélections sont faites de manière anonyme. Ni la cellule du logement ni le collège échevinal n'ont accès aux noms. La cellule ne connait que les situations de vie et le résultat des enquêtes sociales. Les noms n'ont été ajoutés aux dossiers qu'une fois que le collège échevinal avait validé la candidature. Cette procédure était importante pour garantir la justesse et l'égalité des chances.*
*Comme les assistants sociaux ont besoin de temps pour réaliser leurs enquêtes, la commune a décidé de commencer par les séniors et les PMR. En effet, il faut avoir analysé tous les dossiers d'un groupe avant de pouvoir attribuer les logements.*
*Le vote d'aujourd'hui porte donc sur les PMR et les séniors de plus de 70 ans. Légalement, l'aide à la pierre est destinée aux séniors à partir de 70 ans. Mais l'âge sera abaissé à soixante ans le 1er octobre. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de commencer par les plus de 70 ans. Les autres séniors seront traités le 15 novembre ou au plus tard en décembre.*
*Le collège échevinal aurait voulu pouvoir répartir tous les logements aujourd'hui, mais ce n'est pas possible à cause des enquêtes sociales obligatoires.*
*Jerry Hartung précise que de nombreuses candidatures PMR ont été reclassées en catégorie séniors ou standard, parce que les candidats avaient certes des problèmes de santé, mais ne correspondaient pas aux critères nécessaires pour faire partie des PMR. En effet, l'équipement spécifique des logements PMR ne leur serait d'aucune aide.*
*Les candidats PMR se déplacent soit en fauteuil roulant, soit en déambulateur. Les logements PMR coutent plus cher à cause de l'équipement spécifique et sont rares.*
*Des 26 candidats, il en restait finalement 10. Comme il n'y a que huit appartements, deux candidatures ont été écartées. Une de celles-ci a été déplacée dans la catégorie des séniors. L'autre candidat a finale-*

Wichteg ass, datt mer e Schlussdatum haten, den 30. Abrëll, well de Service logement jo eng Kéier muss ufänken, Selektioune festzehalen an dass d'Enquête-sociallen ulafe kënnen. An dat geet schlecht, wann een en cours de route nach ëmmer weiderer misst bäihuelen.

Déi Kandidaturen, déi nodréiglech erakoumen, ass wichteg ze preziséieren – och elo kommen der nach ëmmer eran –, déi ginn natierlech gehale fir déi nächst fräi Gemengewunnengen.

Bis den 30. Abrëll koumen insgesamt 1.054 Kandidaturen eran. Dovunner waren der 620 komplett.

No engem éischten Tri opgrond vun de matgedeelten Donnéeë vun de Leit, gouf eng éischt Preselektioun gemaach. Dat waren 238 Kandidaten, opgedeelt: 202 Standard, 25 PMR, Personnes à mobilité réduite, an eelef Senioren.

Wichteg Informatioun an deem Kontext: Déi ganz Selektioun vun de Kandidaten ass anonym ofgelaf. Weeder d'Cellule logement nach de Schäfferot oder ech haten Accès zu den Nimm. D'Cellule logement krut just déi verschidde Liewenssituatioune respektiv d'Enquête-socialle vun den Assistant-socialle matgedeelt. Dorop gouf eng Decisioun geholl. An eréischt nodeems alles decidéiert war a vum Schäfferot validéiert, gouf, fir d'Kontrakter unzegoen, zu all Dossiersnummer eréischt den Numm bäigesat.

Ech denken, datt dëst am Sënn vun der Fairness a Gläichbehandlung wichteg ass.

Vu datt d'Assistante-sociallen Zäit brauchen, fir déi sämtlech Enquête-sociallen ze maachen, gouf festgehalen, mat de Senioren a PMRen unzefänken. Well et muss ee jo ee ganze Grupp ofschléissen, éier ee kann d'Verdeelung fir all Eenzelne maachen. An dës zwou Gruppe waren e bësse méi iwwerschaubar.

Soudatt mer haut just iwwert d'PMR-Wunnengen an een Deel vun de Senioren iwwer 70 Joer ofstëmme wäerten, also déi eelef.

Laut aktueller Gesetzgeebung, also de Règlement grand-ducal vun der Aide à la pierre, si Seniore Persounen ab 70 Joer. Am neie modifizéierte Gesetz wäert den Alter den 1. Oktober, also a véier Deeg, op 60 Joer zréckgestuuft ginn. Vu datt de virege Schäffen- a Gemengerot jo ëmmer wollt d'Seniorewunnengen ab 60 maachen, hu mer eis dann do dee Sputt gelooss, datt mer haut déi vun iwwer 70 stëmmen.

Deen zweeten Deel vun de Seniore wäerte mir normalerweis dann de 15. November am Gemengerot hunn oder allerspéitstens am Dezember.

D'selwecht ass d'Zil fir all d'Standard-Wunnengen.

Mir géife gären haut schonn all d'Wunnenge verdeelen, mee leider, duerch déi grouss Unzuel vun Demanden, ass dës en vue vum Verschaffen an den Enquête-sociallen, déi obligatoresch sinn, virun dem Verdeele vun den Appartementer bei esou villen Demanden net realistesch.

Zu de PMR-Kandidature sief nach bemierkt, datt no der Analys vu villen Demandë respektiv no der Enquête sociale vill reklasséiert hu misse ginn an d'Kategorien allgemeng respektiv Senior, well et sech erausgestallt huet, datt d'Kandidate vläicht eng gesondheetlech Beanträchtegung haten a PMR ugekräizt haten oder souguer en Zertifikat vum Dokter kruten, awer dëst net d'Krittäre fir e Besoin fir eng PMR-Wunneng erfëllt. Wou d'Extraausstattung vun enger PMR-Wunneng kee Mehrwert fir hir Beanträchtegung géif duerstelle par rapport zu enger normaler Wunneng am Gravity.

Als Kandidat fir eng PMR-Wunneng gëtt een zréckbehalen, wann een entweeder am Rollstull ass oder sech mat engem Rollator deplacéiere muss. Hei leene mer eis un d'Praxis un, wéi de Fond de Logement et handhaabt. Dëst ass och de Vertrieder vum Ministère wichteg, well dës Wunnengen zum enge rar sinn a Méikäschte mat sech bréngen, fir adaptéiert ausgestatt ze sinn, an datt dëst dann och fir d'Finalitéit da musse benotzt ginn.

Aus dem virselektionéierte Grupp sinn um Schluss zéng PMR-Kandidaturen iwwreg bliwwe vun initial 26. Vu datt mer nëmmen aacht PMR-Wunnengen hunn, hu mer mussen zwou Kandidatu-

ren ecartéieren. Eng vun deenen zwou ass awer an de Senior-Grupp gefall, well de Kandidat iwwer 70 Joer hat.

Eng Persoun ass duerchgestrach, gesitt Der op Ärer Lëscht. Dat ass eng Persoun, déi selektionéiert gouf, déi sech zréckgezunn huet, well se mëttlerweil eng aner Wunneng fonnt huet. Soudatt och déi lescht Persoun, déi als PMR nach zréckbehale gouf, och eng Wunneng ka kréien. Déi kënne mer awer dann eréischt am nächste Gemengerot stëmmen.

Ofschléissend géif ech nach kuerz op d'Krittäre vun der Prioriséierung vun de jeeweilege Kandidaten agoen. D'Cellule logement baséiert sech op d'Matrice, déi deemnächst am RENLA benotzt wäert ginn, wou allgemeng nach d'Punkte liicht anescht gewiicht kënne ginn. Sou ass eppes, wat Déifferdeng bäigesat huet, datt d'Déifferdenger Bierger oder déi, déi hei schaffen, dat och e wichtege Facteur soll ausmaachen.

Generell musse mer ons hei am legale Kader vum abordabele Wunnengsbau beweegen, vu datt mer dëse Projet zesumme mam Logementsministère ëmsetzen.

Fir d'sozial Mixitéit ze garantéieren, erfollegt d'Attributioun vun de Wunnengen iwwert déi fënnef verschidden Décile-Gruppen, wou d'Kandidature jee no Revenu a Composition de ménage opgedeelt ginn. Dat ass jo och esou bei der Vente ugewannt ginn.

Hei fonctionéiert et awer just bedéngt, well de Gros an d'Décile-Gruppen 2 an 3 fält. Et muss ee wëssen, datt déi Leit, déi méi verdéngen, jo och vill méi musse bezuelen. Dat heescht, fir déi ass et net esou interessant, hei eng Wunneng ze huelen.

Da läit ee Relogement bäi, wéi Der op der Lëscht gesitt, wou e Stot vun enger Famill sech verklengert huet an d'Haus dofir ze grouss ass. D'Famill kritt een Appartement, an d'Haus, an deem se bis dato gewunnt huet, gëtt fräi. Wat mer dann och deemnächst iwwert de Wee vun de Gemengewunnenge wäerten nees nei kënnen un eng Famill mat Kanner verlounen.

Ech hoffen, dee ganze Werdegang verständlech erkläert ze hunn a wier frou, wann Dir dës Selektioun fir d'Kontrakter fir déi siwe PMR-Wunnengen, eelef Seniorewunnengen an ee Relogement géift validéieren. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Hartung, fir déi flott Explikatiounen. Gëtt et Froen? Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Als déi Lénk begréisse mir ausdrécklech, dass mer hei Proprietär gi sinn, mer elo an d'Lokatioun ginn, an dass mer esou wäit sinn, dass mer déi éischt Mietverträg kënne maachen.

Deen eenzege Bemoll, deen ech awer nach eng Kéier wëll soen, dat ass, dass mer ëmmer dofir waren an nach ëmmer dofir sinn, dass mer vill méi Wunnengen, am Fong all d'Wunnengen aus dem Gravity, an d'Lokatioun hätte solle ginn. Mir gesinn, wéi grouss d'Demande ass a wéi grouss de Besoin ass. Mir hätten do méi kënne maachen an der Lokatioun. Grad elo an dëser Situatioun, an där mer sinn.

Um Logementsmarché mierkt een, dass d'Leit sech ëmmer manner Wunnenge kafe kënnen, Wunnengen, wéi déi, déi mer am Gravity verkafen. Et ware wuel e puer Leit, déi sech zréckgezunn hunn, mee duerch d'Prêten, wéi se elo sinn, duerch d'Zënsen, sinn ëmmer manner Leit, déi sech eppes kënne leeschten. An dofir ginn déi Leit dann an d'Lokatioun. An dofir ginn d'Loyeren am Moment esou an d'Héicht, wéi se nach ni gaange sinn.

Ee grousse Park vun abordabele Locatiounswunnenge wär déi richteg Äntwert, déi d'ëffentlech Hand misst hunn. An do hu mer leider, zum Deel, dat net esou gemaach, wéi een dat hätt kënne maachen, fir do nach méi ze hunn.

Mir hunn awer dat, wat mer elo hei hunn. All Wunneng, déi mer an d'Locatioun ginn, ass gutt. Déi Erklärungen, déi den Här Hartung hei ginn huet, weisen, dass sech do awer vill Gedanken a vill Aarbecht gemaach ginn ass, fir dat och esou korrekt wéi méiglech ze

*ment obtenu un logement, car une personne s'est retirée de la liste.*
*En ce qui concerne les critères, la cellule du logement se base sur une matrice qui sera bientôt utilisée par le RENLA avec comme différence que les Differdangeois et les personnes travaillant à Differdange sont privilégiés.*
*La commune doit se tenir au cadre légal régissant les logements abordables, car le projet est réalisé en partenariat avec le ministère du Logement.*
*La mixité est garantie en tenant compte des revenus et de la composition du ménage. Mais la plupart des candidats font partie des déciles de revenu 2 et 3, car financièrement, ces appartements ne sont pas intéressants pour ceux gagnant plus.*
*Jerry Hartung mentionne ensuite un relogement. La composition d'un ménage a en effet évolué et la maison qu'il occupait est devenue trop grande. Cette maison sera louée à une autre famille avec des enfants.*
*Jerry Hartung espère que ses explications ont été claires et que le conseil communal approuvera les contrats pour 7 appartements pour PMR, 11 appartements pour séniors et un relogement.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue le fait que la commune ait acquis ces logements et qu'elle les loue. Il regrette cependant que le collège échevinal n'ait pas mis davantage de logements en location. La demande est forte et la commune aurait pu faire plus.*
*De moins en moins de gens peuvent acquérir un logement sur le marché primaire. L'augmentation des taux d'intérêt n'arrange rien à l'affaire. C'est pourquoi les gens recherchent des biens immobiliers en location, ce qui entraine une augmentation des loyers. Un parc immobilier abordable est essentiel pour améliorer la situation. Differdange a laissé passer sa chance en partie. Mais d'un autre côté, chaque appartement mis en location est une bonne nouvelle.*
*Les explications de monsieur Hartung démontrent que la commune a misé sur la transparence. C'est une bonne chose. Gary Diderich es-*

*père que d'autres projets de ce type seront réalisés rapidement.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue la proposition de la Cellule du logement abordable basée sur la transparence ainsi que l'attribution de logements aux PMR, aux séniors et à la famille relogée.*
*La mixité sociale est essentielle pour construire une société solide et inclusive. Chaque individu peut s'épanouir dans des logements où cette mixité existe.*
*Les 1054 candidatures, dont 620 ont été présélectionnées et dont 238 proviennent de Differdange, démontrent que la demande en logements abordables est forte et pressante. La commune doit donc continuer à investir dans ce domaine. Chaque individu a droit à une habitation digne.*
*Paulo Aguiar remercie la Cellule, le service du logement, le service des recettes, le département social, le service Senior Plus, l'AIS Kordall et le ministère du Logement.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime que le nombre important de demandes s'explique aussi par la qualité des appartements.*
*Contrairement à monsieur Diderich, le conseiller communal pense que la commune doit à la fois vendre et louer ses logements abordables. C'est ce qui permettra de développer la mixité sociale. Differdange a besoin aussi bien de propriétaires que de locataires. La mixité concerne aussi les revenus, les différents types de ménages…*
*Il est clair que les communes constituent un partenaire essentiel dans la construction de logements. Elles obtiennent des subventions de la part du ministère du Logement dans le cadre du Pacte logement 2.0. Erny Muller n'a pas encore lu le programme de coalition, mais Differdange devrait s'engager sur cette voie et proposer des logements abordables à ceux qui ne peuvent pas se permettre un appartement sur le marché primaire.*
*Dans le cas de Gravity, la commune a accordé une préférence aux Differdangeois et à ceux travaillant ici. À l'avenir, ce sera plus compliqué, car la commune devra se tenir aux*

maachen. Dass no de Besoinen an no de Situatioune vun de Leit gekuckt gëtt. Dat begréisse mir ausdrécklech.

A mir hoffen, dass mer nach weider Projeten an déi Richtung kënnen an nächster Zäit an esou schnell wéi méiglech ugoen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Déi gréng salue la proposition de la Cellule consultative du logement abordable. Ech mengen och, d'Engagement an d'Transparenz de la proposition d'attribution des logements de PMR et séniors au sein du complexe Gravity à Differdange sont louables et méritent d'être reconnus.

Je salue également l'avis favorable concernant l'attribution des logements PMR, des logements séniors et du relogement, qui est en cours.

Comme monsieur Diderich l'a bien dit, la mixité sociale et générationnelle est un pilier essentiel pour construire une société solide et inclusive. Je pense que chaque individu, quelque soit son âge ou sa condition physique, peut s'épanouir vraiment dans un logement où il y a vraiment cette mixité sociale, qui doit être mise en avance.

Avec 1054 candidatures introduites, 620 en présélection et 238 qui proviennent de Differdange, il est clair que la demande pour le logement abordable est forte et pressante. Cela souligne l'importance cruciale de continuer à investir dans le logement abordable. Et je pense aussi que cette législature doit avoir comme priorité de donner à chaque individu une habitation digne.

Pour conclure, je souhaiterai remercier la Cellule, le service logement, le service recette, le département social, le service séniors, l'AIS Kordall ainsi que le ministère du Logement pour leur travail exceptionnel dans ce cadre. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, fir d'Wuert. Och mir als LSAP begréissen, dass mer esou ee groussen Zoulaf hunn, esou vill Interessenten hunn, oder haten, un deenen neie Wunnengen. Dat vläicht och, well et wierklech e ganz flotte Projet ass, mat ganz schéinen a flotte Wunnengen.

D'LSAP ass e bëssen enger anerer Meenung wéi den Här Diderich. Mir sollten den abordabele Wunnraum als Gemeng weiderféieren, awer an déi zwou Richtungen. Dat heescht souwuel Verkaf wéi Verlounen. Hei ass schonn driwwer geschwat ginn, dass mer e flotte Mix hätten, soziale Mix.

Dee soziale Mix, op zwee Pilieren oder dräi Pilieren huet dee sech beweegt. Dat ass a, dass mer souwuel Locatairë wéi Proprietären hätten. Dass mer och Leit hunn, déi als Proprietären do matintegréiert sinn. An dann deen anere Mix iwwert d'Revenuen. Dass mer och do kënnen eng Mixitéit erauskréie vun de Leit an och e gewëssene Standard, eng Inklusioun, wéi ee seet. Dass mer Inklusioun hätte vu verschiddene Leit, verschiddene Stéit a verschiddenen Niveaue vu Stéit, déi do wunnen.

Zu der Problematik vum Wunnengsbau. Ech mengen, et ass kloer: D'Gemeng ass ee vun deenen dreiwende Partner, déi kënnen an de Wunnengsbau investéieren iwwert déi Ristourne vum Ministère du Logement, iwwert de Pacte Logement 2.0. Mir hunn de Koalitiounsprogramm nach net gesinn, mee mir sollten eis do Fräiheete kënne ginn, dass d'Gemeng och op dee Wee geet.

Da géife mer deene Leit eng Méiglechkeet ginn, déi kafen, déi Problemer hunn ze kafen. Fir hinnen dann déi 20 oder méi Prozent, déi dee Bau da méi bëlleg ass, déi Wunneng méi bëlleg ass, déi Faveur ze iwwerginn. Allerdéngs muss ech soen, an dësem Fall hate mer jo Krittären ausgeschafft, wou déi Déifferdenger Leit gewëss Preferenzen haten. Oder déi Leit, déi zu Déifferdeng schaffen, Dir hat et scho gesot, Här Hartung, dass dat an Zukunft méi

schwéier wäert ginn. Well vu dass mer subventionéiert ginn, musse mer d'Krittäre vum Ministère applizéieren. An dat ass den Zougang fir all Awunner, net nëmmen déi vun Déifferdeng.

Do musse mer da kucken, wéi mer dat fäerdegbréngen, fir awer eppes fir Déifferdeng ze maachen.

Op jidde Fall, mir als LSAP ënnerstëtzen déi Initiativ, dass d'Gemeng déi heite Méiglechkeet geholl huet, fir Wunnengen ze verlounen oder ze verkafen. An encouragéieren de Schäfferot, déi Initiativ an Zukunft weiderzeféieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Et erféiert een e bëssen, wann een déi Zuelen hei héiert, datt wäit iwwer 1.000 Demanden do waren. Mee dat féiert eis nach eng Kéier virun Aen, wéi grouss de Besoin ass dobaussen um Terrain. Dat sollt eis encouragéieren, op där Schinn weiderzefueren. An do sinn ech bei mengem Virriedner, dat awer an enger gesonder Mixitéit.

Dee Contrat de base, dee mer elo hei virleien hunn, kënne mer gäre matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Gëtt et nach Wuertmeldungen? Ech vu menger Säit kann Iech confirméieren, dass de Schäfferot sech deem bewosst ass, an dass mer déi Mixitéit, déi elo des Ëfteren ugeschwat ginn ass heibannen, och an eis Zukunftsplanung materanhuelen. Dat wäerte mer esou vill wéi méiglech respektéieren.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de bail pour des logements locatifs situés au sein du complexe Gravity à Differdange*

Ech soen Iech Merci. Ech géif dem Här Hartung d'Wuert ginn, fir eis de Punkt 8f ze erklären. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci nach eng Kéier. Wéi an de Matdeelunge schonn erwäänt, hu mir de Service vum ARIS, wat een Deel vum Office social ass, aus dem BIL-Gebai geholl a bei den Office social op de siwente Stack am Medico bäigesat. Vu datt den Office social en Établissement public ass, wat deels vum Staat an deels vun der Gemeng iwwer eng Konventioun finanzéiert gëtt, musse mer ee Contrat de bail maachen, iwwer Konventioun lafen ze loossen, wou d'Gemeng duerno nees een Deel selwer matfinanzéiert.

De Plang läit bäi. Dir gesitt, et si fënnef Büroen an ee Versammlungsraum. De Moment si fënnef Persounen, déi do schaffen. Déi brauchen all en eegene Büro, well et si lauter Sozialaarbechter, déi vertraulech Gespréicher mat hire Clienten ofhalen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et Wuertmeldungen? Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll als Éischt de Regroupement vum ganze Personal vum Service social begréissen. Et ass natierlech eng flott Saach, wa se an engem Gebai sinn. Dës Demarche erlaabt dem Personal, eng besser a méi séier kohärent Kommunikatioun.

Souwuel d'Klima fir zesummenzeschaffe wéi den Austausch tëschent alle Betraffenen wiisst doduerch a gëtt méi strukturéiert an och fir d'Cliente méi einfach gemaach.

*critères du ministère. Il faudra voir comment procéder.*
*Les socialistes soutiennent le projet de Gravity et encouragent le collège échevinal à poursuivre sur cette voie.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *trouve effrayant que la commune ait reçu mille candidatures. Ce chiffre démontre si besoin était que la demande est forte et qu'il faut poursuivre sur cette voie.*
*Comme monsieur Muller, François Meisch souligne l'importance d'une mixité saine.*
*Le DP approuvera le contrat de base.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se dit conscient des problèmes. Le collège échevinal accordera l'importance nécessaire à une bonne mixité sociale.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe au point 8 f.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que les ARIS ont déménagé du bâtiment de la BIL au septième étage du centre Médicosocial avec l'Office social.*
*Comme l'Office social est financé à la fois par la commune et l'État, l'établissement d'un contrat de bail est nécessaire. Une partie sera financée par la commune.*
*Les conseillers communaux disposent des plans. Il est question de cinq bureaux et d'une salle de réunion. Chaque ARIS a besoin d'un bureau pour mener les entretiens de nature sociale.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *salue le regroupement de tout le personnel social. Qu'ils soient tous dans un même bâtiment est une bonne chose. Cela facilitera la communication, la coopération et les échanges — ce, dans l'intérêt des clients.*

*Manon Schütz regrette cependant l'abandon du projet Gravity. Les ARIS auraient disposé de bureaux modernes pour un loyer modéré de 9372 € et un aménagement de 574 000 €. Le loyer aurait été financé par l'État à hauteur de 50 %. La surface s'élevait à 426 m² et l'amortissement aurait été possible en une quinzaine d'années. Le collège échevinal a-t-il d'autres projets pour Gravity ?*
*Par ailleurs, il n'est pas évident pour l'Office social de déménager. Cela entraine un surplus de travail et coute de l'argent. Les employés et les clients doivent s'adapter. Il faut trouver une solution durable.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *répond qu'il s'agit d'une question économique. Le budget n'est pas énorme. Il faut donc fixer des priorités.*
*Le collège échevinal veut agrandir l'hôtel de ville pour y regrouper tous les services. Une maison sociale verra le jour au centre Médicosocial pour l'Office social et les autres services sociaux.*
*Il faut aussi tenir compte de la question de la dynamisation du centre-ville. Si les services communaux emménagent à Gravity, cela risque de tuer le centre-ville.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que le collège échevinal a longtemps réfléchi à la question et visité plusieurs sites. Or le loyer à Gravity se monte à 11 000 €. Et même s'il est subventionné par l'État, cela reste l'argent du contribuable. Beaucoup d'argent d'ailleurs si l'on considère que les ARIS vont finalement emménager dans un bâtiment communal. En d'autres termes, au lieu de dépenser 11 000 €, la commune reçoit une recette locative de l'État. La dépense est remplacée par une recette.*
*Les locaux choisis sont adéquats. Chacun a son propre bureau. Il y a une salle de réunion. Guy Altmeisch répète que le collège échevinal a bien réfléchi à la question. Il estime que les locaux devraient satisfaire aussi bien les citoyens que l'Office social.*
*(Vote)*

Dëse Contrat de bail stellen ech awer a Fro. Ech bedaueren enorm, dass de Projet Gravity mat moderne Büroen, flottem Empfang fir d'Clienten, engem moderate Loyer vun 9.372 Euro, engem Amenagement vu 574.000 Euro, woubäi de Loyer jo dann och nach iwwer 50 % vum Staat iwwerholl géif ginn, falegelooss gëtt. Mir louchen hei bei enger Surface vu 426 Meterkaree. Dat Ganzt hätt sech an ongeféier 15 bis 17 Joer amortiséiert. Hei froen ech: Gëtt et elo am Moment een neie Projet à long terme, eng Alternativ zum Projet Gravity?

Ze bemierken och nach heizou, dass et absolutt net einfach gëtt, en Office social dauernd ze plënneren. Dëst ass eng zousätzlech Aarbecht fir d'Personal, et kascht vill Suen a souwuel d'Personal wéi d'Clientë musse sech allkéiers nees ëmgewinnen. Dëst rifft no enger onstabiller Situatioun. Ech fannen et immens wichteg, hei stabel Léisungen ze fannen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Här Hartung.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Et ass effektiv eng finanziell Fro. Déi, déi scho méi laang hei dobäi sinn, déi wëssen, datt mer elo net grad riseg Budgeten hunn. Da muss ee Prioritéite setzen an iwwerleeën, wou ee sënnvoll aspuere kann.

Deen neie Schäfferot geet op de Wee, fir d'Gemengenhaus, dee Projet ze vergréisseren. Hei sollen herno all d'Servicer regruppéiert ginn. Parallel dozou soll eng Maison sociale am Centre médico entstoen, wou den Office social an aner sozial Servicer sollen ënnerbruecht ginn.

Ech mengen, et muss ee sech awer och d'Fro stellen: Mir hu virdru vun der Dynamiséierung vum Zentrum geschwat. Wa mer elo alles, och eis eege Servicer, alles an de Gravity an an deen neien Zentrum vun Déifferdeng verlageren, dann ass herno awer wierklech den Zentrum dout. Eis Iwwerleeung ass awer, och nach Saachen am Zentrum ze behalen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll nach follgend Bemierkung lassginn: Mir hunn eis als Schäfferot immens Gedanke gemaach. Mir hunn eis op den Terrain deplacéiert, verschidde Sitte si mer besiche gaangen, hu gekuckt, dass jiddwereen eng adequat Aarbechtsplaz fënnt.

An ech muss awer och soen, wa mer vun engem Loyer schwätzen am Gravity vun 11.000 Euro, quitte dass dee subventionéiert gëtt vum Staat, do ware mer nämlech um Punkt fir eelef Employéeën ënnerdaach ze kréien, och eng Subventioun vum Staat gesi mir als Schäfferot als Steiergelder un. Och dat si vill Steiergelder, déi mer bezuele fir e Service, dee mir elo an e Gemengenhaus huelen.

Dat heescht, en contraire vun enger Depense vun 11.000 Euro, kréie mir als Gemeng, well mir e Service an e Gemengenhaus placéiert hunn, eng Recette locative vum Staat. Dat ass ee groussen Ënnerscheed. Mir hunn eng Depense vun 11.000, an op där anerer Säit hu mer eng Recette.

Gleeft mer eent, Madamm Schütz, mir waren zu zwee déi Ërtlechkeete kucken, also déi si méi wéi adequat fir déi Aarbecht, déi déi Leit musse maachen. Do huet jiddweree säin eegent Pult. Déi Servicer hunn hire Versammlungsraum, soss hätte mir där Situatioun net zougestëmmt. Mir hunn eis vill Aarbecht gemaach. A mer sinn als Schäfferot gemeinsam zu där Iddi komm, dass et gutt wier, dass mer dat do kéinte vis-à-vis vum Public an och vis-à-vis vun de Partner vum Office social, wat jo eis Bierger sinn, a wou mer ëmmer dat Bescht wënschen, gutt vertrieden. Dofir hu mer déi Propos haut op den Ordre du jour bruecht.

Gëtt et nach Wuertmeldungen zu deenen Erklärungen? Wann net, da géife mer zum Vott kommen. Ech soen Iech Merci.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 3 voix non d'approuver le contrat de bail avec l'Office social de Differdange pour les besoins des agents régionaux d'inclusion sociale ARIS dans un immeuble sis à Differdange, 23, Grand-rue.*

Ech soen Iech Merci. An ech géif d'Wuert nach eng Kéier un den Här Hartung gi fir de Punkt 8g.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei handelt et sech ëm eng kuerzzäiteg Verlängerung ëm dräi Méint vum initiale Kontrakt, wou eng jonk Persoun an Nout iwwert den Office social eng Wunneng verlount krut. Den Office social, zesumme mat eisem Service jeunesse, hunn hei de Suivi gemaach vun der Persoun. An noer Zukunft gëtt och eng Plaz an enger passender Struktur fir d'Persoun fräi.

Mir bieden Iech, dës Verlängerung vun dräi Méint matzestëmmen, fir datt een hei sou gutt wéi méiglech den Iwwergang ka gestalten. Ee grousse Merci un den Office social an de Service jeunesse fir hiren Asaz an dësem Dossier. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen? Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un logement à l'Office social de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da géife mer zum Punkt 8h kommen. Dat ass e Contrat de bail vun zwou Garagen. Do hu mer zwou Garagë kaaft an der Rue du Chemin de Fer am Zentrum vun Déifferdeng. Do ware Locatairen dran. A mir géifen elo deene Locatairen, déi dra waren, déi Garagen, déi mir als Gemeng kaaft hunn, weiderverlounen zu deene Konditiounen, déi d'Leit haten. Wann et dozou keng Wuertmeldunge gëtt, kéinte mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un garage sis à Differdange, rue du Chemin-de-Fer avec monsieur José Danaia Fernandes.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un garage sis à Differdange, rue du Chemin-de-Fer avec les époux João Da Silva et Emilia Lima.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 8i, wou mer e Contrat de bail mat engem Artist maachen, deen op 58, Grand-Rue zu Déifferdeng en Atelier zur Verfügung gestallt kritt. Dee Mann wunnt zu Péiteng an huet och deelgeholl un der Ausstellung, wou mer um Vernissage waren. Deen Här ass den Här Kingsley. Dir hutt de Kontrakt do leien. Dat sinn déi üblech Kontrakter, déi mer mat deenen Ateliere vun den Artiste maachen. Et sinn 250 Euro. Dat ass elo dat, wat am Kontrakt festgehalen ass. Wann et keng Wuertmeldungen dozou gëtt, géife mer driwwer ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à un contrat de bail d'un atelier d'artiste au 58 de la Grand-rue à Differdange avec monsieur Kingsley Ogwara.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 8j ass eng Locatioun vun engem klenge Gaart op der Zowaasch beim Balcon. Dat ass och een üblechе Kontrakt, wéi mer ee maachen, wa mer Gäert u Leit verlounen, déi hei an der Gemeng wunnen. Ech mengen, do ass elo näischt Extraes derbäi. Dir hutt d'Pläng, wou de Gaart läit a wou d'Fra wunnt.

Madamm Pregno.

*Guy Altmeisch passe au point 8 g.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente un contrat concernant un jeune en difficulté ayant obtenu un logement de la part de l'Office social pour trois mois. L'Office social assure le suivi du dossier. Prochainement, cette personne sera placée dans une structure adaptée. En attendant, Jerry Hartung demande au conseil communal de prolonger le contrat de trois mois.*
*L'échevin remercie l'Office social et le service de la jeunesse.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au contrat de bail de deux garages. La commune a acheté deux garages dans la rue du Chemin-de-Fer dans le centre-ville. Ces garages étaient occupés. La commune entend les louer aux locataires actuels aux mêmes conditions.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à un contrat de bail avec un artiste pour un atelier au 58, Grand-rue à Differdange.*
*L'artiste, monsieur Kingsley, habite à Pétange et a participé à l'exposition des Artistes résidents. Le contrat est similaire à ceux des autres artistes. Le loyer se monte à 250 €.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à la location d'un jardin au balcon de Lasauvage. Le contrat est le même pour tous ces jardins. Le conseil communal dispose des plans.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *n'a rien à redire au contrat. Elle rappelle cependant que le balcon de Lasauvage se trouve à l'entrée de ville et que ces jardins ne sont pas chouettes à voir. Entretemps, Lasauvage a un flair touristique. Le collège échevinal devrait essayer de trouver une solution #ensemble avec les propriétaires du balcon.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le collège échevinal a déjà tout tenté.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *le sait bien.*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'a pas encore perdu espoir.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *lui souhaite bonne chance.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Pregno pour ses conseils.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *sait que les propriétaires du balcon de Lasauvage seraient disposés à soutenir un projet. Ils sont disposés à discuter avec le collège échevinal. En effet, mis à part le dernier jardin avec les poiriers, tous les autres sont en état d'abandon.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que le dossier du balcon de Lasauvage est complexe. Le collège échevinal avait trouvé un accord avec la plupart des propriétaires, mais pas avec tous. La situation est vraiment dangereuse. Mais la commune doit attendre la décision de justice.*
*L'ancien collège échevinal a proposé aux propriétaires de réaménager entièrement le site. Une place de stationnement par ménage était aussi prévue. Mais certains propriétaires ne voulaient pas d'enfants devant chez eux jouant sur l'aire de jeux.*
*Si ces personnes ont changé d'avis, madame Engel peut les adresser à Tom Ulveling. Mais il y a deux ans, il était impossible de trouver un accord concernant ce taudis.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Just eng kleng Umierkung. Et ass guer näischt um Kontrakt auszesetzen, dat sinn déi üblech Kontrakter, wéi Der sot. Et ass just, de Balcon ass quasi d'Entrée en village vun Zowaasch. An déi Gäert si jo elo net esou flott unzekucken. Vläicht kéint Der do nach eng Kéier ufänken. Do ass ëmmer e bëssen en Duercherneen, mee mëttlerweil huet Zowaasch jo en touristesche Flair an ass en Noerhuelungsgebitt, vläicht bréngt Dir et jo fäerdeg zesummen, d'Leit un en Dësch ze kréien a vläicht e flotte Projet mat deene Gäert, déi zum Balcon gehéieren ze maachen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir hu schonn alles probéiert!

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech weess, Dir hutt schonn alles probéiert, Här Ulveling, mee …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir ginn d'Hoffnung awer net op.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

„Neue Ära, neues Glück“. Oder: „Jedem Anfang wohnt ein Zauber inne“. Keng Anung, wat wëllt Der alles héieren? Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi gutt Rotschléi. Madamm Engel.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Suite vun Diskussioune mat de Leit vu Lasauvage, déi um Balcon wunnen, si wieren awer effektiv bereet, do eppes draus ze maachen. Nach viru Kuerzem hu mir mat hinne geschwat. Si géife sech bereeterklären, fir mat Iech ze schwätzen. Well, effektiv, déi meescht, do ass jo praktesch nëmmen nach Onkraut, wat do wiisst. Méi ass net méi do, ausser dee ganz Leschten, wou Beem och geplanzt goufen, Bierebeem an esou.mMee fir de Rescht ass praktesch näischt méi, wat nach gutt zur Verfügung steet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech ginn dem Här Ulveling d'Wuert. Hien ass à charge vum Balcon.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, de Balcon – en däregen Dossier. Mir si jo schonn zënter zwee Joer amgaangen, fir dee Balcon, dee baufälleg ass, fir deen ze renovéieren. Mir haten och en Accord scho fonnt mat de meeschte vun de Proprietären. Mee leider si mer um Geriicht mat deenen aneren, fir dass mer do endlech dat kënne maachen. Well et ass wierklech eng Gefor fir d'Leit.

Et ass zwar elo mat engem Gitter ofgespaart, mee wann eng Kéier een drop geet an dee fält oder trëppelt iergendwou, wou en net soll, da fält dee ganze Buttek zesummen.

Mee leider komme mer net virun, well mer dee juristeschen Intermezzo nach mussen ofwaarden.

Ech sinn deen Éischten, dee seet: Kommt, mir maachen eppes draus. Mir haten deemools – dat wëll ech awer ganz kloer soen –, mir haten deemools de Leit proposéiert, d'Gemeng géif déi ganz Plaz nei gestalten. Mir géifen de Leit, jiddwerengem, eng Parkplaz zur Verfügung stellen, also Bauland zur Verfügung stellen. An do ass du gesot ginn: „Jo, mee dann hu mir eng Spillplaz hei, dann hu mir d'Kanner virun der Dier, dat wëlle mer net.“

Also, wann do e Revirement ass, da kënnt Der déi Leit gäre bei mech schécken, well da maache mer nach eng Kéier eng Reunioun mat hinnen. Virun zwee Joer war et onméiglech, do en Accord ze fannen. Et ass e Schandfleck vu Lasauvage, do ginn ech Iech ganz Recht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Stellungnam. Dir hutt ganz Recht, eis gefält dat och net, wann een a Lasauvage erakënnt an et gesäit een déi Wildnis do. Dat ass beileiwen net flott. Wéi erwäänt hei um Dësch, mir ginn d'Hoffnung net op, mir ginn dann op Lasauvage, mir huelen nach eng Kéier Kontakt op mat de Leit a kucken, dass mer dat anstänneg amenagéiert kréien. Sou wéi et sech fir dat schéint Duerf Lasauvage gehéiert. Mir wäerten dat Bescht draus maachen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass natierlech blöd, well mer elo d'Stroossen an där Regioun do all nei gemaach hunn. Dat hätt ee kënnen deemools matmaachen.dDat war jo och d'Iddi, fir dat deemools matzemaachen. Wa mer elo erëm eng Kéier ufänken, gëtt et méi deier wéi virdrun.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dat ass jo näischt Neits!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, och dat kenne mer jo nach aus aneren Dossieren. Madamm Engel.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Just nach eng kleng Fro. D'Leit, déi do an deene Stroosse wunnen, waren am Fong dergéint, well anscheinend hate si proposéiert kritt, hir Terrainen alleguerten un d'Gemeng zréckzeginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

A si hu refuséiert, suite à ça. Mee elo géife se awer mierken, dass et ufänkt e bësse brenzeleg ze ginn op deene Plazen. Ech denke schonn, dass wann Dir vläicht nees eng Kéier géift ufroen, dass si dann erëm bereet wieren, nach eng Kéier driwwer ze schwätzen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Späte Einsicht ass och eng Einsicht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass tipptopp. Mir wäerten dat zur Kenntnis huelen. Mir wäerten déi Leit kontaktéieren, da kënne mer Iech am nächste Gemengerot soen, wéi wäit d'Pourparlere sinn oder wéi wäit mer do virukomm sinn. Mee mir wäerte Kontakt ophuele mat deene Leit, fir do eng Léisung ze fannen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Pläng leie schonn do.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location d'un jardin sis au balcon de Lasauvage avec madame Lavanya Thulasiram.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 8k, Contrat de bail vun engem Pop-up-Store, 3, Parc Gerlache zu Déifferdeng. Dee mer géife verlounen. Dee war och eng Zäit elo net verlount. Dat ass ee klengt Geschäft, wat mer zu deene selwechte Konditioune verlounen, wéi Der am Kontrakt kënnt liesen, wéi déi Kontakter virdrun.

Wann et dozou keng Wuertmeldung gëtt, kéinte mer driwwer ofstëmmen.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme ne pas apprécier non plus l'état de ces jardins. Mais le collège échevinal n'a pas perdu espoir. Il va prendre contact avec les propriétaires et voir ce que l'on peut faire.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que les rues ont entièrement été refaites. La commune aurait pu en profiter pour réaménager ces jardins à moindre cout.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'exclame que ces informations n'ont rien de nouveau.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *connait d'autres dossiers dans la même situation.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *a entendu dire que les propriétaires étaient contraires au projet parce qu'ils devaient céder leurs terrains à la commune.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme les propos de madame Engel.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *pense que désormais, les propriétaires sont prêts à écouter une nouvelle fois le collège échevinal.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que mieux vaut tard que jamais.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *va prendre contact avec les propriétaires et tiendra le conseil communal informé.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que les plans existent.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *essayera de trouver une solution.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à un contrat de bail pour la boutique éphémère de la rue du Parc-Gerlache. Le magasin est loué aux mêmes conditions que d'habitude.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch propose de faire une pause de 15 minutes.*
*(Pause)*
*Guy Altmeisch communique au conseil communal que le service scolaire organise une présentation de ses nouveaux locaux à Gravity aujourd'hui à 14 h.*
*Le collège échevinal a fixé les dates des prochaines séances du conseil communal, mais elles ne sont pas encore toutes sures. Guy Altmeisch propose aux conseillers communaux de les leur envoyer ensemble avec le programme de coalition au cours des dix prochains jours.*
*Le bourgmestre passe au point 8 l.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'il est question de l'acquisition de pellets pour chauffer l'école de Niederkorn. Le prix est le même qu'en 2010, c'est-à-dire 180 €. Fred Bertinelli voudrait que tout le campus puisse être chauffé de la sorte. D'autres projets vont suivre, mais il s'agit de projets privés. Le collège échevinal essayera malgré tout de les chauffer grâce à une centrale de cogénération.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *marque son appréciation pour ce projet. Malheureusement, en faisant du vélo dans la forêt, il a constaté un nombre choquant d'arbres au sol.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *confirme les propos de monsieur Tempels.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime que la commune devrait exploiter ce potentiel pour le chauffage. Qu'en pense le garde forestier ?*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail du popup store au 3, rue du Parc-Gerlache à Differdange avec Savan'Art Deco SARLS.*

Ech soen Iech Merci. Et ass 10 Auer. Ech proposéieren, dass mer eng Véirelstonn Paus maachen. Um 10.15 Auer, 10.20 Auer géife mer erëm unzéien. Ech soen Iech Merci.

(Paus)

Da géife mer zréck op den Ordre du jour kommen. Ier mer awer dozou kommen, hätt ech nach eng Matdeelung an eegener Saach: De Schoulservice erënnert drun, dass se de Mëtten eng Inauguratioun hu vun hiren neien Ërtlechkeeten, wou mer och invitéiert waren als Conseilleren. Dat ass de Mëtten um 14 Auer am Gravity. Wa mer eis do kéinten erëmgesinn, fir drun deelzehuelen.

Eng aner Saach, déi elo an der Paus e bësse beschwat ginn ass, dat sinn déi Datume vum Gemengerot. Wat ech verstinn. Ech hat Iech dat och versprach. Mir hu verschidden Datumen erausgesicht, mir sinn awer nach net honnertprozenteg eens. Soudass ech dann elo een neit Versprieche maachen: Dass mer Iech déi schrëftlech zoukomme loosse mat dem Koalitiounsprogramm. Da kritt Der dat schrëftlech, dann hutt Der alles an deenen nächsten zéng, eelef Deeg sécher an Ärer Boîte oder digital. Wéi Der et gären hätt.

Da kéime mer zum Punkt 8l. Dofir géif ech dem Här Bertinelli d'Wuert ginn, fir eis do déi néideg Erklärungen ze ginn. Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Hei kafe mer Hëtzt a fir eis Schoul zu Nidderkuer. Mer kafen hei Energie an, Pellets, wéi mer an deenen neie Gebaier praktesch alleguerten hunn. Et ass näischt Aussergewéinleches. Frou sinn ech, datt d'Präisser sech an deem Beräich nach ëmmer halen, mat 180 Euro. Dat heescht säit 2010 sinn et nach ëmmer déi selwecht Präisser. A frou wiere mer och, wann dee ganze Site, dee ganze Campus mat esou enger Hëtzt géif gehëtzt ginn. Hei ass elo de Moment d'Schoul.

Mee et komme jo nach ganz, ganz vill Gebaier dobäi. Dat si meeschtens awer privater, mir probéieren awer och do – wat eis Aufgab ass –, eng Kogenerationsanlag eranzekréie fir dee ganze Site. Mee, wéi gesot, um Ordre du jour ass elo mol d'Schoul vun Nidderkuer, de Mathendahl. Do géif ech Iech all léif froen, dat ze matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli, fir déi Erklärung. Ech géif d'Wuert un den Här Tempels ginn.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Et ass eng gutt Saach, dass mer d'Holz aus eise Bëscher verwäerten, fir an eisen eegenen Heizungen als Energie ze verbrauchen.

Wat mech schockéiert huet, ech war déi lescht Zäit mam Vëlo duerch déi Déifferdenger Bëscher, wann ee gesäit, wéi vill futtis Beem an ëmgefale Beem an de Bëscher leien.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass richteg!

**GUY TEMPELS (CSV):**

Also, do ass immens vill Potenzial. Et misst ee kucken, déi awer esou ze recuperéieren. Oder op jidde Fall mol een Deel. Dass een déi kéint verwäerten an eisen Heizungen. Ech weess net, wat eise Fierschter dozou seet. Dat ass meng Interventioun. Natierlech stëmme mir mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Eng weider Wuertmeldung? Da kéime mer zur Ofstëmmung.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech géif dem Här Tempels awer drop äntweren. Ech fannen et ganz richteg, wat e seet. Mir haten do e puer Problemer. Dee ganzen Deel,dee mer ewechgeholl hu wéinst dem Borkenkäfer. Dat gesäit natierlech elo anescht aus wéi dat, wat ee gewinnt war, zemools, wann een op Lasauvage fiert, wann ee ganze Bësch op eemol fort ass. Op Plazen hu mer aalt Holz, wat mer do leien hunn, mee, effektiv, hei war et relativ vill.

Fir selwer Pellets ze maachen, dat aalt Holz misst een dann u Firme verkafen, well mer selwer keng Maschinn hunn, fir esou vill Pellets ze maachen. Et ass scho richteg, et läit de Moment enorm vill. A mir haten och, wat ech fonnt hunn, mat deem Summer, dee mer haten, vill Chance, datt mer ni Feier haten am Bësch, mat deem villen Holz, wat do läit. Datt et ni zu engem Brand komm ass, well enorm vill Holz do läit.

Mir hunn de Fierschter schonn drop ugeschwat gehat, et ass en Deel, deen ewechgeholl gëtt. Mee mir hu jo a verschiddenen Deeler vun eisem Bësch Alholzinselen. Ech verstinn dat och, an dat ass och richteg. An do muss een och kucken, datt dat net ze vill gëtt, wat da sur place nach verfault a sech erëm an de Buedem regeneréiert. Wat awer gutt ass fir de Bësch. Mee, wéi gesot, hei war et effektiv vill, well et war e ganze Koup Beem, déi ëmgefall waren.

Do kucke mer mam Fierschter, wann en elo mam Bëschplang kënnt, wat e ganz genau do mécht. Effektiv, wann ee selwer esou eng Anlag hätt, da kéint een Holzpellets maachen, dat wier net vu Muttwëll. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Erklärungen. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de fourniture de chaleur avec LuxEnergie pour le campus Mathendahl à Niederkorn.*

Ech soen Iech Merci. Kommen zum Punkt 8m, wou et ëm e Contrat de bail geet iwwer eise Gite touristique. An ech géif dem Här Ulveling dofir d'Wuert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm de Gite touristique vum Minett Trail, wou am Kader vun Esch2022 eelef Gitten opgeriicht si ginn. Déi erlaben, e Parcours vun 90 Kilometer ze maachen, deen, wéi gesot, duerch eelef Gemenge geet.

De regionalen Office du Tourisme huet en Appel d'offre gemaach, fir déi Gitten ze geréieren. Dee Mann muss e Système de réservation maachen, Premier aménagement, Housekeeping, Gestion de l'accès, Système de contrôle des clés, Gestion de surveillance a Petits entretiens.

Deen heite Kontrakt ass mat eelef Gemenge gemaach ginn. Dir hutt de Listing virleien, dee mir festgehalen hunn. Dir gesitt och, dass a verschiddene Gemengen dat anescht gehandhaabt gëtt.

Do si Gemengen, déi froe pro Nuitée eppes. An et si Gemengen, déi froen e monatleche Loyer. Mir sinn op de System gaangen, dass mir pro Nuitée 150 Euro froen, fir dee ganze Gite ze lounen. Den Exploitant muss eis 30 %, vun deem, wat en erakritt huet, zréck iwwerweisen, fir den Invest, dee mer gemaach hunn.

Ursprénglech hätten déi Gitte sollen den 1. Mäerz opgoen. Mee wéinst Fournisseuren, déi net rechtzäiteg geliwwert hunn, konnt et eréischt den 1. Juli opgoen. A mir hunn awer dem Exploitant, vu dass et eng gewëssen Ulafzäit brauch, bis dat dann esou richteg leeft, gesot, e bräicht déi véier éischt Méint kee Loyer ze bezuelen. An eréischt ab 1. November dëst Joer misst en dann deen éischte Loyer bezuelen. Wéi gesot, fir him eng Chance ze ginn, fir sech um Marché ze etabléieren.

De Kontrakt ass dee selwechte fir all Gemeng. An et kann een iwwert d'Plattform www.kabaisercher.lu oder www.simpleviu.com dee Gite reservéieren, wann ee wëll.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *donne raison à monsieur Tempels. Il rappelle qu'il a fallu abattre des arbres à cause du bostryche. C'est pourquoi la forêt a désormais un aspect différent.*
*Pour transformer ces arbres en pellets, il faudrait vendre le bois à une entreprise, car la commune ne dispose pas de l'équipement nécessaire.*
*Fred Bertinelli ajoute que la commune a eu de la chance qu'aucun incendie ne se soit déclaré dans la forêt cet été. Le collège échevinal en a parlé au garde forestier. Une partie du bois a été enlevé. Mais la forêt compte aussi des ilots de bois mort, qui pourrit sur place et régénère la terre. C'est une bonne chose pour la forêt.*
*Pour ce qui est des autres arbres, il faudra voir quoi en faire dans le Plan de gestion des forêts. Si la commune disposait d'une machine, elle pourrait produire des pellets.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à un contrat de bail pour le gite touristique.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit du gite touristique du Minett Trail. En tout, le parcours fait 90 km à travers 11 communes.*
*L'Office régional du tourisme a lancé un appel d'offres pour la gestion des gites. Le gérant devra mettre en place un système de réservations, les premiers aménagements, la gestion de l'accès, le contrôle des clés, la surveillance, les petits entretiens…*
*Le contrat a été établi avec 11 communes. Le conseil communal dispose de la liste. Certaines communes facturent une somme par nuitée tandis que d'autres demandent un loyer mensuel. Differdange a opté pour 150 € par nuitée. L'exploitant devra verser 30 % de ses revenus à la commune.*
*Les gites étaient censés ouvrir le 1er mars 2023. Mais finalement, ils ont ouvert le 1er juillet à cause de problèmes de fourniture. Pour lui laisser le temps de s'acclimater, la commune ne demandera pas de loyer au gestionnaire les quatre premiers mois. Le premier loyer sera donc versé le 1er novembre.*

*Le contrat est le même pour toutes les communes.*
*Les réservations sont faites sur le site kabaisercher.lu et simpleview.com.*
*Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver le contrat.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *salue ce contrat en tant que présidente de l'ORT Sud. Elle espère que la coopération avec la commune se passera bien pour ce projet et pour d'autres.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'il s'agissait d'un projet-phare d'Esch2022. Malheureusement, fin 2023, personne n'a encore dormi dans un des gites. C'était le projet le plus onéreux de Differdange.*

**TOM ULVELING (CSV)** *proteste.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande s'il y a déjà eu des clients.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que des gens y ont passé la nuit pour le Blues Express.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *trouve cette situation regrettable, mais il approuvera le contrat dans l'espoir que les choses iront mieux.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *estime que ce contrat entre l'ORT et l'exploitant est une bonne chose pour ce qui est de l'organisation des gites.*
*Le Minett Trail fait 90 km et relie 11 communes. Le potentiel est conséquent. Claude Olten imagine que le Minett Trail pourrait être étendu à d'autres communes et même relié à des villes en France. Cela permettrait de promouvoir le tourisme. On pourrait aussi mettre en place un système de transport de bagages pour les randonneurs et les cyclistes, comme il en existe à l'étranger. Claude Olten propose aussi une station de lavage de vélos au gite ou à la maison des scouts.*
*Le CSV approuvera le contrat.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *assure monsieur Olten que le collège échevinal fera son possible pour promouvoir le tourisme dans la région.*

Ech géif Iech bieden, dat matzestëmmen, fir dass mer dann elo deen éischte Loyer kënnen encaisséieren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Madamm Charlé, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Als nei Presidentin vum ORT Sud begréissen ech dëse Kontrakt, deen ënnerschriwwe ginn ass. Ech hoffen zukünfteg op eng gutt Zesummenaarbecht mat der Gemeng Déifferdeng, wat den ORT Sud ugeet, natierlech an dësem Projet, awer och an deene Projeten an den Iddien, déi nach wäerten opkommen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Am Fong geet et jo hei ëm eise Projet phare am Kader vum europäesche Kulturjoer 2022. Wann ech dat richteg verstanen hunn, huet bis elo nach ëmmer keen do an enger Kabaische geschlof. Mir si mëttlerweil Enn 2023. Zumindest war et deen deierste Projet vun eis.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dach!

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Huet schonn een dra geschlof fir ze testen?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Fir de Blues Express hate mer Leit dran.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech fannen et just schued. Mee mir wäerten dat hei natierlech elo matdroen, an der Hoffnung, datt et besser gëtt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Olten.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

De Kontrakt tëschent dem ORT Sud an dem Locataire, dem Exploitant oder Simpleviu ass eng gutt Saach, well esou kann een déi eelef Gitte besser kontrolléieren/organiséieren.

De Minett Trail huet 90 Kilometer. Dat ass wierklech eng super Verbindung tëschent deenen eelef Gemengen. Do stécht fir mech nach méi Potenzial dran. Zum Beispill en Ausbau vum Minett Trail op aner Gemengen, e bësse méi wäit, mat Verbindung vläicht bis ënnen op Zowaasch, Frankräich eriwwer. Well den Tourismus, dee misst een e bësse méi fërderen do.

Ech denken och un en Angebot vum Transport vum Gepäck fir Wanderer a Vëlosfuerer. Dat gëtt jo vill am Ausland gemaach. Dat géif de Leit bestëmmt gutt gefalen.

Och vläicht eng Méiglechkeet, fir de Vëlo ze wäschen an eiser Gemeng, beim Gite oder iergendwou anescht, beim Scoutenhaus. Fir mech géif dat Ganzt den Tourismus richteg gutt fërderen.

Dat ass eng flott Saach, dat stëmme mir mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Eng weider Wuertmeldung? Ech kann Iech confirméiere, vun der Säit vum Schäfferot aus, wäerte mir alles Méigleches maachen, fir den Tourismus hei an der Géigend ze fërderen. An och fir déi gutt Iddien, déi mer hei matkritt hunn, mat op de Wee ze huelen. Mir sinn op fir all gutt Iddi. A mir wäerten och den ORT tatkräfteg ënnerstëtzen, fir dass dat Ganzt um Liewe bleift an

nach méi attraktiv gëtt, wéi dat bis elo ass. Mir wäerten do alles drusetzen.

Wann et keng weider Wuertmeldunge méi gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le nouveau contrat de bail et d'exploitation hôtelière des gites touristiques du Minett Trail.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 8n, eng Konventioun, déi mer zesumme mat der Post maachen, fir an der Wierkstrooss, an der Michel-Rodange-Strooss e PackUp ze installéieren. Dir gesitt d'Konditiounen, déi festgehale gi sinn.

Ech gesinn et als Plus-value un. An doduercher hu mer och d'Ofsécherung oder d'Sécherheet, dass d'Post wierklech op där Plaz do bleift, wou se elo ass. Dass mer awer nach e bëssen eppes vun engem Geldgeschäft oder vun engem Postgeschäft am Zentrum hunn, wat sech jo och positiv op den Zentrum auswierkt.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech hunn eng kleng Propositioun. Ech fannen et wichteg, fir eng Campagne d'information ze maache bei de Bierger. Dat ass déi zweet PackUp-Statioun hei an der Stad Déifferdeng. An ech mengen, vill Leit wëssen net, dass se do sinn. Eng Campagne d'information fanne mer wichteg. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir huelen dat mat op de Wee. Mir wäerten déi Informatioun am nächsten Diffmag propagéieren, deen un alleguer d'Menagë geet. Dass d'Leit och wëssen, wou et ass an déi Adressen derbäileeën. Mir probéieren dat nach ze integréiere fir déi nächst Editioun. Merci fir déi gutt Iddi.

Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'une parcelle à Post Luxembourg pour une station PackUp à Differdange, rue Michel-Rodange.*

Ech soen Iech Merci. Mer kéimen zum Punkt 8o, dat si Contrat-de-bailen am 1535°. Et sinn der dräi un der Zuel. Op der Diffcloud konnt Der déi kucken. Ech wëll elo net weider an den Detail agoen. Et sinn ëmmer déi selwecht Konditiounen a Relatioun mat de Meterkareeën, déi d'Leit lounen, an och a Relatioun mat de Chargen, déi se dann hunn, déi se da kréien.

D'Madamm Aurélie Adam produzéiert Bijouen am Glas. D'Maida Halilovic ass eng Projektmanagerin, déi kulturell Institutioune fërdert. An Atypic Prod, dat ass eng Produktiounsfirma. Wat maachen déi? Filmproduktiounen, genau. Dat nach zur weiderer Erklärung zu deene Kontrakter, déi Der op der Diffcloud virfannt. Wann et keng Wuertmeldungen dozou gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec AtYpIC Prod SARL.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Aurélie Adam.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Maida Hallovic.*

*Il tiendra compte de ces bonnes idées.*
*La commune soutiendra en outre l'ORT afin de rendre ce site plus attractif.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à une convention avec Post Luxembourg pour installer une station Pack Up dans la rue Michel-Rodange. Les conseillers communaux disposent des conditions retenues.*
*Guy Altmeisch y trouve une plus-value dans le fait que Post Luxembourg restera dans le centre-ville.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *propose une campagne d'information. Il s'agit de la deuxième station Pack Up à Differdange, mais les gens ne le savent pas forcément.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rétorque que l'on reçoit une notification quand un paquet est arrivé.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *constate que c'est même la troisième station.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de propager l'information dans le Diffmag. Il remercie monsieur Aguiar pour son idée.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe aux contrats de bail du 1535°. Ils se trouvent sur le Diffcloud. Les conditions sont les mêmes que d'habitude en ce qui concerne les mètres carrés et les charges.*
*Madame Aurélie Adam produit des bijoux en verre. Maida s'occupe de la gestion de projets pour des institutions culturelles. Et Atypic Prod produit des films.*
*Le bourgmestre s'excuse pour la prononciation. Il fait de son mieux.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch répète que les détails figurent sur le Diffcloud.*
*(Vote)*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *passe au point suivant et constate que la commune tente de nouvelles choses. Le city manager organise un grand défilé de mode au hall O samedi prochain. Les designers présents sont connus au niveau international.*
*Fred Bertinelli répète qu'il s'agit d'essayer quelque chose de nouveau. On verra ce que cela donne.*
*La sœur de Ronaldo sera présente, ce qui pourrait attirer du monde.*
*La commune a décidé de tenter l'expérience. Il faudra voir quelles seront les répercussions. Peut-être que de nouveaux magasins de vêtements ouvriront leurs portes.*
*Fred Bertinelli estime que celui qui ne tente rien n'a rien. Il demande au conseil communal d'approuver ce projet.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *trouve cette initiative chouette. Elle a été lancée par le collège échevinal précédent en collaboration avec la Cellule économique. Elle va engendrer de la publicité pour Differdange. Laura Pregno espère que beaucoup de monde viendra.*
*La conseillère communale ne voit en revanche pas quelles seront les répercussions pour les commerçants differdangeois. Le programme n'en parle pas.*
*Par ailleurs, le programme ne figure que sur Instagram. Le conseil communal n'a même pas été invité. Il s'agit tout de même d'un évènement qui intéresse tout le monde avec de la musique…*
*Pour les prochaines années, il faudrait se demander si l'évènement ne devrait pas être organisé sous le slogan de Different Together. Car la mode renvoie une image aux jeunes. Il faut que tout le monde s'y retrouve: les différents genres, la communauté LGBTQ+, les différentes tailles… Laura Pregno a lu que l'on cherchait uniquement des mannequins à partir de 1,73 m. Elle aurait bien participé à la manifestation si l'on avait cherché des formes plus voluptueuses. Elle cherchera sur Instagram si, entre guillemets, les mannequins sont toutes affamées, car elle ne sera pas là étant donné qu'elle n'a pas été invitée.*

Ech soen Iech Merci. Fir den nächste Punkt géif ech d'Wuert un den Här Bertinelli ginn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Vu datt mer jo andauernd nei Saache probéieren an ëmmer fir nei Saache sinn, probéiere mer dann elo nächste Samschdeg mat eisem City-Manager ee groussen Defilé am Hall O ze organiséieren.

Déi Leit, déi do matmaachen, hunn internationalen Niveau. Dat heescht Leit, déi op Catwalke wéi Mailand oder Paräis trëppelen, déi wäerten de Weekend zu Déifferdeng sinn, en tout fir eis Geschäftswelt, eis Kleederbranche.fFir eng Initiative ze huelen, datt mer och iwwert dee Wee eppes probéieren. Loossen eis emol iwwerraschen, wat esou een internationale Moudedefilé bréngt.

Dem Ronaldo seng Schwëster geet mat op der Bün. Soudatt dat schonn eng gewësse Press unzitt an e Public unzitt. Dat ass eppes, wat mer wollte probéieren eng Kéier, fir ze kucken och, wat fir Akzenter mer kënne setzen an eiser Kleederwelt, déi mer nach hunn zu Déifferdeng. An och weiderzefuere vläicht mat klengen Initiativen. Fir datt déi Kleeder, déi déi Leit do verkafen, dann och vläicht d'Leit incitéieren, op Déifferdeng an d'Geschäfter ze kommen.

Ech wier frou, wann Der dat géift matstëmmen. Dat ass eppes, wat mer soss net d'Gewunnecht haten ze maachen, dat ass nei. Wéi gesot, et si mol Saachen, déi mer ausprobéieren an herno zéie mer de Bilan, ob et eppes ginn ass, ob dat richteg war oder net. Mee wann een et net mécht, weess een et net. Ech géif Iech all bieden, dat hei matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Sécherlech ass dat eng ganz flott Initiativ, Här Bertinelli, déi jo vum virege Schäfferot ugekuerbelt gouf, zesumme mat der Cellule économique.

Et bréngt sécherlech ganz vill Pub fir Déifferdeng an et wäert sécherlech e Rayonnement hunn, dat iwwer Déifferdeng erausgeet. An ech hoffen, dass vill Leit wäerten de Weekend kommen.

Wat ech awer elo net erëmfonnt hunn am Programm, dat ass, awéiwäit déi Fashion Week, déi jo dann am Hall O zu Uewerkuer ass, eng Repercussioun huet op de Commerce respektiv d'Geschäftswelt zu Déifferdeng selwer. Also dat geet aus dem Programm net ervir. E Programm, deen ech och, leider, just op Instagram fonnt hunn.

Menges Wëssens huet de Conseil communal keng Invitatioun kritt fir deen Owend, wat ech immens schued fannen. Et sollt jo awer en Event sinn, wou mer all eppes gesinn a kënnen drun deelhuelen. Dat ass jo dee ganzen Owend mat hei Musek an do Musek. Weess ech alles vun Instagram.

Dann eppes anescht, wat ech mech gefrot hunn. Dat ass awer éischter eppes, wann een dat wëll déi nächst Jore weiderféieren, awéiwäit déi Kollaboratioun dann och ënner der Charte vun der Diversité, Different together soll stattfannen. Well awer d'Fashionwelt an d'Moud am grousse Ganzen, sief et just fir deen Event, mee als Bild, wat mer de Jonke ginn. Sinn do Saachen ugeduecht, dass do weidergeschafft gëtt, dass do all Genre sech dran erëmfënnt, sief et LGBTQ+ oder och all verschidde Moossen? Well do gëtt et jo ëmmer erëm Diskussiounen. Awéiwäit huet dat en Afloss op eis Jonker an op d'Bild, wat mer eis vun de Kierpere ginn?

Ech hu gesinn, dass Models gefrot waren ab 1,73 m. Konnt mech do leider net mellen, soss hätt ech gekuckt, ob ech vläicht géif do erapasse mat méi Curvy-Size. Ech si gespaant, ob do da just „Hungerhaken“ lafe wäerten. Wat ech dann och op Instagram liesen, well ech ka jo leider net dobäi sinn, well ech krut keng Invitatioun. Loossen ech mech dann iwwerraschen.

Vläicht ass dat eng Recommandatioun fir weider Editioune vun der Fashion Week, wann déi da weiderhi wäert zu Déifferdeng stattfannen. A wann et dann en Erfolleg gëtt. Dat gesi mer jo dann de Weekend. Merci.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Kann ech äntweren? Wann nach ee Froen huet, äntweren ech um Schluss. Et ass egal.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Eng weider Wuertmeldung? Madamm Charlé, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Ech wollt just eng ganz kuerz Bemierkung op der Madamm Pregno hir Ausso maachen. Wat ech natierlech och ganz begréissen, wat Der do gesot hutt. Ech wollt awer dorop hiweisen, datt wann Der scho vun Diversitéit schwätzt, an dann e Wuert wéi „Hungerhaken“ an de Mond huelt, dass ech dat net ugepasst fannen. Een, dee schmuel ass, dee kann och net fir seng Size. Wollt dat just bemierken, dass dat a mengen Aen och dann net ënner Diversitéit esou däerf benannt ginn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hat et jo ënner Guillemete gesat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech muss soen, ech sinn net bis op Instagram siche gaangen, ech hu wierklech vun där Fashion Week als Gemengerotsvertrieder nach näischt héieren. A mir bezuelen awer hei de VIP Catering als Gemeng, wou ech mech éierlech gesot froen, firwat mir als Gemeng, als ëffentlech Hand deen dote Budget, also deen doten Event esou hei brauchen zu Déifferdeng respektiv fërderen.

Mir kënne gären esou privat Evenementer ophuelen. Mee d’Fashion Industry ass eng Industrie, déi ganz staark bäidréit zum $CO_2$-Ofdrock. Am Sënn vun der Cohérence des politiques géif ech et begréissen, wann een hei vläicht mat der Caritas oder mat engem BENU iwwer aner Moud, vill méi nohalteg Moud géif eppes maachen. Oder op d’mannst déi heiten Offer géif doduercher complementéieren.

D’Madamm Pregno huet et scho gefrot: Wat huet dat mat eiser lokaler Geschäftswelt ze dinn? Dat erschléisst sech mir elo éischter manner. Wann ee schonn als Gemeng esou ee privat Evenement ophëlt an ënnerstëtzt, dann ass et dat Mindest, dass ee kuckt, ee Lien zum lokale Liewen hierzestellen. Wann da mol net de Gemengerot méi informéiert ass, da froen ech mech, wéi gutt eis Bierger informéiert sinn oder wéi gutt eis Geschäfter informéiert sinn, an dass een och Plaz do schaaft, fir déi lokal Geschäftswelt. Dat ass dat eent.

Dat anert ass, dass ee kuckt: Wat ass den ëffentlechen Optrag, am Sënn vun Engagementer, déi ee geholl huet am Beräich vun der Nohaltegkeet, am Beräich vu Fairtrade? Mir sinn eng Fairtrade-Gemeng. Mir si Klimabündnis-Gemeng. Dat sinn alles Engagementer, déi mer huelen an déi mussen, menger Meenung no, och op esou Plazen da present sinn. Soss ass et net un eis als Déifferdenger Gemeng, do ëffentlech Suen dranzestiechen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass jo gutt, Här Diderich, datt et net ëmmer esou ass, wéi Dir sot. Soss géif jo kee méi eppes organiséieren. Et ass iwwerhaapt net esou, wéi Dir sot, datt dat keen Incentive op eis Geschäftswelt hätt an net op d’Leit hätt. Mir sinn net de Maître d’oeuvre dovunner, mir hunn dat dote jo och kritt, wéi et war. Mir droen do zu engem ganz klengen Deel bäi zu där Organisatioun, fir datt déi ka stattfannen.

*Mais ce ne sont que quelques recommandations pour les prochaines éditions.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *salue les propos de madame Pregno. Mais si l’on parle de diversité, il faudrait éviter d’utiliser des termes comme « mannequins affamés ». Quelqu’un de maigre n’y peut rien non plus.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *avait précisé qu’elle plaçait le terme entre guillemets.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *n’a pas fait l’effort de chercher sur Instagram. Il n’a donc reçu aucune information. Pourtant, la commune finance le catering. Il ne comprend pas pourquoi des instances publiques doivent promouvoir ce type d’évènement à Differdange. Sans oublier que l’industrie de la mode est responsable d’importantes émissions de $CO_2$.*
*Les hommes politiques devraient se montrer plus cohérents. Gary Diderich propose un partenariat avec Caritas ou BENU afin de promouvoir un autre type de mode plus durable.*
*Madame Pregno a demandé ce que cet évènement a à voir avec les commerces locaux. Gary Diderich se pose la même question, car si la commune décide de promouvoir un tel évènement, elle devrait au moins veiller à ce que le commerce local soit impliqué. En plus, le conseil communal n’ayant même pas été informé, Gary Diderich se demande ce que savent la population et les commerçants.*
*Par ailleurs, la commune a-t-elle pris des engagements en matière de durabilité et de commerce équitable ? Differdange fait partie de l’Alliance pour le climat. Si elle ne s’investit pas, elle ne devrait pas financer de tels évènements.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *réplique que la commune n’est pas le maitre d’œuvre et qu’elle ne fait que participer de manière minime à l’organisation.*
*Par ailleurs, l’échevin signale que les magasins de vêtement de Differdange sont disposés à participer à un défilé dans le centre commercial.*

*De toute façon, pour atteindre un objectif, il faut tenter des choses et voir ce qu'il en ressort. Par exemple, inclure les magasins dans des projets pour convaincre les gens à acheter des vêtements à Differdange.*
*Pour Fred Bertinelli, la commune doit essayer de soutenir ses commerçants. C'est pourquoi elle a acheté des bâtisses et des magasins. Est-ce que c'était une erreur ? Pour parvenir à sauver le commerce, il faut tenter des choses.*
*De toute façon, le budget investi dans la Fashion Week est minimal. D'un point de vue organisationnel, le travail a été conséquent, mais Fred Bertinelli a trouvé qu'il fallait essayer. Bien entendu, le niveau ne correspond pas à celui des commerçants de Differdange. Mais c'est pourquoi ceux-ci organisent leur propre défilé.*
*Fred Bertinelli répète que qui ne tente rien n'a rien. Et le budget était de toute façon restreint.*
*L'échevin s'excuse auprès des conseillers communaux en ce qui concerne les invitations. Mais il précise que la commune n'est pas l'organisatrice de l'évènement. Certains ont été invités ; d'autres pas. La commune a demandé des tickets. Fred Bertinelli se renseignera demain. En attendant, ceux qui veulent y aller peuvent le lui dire tout à l'heure et il essayera de leur procurer une invitation. On n'est pas à vingt personnes près.*
*Fred Bertinelli répète que la commune n'organise pas l'évènement. Elle ne fait que veiller à ce que tout fonctionne. Elle a aussi prévu un petit service traiteur.*
*Tout le pays va parler de cet évènement. Des personnes vont se trouver à Differdange alors que normalement elles ne viennent pas dans notre pays. C'est donc une bonne chose.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que la Fashion Week a eu lieu à Dudelange l'année dernière et à Luxembourg-ville l'année précédente. Cette année, les organisateurs ont choisi Differdange. C'est une plus-value pour notre ville.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souhaite poser une question.*

Mee ech wëll Iech awer just soen, mir waren doropshin an eng Grande surface, am Auchan, fir et net ze nennen. Mëttlerweil sinn déi dann och elo bereet an hirer Grande surface mat de Leit, déi Geschäfter hei zu Déifferdeng hunn, och esou eppes ze maachen. Fir d'Leit hei an Déifferdeng.dDéi och wëllen am Auchan an der Mall en Defilé maachen. Mat deene Kleedergeschäfter, déi si dann hunn.

An et muss een ëmmer soen: Wann een iergendwou gär wëll hin, da muss ee jo iergendeppes probéieren a kucken, wéi kënnt een dann dohinner. A wéi kann ee mat eiser Geschäftswelt eppes maachen, wou se duerno och en Incentive dovun hunn, datt d'Leit dat kucke ginn an dann déi Moud dann och vläicht kafen, déi an eiser Stad hei an déi Geschäfter hunn?

Also ech gesinn dat e bëssen anescht, wéi Dir et gesitt. An ech gesinn och de Rôle vun der Gemeng anescht. Wa mer wierklech d'Geschäftswelt wëlle beliewen, an alles, wat mer dann hei wëlle maachen – dat hu mer jo schonn honnertmol gemaach, datt mer Saachen hei kaf hunn, Haiser, Geschäfter opkaf hunn, wou nach ëmmer keen dran ass. Wann dat alles esou falsch war, dann däerf een dat wierklech net maachen, da muss ee wierklech sech op dat eleng bezéien, wat d'Gemeng ugeet.

Mee wann een awer an déi Richtung geet, fir déi Stad hei e bëssen ze retten an d'Geschäftsliewen erëm e bëssen un d'Goen ze kréien, da probéiert ee Saachen.

An ech fannen, datt de Budget ganz minim kleng ass fir esou ee grousst Event. D'Organisatioun huet eis e bësse méi gefuerdert. Mee ech hu jo dofir am Virfeld gesot, datt een dat soll eng Kéier probéieren. A mir hunn dann och probéiert nozezéien a bei eis Geschäftsleit ze goen, well dat hei elo erëm een Niveau huet, deen iwwert deem ass vun eise Geschäftsleit.

Mee hu mer gesinn, datt dann awer eis Geschäftsleit nozéien an dat awer gutt fannen an da soen, da maache mir och esou een Defilé, fir déi Leit, déi hei an Déifferdeng sinn. Mee wann een näischt probéiert, da kann een näischt hikréien. A mir probéieren et dës Kéier mat ganz, ganz wéineg Budget, muss ech soen.

Wéinst den Invitatiounen, entschëllegt mech, datt de Gemengerot keng kritt huet. Et ass keng Organisatioun vun der Gemeng. Dat sinn déi Leit, déi dat organiséieren. Eenzel Leit hu se eng Invitatioun geschéckt. Et hätt ee kënnen nofroen. Mir hunn eng Kéier nogefrot fir eenzel Billjeeën ze kréien. Mee wann Der wëllt, froen ech muer nach eemol no. Déi Leit, déi wëlle goen, solle mer dat herno soen, da probéieren ech, eng Invitatioun fir déi Leit ze kréien. Et wäert dann net op 20 Leit ukommen. Da maache mer dat nach.

Mee mir hunn u sech mat der Organisatioun selwer, wat si deen Owend do maachen, näischt ze dinn. Also mir kucke just, datt et klappt, datt et iwwer d'Bün geet. Mir maachen ee klengen Incentive op de Catering. Dat ass awer schonn alles.

Ech gesinn et awer positiv, well dann eppes geschitt, wou d'ganzt Land driwwer schwätzt. Well awer Leit do sinn, déi s de soss hei zu Lëtzebuerg net gesäis. An déi sinn hei zu Déifferdeng. Bréngt eis Stad awer erëm e bëssen no vir. An duerfir fannen ech et gutt, datt mer dat maachen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir d'Erklärungen. Ech wëll zousätzlech nach soen, dass déi Fashion Week d'lescht Joer zu Diddeleng war. Dat Joer virdrun an der Stad. An dass mer als Stad Déifferdeng stolz waren, dass mer se dës Kéier kéinten zu Déifferdeng empfänken. An dass se net op déi Sitten, wou se déi Jore virdru waren, zréckgegraff hunn, mee dass mir se dës Kéier hei bei eis op Déifferdeng kréien. Wat jo och eng Plus-value ass fir eis Stad.

Dat gesot, wann et keng weider Wuertmeldunge gëtt, géife mer zum Vott kommen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dierft ech just nach kuerz eng ganz kleng Fro stellen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn héieren, dass fir de Weekend, oder dee Moment, wou d'Fashion Week ass, um Site selwer näischt anescht dierft stattfannen. Ënner anerem huet e Fussballsmatch vun enger Dammenekipp musse verluecht ginn. Ech wollt just froen, firwat dat ass.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ma dat ass eng Affär vu Parking gewiescht. Déi Parkingen, déi si reservéiert haten, wou mir hinnen zougestanen hunn. Do war eng Dammenekipp, déi eng Stonn virdru sollt spillen. An do hu mer am Fussball nogefrot, d'Dammenekipp, déi waren awer bereet ze réckelen op en aneren Terrain an eiser Gemeng. Wat keng Affär war. Anstandslos ass dat gaangen, wéi mer dat schonn oft gemaach hunn, wann d'Gemeng eng Manifestatioun hat, ware si bereet, op Nidderkuer spillen ze goen. Dat ass awer keng Diskussioun gewiescht, soudatt mer dat konnte verréckelen.

Et war net, datt do Nee gesot ginn ass. Mir hu gefrot, wann et net gaange wär, hätte mer se spille gelooss. Mee et war awer kee Problem, well dann och déi Leit, déi dat kucke ginn, dann och schwéier eng Parkplaz fonnt hätten. Sou ass dat besser gaangen op deenen zwou Säiten. Mir hu déi Méiglechkeet an eiser Gemeng, op deen een oder deen anere Site kënnen auszewäichen. An duerfir hu mer dat esou gemaach.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wann Der vu Parking schwätzt, wann ech richteg verstanen hunn, ass den zouene Parking reservéiert an den Ticket gëtt rembourséiert. Oder bezilt jiddereen dee selwer?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat kann ech Iech elo net soen, ech weess dat elo net. Leschten Informatiounen no ass et …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, et ass net vun engem Remboursement geschwat ginn. Et gëtt mat 1.000 Leit gerechent. Dass mer och aus Sécherheetsgrënn de Fussballsmatch decaléiert hunn. An d'Strooss gëtt och gespaart, dass just d'Autoen eropkommen an d'Foussgänger geséchert kënnen erofgoen an den Hall O.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Op de Soziale Medie steet: „Vergiesst net, ier Der zréckgitt bei de Parking, dass Der Ären Ticket validéiere loosst." Do hunn ech mech gefrot, wat heescht dat: „Loosst Ären Ticket validéieren"? Ass een da vun do, dee mer mäi Parking bezilt, wann ech do sinn? Hutt Der e Remboursement gefrot vum Ticket? Ass de Parking matgelount ginn? Dat wär nawell interessant ze wëssen. Well dann ass jo d'Engagement vun der Gemeng wäit iwwer 2.000 Euro, wa mir och nach de Parking rembourséieren. En plus si jo dann och aner Usagere vun deem Parkraum dee Moment ausgeschloss vun deem Ganzen, soen ech elo mol.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass ganz richteg.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et géif mech einfach just interesséieren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, et ass eng gutt Iwwerleeung. Mee ech mengen, wann et souwäit komm wär, da misste mir jo als Schäfferot Bescheed wëssen, wat fir ee finanziellt Engagement mer weider do hätten. D'autant plus interpretéieren ech et esou: Wa mer vun enger Validatioun vum Ticket schwätzen, dass déi Valida-

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne l'avait pas vue. Il lui cède la parole.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a entendu dire que le weekend de l'évènement, aucune autre manifestation n'aura lieu à Oberkorn. Une rencontre de football féminin a même dû être reportée.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que les places de stationnement sont réservées. Une équipe était censée jouer une heure avant. La commune a demandé au club si elle pouvait jouer à Niederkorn. Il n'y a eu aucun problème. Le cas échéant, la rencontre aurait eu lieu. De toute façon, les spectateurs n'auraient pas trouvé de place de stationnement à Oberkorn. La commune dispose de sites dans ses différentes localités et en profite.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande si le parking couvert est réservé. Les tickets sont-ils payants ou remboursés ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *n'est pas au courant.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que les tickets ne seront pas remboursés.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *confirme les propos de monsieur Altmeisch.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique qu'il est question de mille personnes. La rencontre de football a donc aussi été déplacée pour des raisons de sécurité. La route sera barrée.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a lu sur les réseaux sociaux que les tickets doivent être validés. C'est pour cela qu'elle se demandait si le stationnement serait remboursé. Les organisateurs ont-ils loué le parking ?*
*Car si c'était le cas, l'engagement de la commune serait de loin supérieur à 2000 €. En plus, les autres usagers ne peuvent pas profiter des places.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne raison à madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *voudrait bien avoir une réponse.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *suppose que le collège échevinal serait au courant. Il pense que la validation du ticket se fait à la caisse et non par l'organisateur.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a compris que les spectateurs doivent valider leur ticket en sortant du hall O. Le collège échevinal pourrait-il s'informer et donner la réponse au conseil communal avant samedi ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *imagine qu'il faut montrer le ticket que l'on a acheté au préalable pour pouvoir entrer.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répète qu'il est question des tickets de stationnement.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *s'informera.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que madame Pregno sera tenue au courant.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à une convention avec Aldi.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise que la commune pourra utiliser le parking d'Aldi quand il y a des manifestations sur la place des Alliés ou au 1535°, et que le magasin est fermé. Aldi ouvrira son parking.*
*Le quartier manque de places de stationnement. Il s'agit donc d'une bonne nouvelle.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande si ce sera uniquement le cas quand il y aura des manifestations.*
*(Interruption)*
*Erny Muller suppose qu'Aldi laissera ses barrières ouvertes le soir après 19 h. Il rappelle que le parking a été agrandi de cinquante places.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *confirme les propos de monsieur Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *suppose que ces places seront mises à disposition sur demande uniquement.*

tioun jo och gemaach ka gi bei der Keess vum Parkhaus an net nëmme vum Organisateur aus.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Also et steet do, wéi wann ee misst de Moment, wou een aus dem Hall O fortgeet, sech säin Ticket validéiere loossen. Ech kann et natierlech elo falsch interpretéiert hunn a falsch gelies hunn.

Mee frot dat vläicht no an da kënnt Der eis vläicht déi Äntwert ginn, och gäre via Mail, virum Samschdeg.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wéi ech mer et virstellen, dass wann s de erafiers, dass de muss deen Ticket, wou s de kaf hues am Virfeld, dass de dee muss weisen, dass de iwwerhaapt erakënns. Ech mengen, et ass dat. Mee ech froen dat awer no.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen net. Well et ass vun Tickete vu Parking rieds.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech froen dat no.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir kucken dat. An dann informéiere mer Iech, wéi déi Situatioun do ausgaangen ass.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi interessant Informatiounen. Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver le premier avenant à la convention de collaboration portant sur l'organisation d'une Fashion Week à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum nächste Punkt. Do wier et nach eemol um Här Bertinelli, eng Konventioun mat Aldi.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Doriwwer si mer wierklech frou. Mir kréien de Parking vum Aldi. Wa mer Manifestatiounen hunn op der Place des Alliés, kënne mer deen, wann näischt ass an d'Geschäft ass zou, iwwert de Weekend oder samschdes, wann eppes am 1535° ass oder gréisser Manifestatiounen sinn, kënne mer dee Parking als Gemeng notzen an do eis Autoen histellen. Déi Garage bleift dann op iwwert de Weekend, da kann een dee Parking do benotzen. Dat ass gutt fir deen Eck, well do feelt et u Parkraum. Mir si frou, datt mer dat hikritt hunn an dee Parking vum Aldi kënne benotzen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hätt dozou eng Fro. Ech mengen, dat géif och d'Leit dobaussen interesséieren: Ass dat elo nëmmen, wann extra Organisatiounen ugemellt gi vun der Gemeng?

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat heescht ab siwen Auer oder no Schléissungszäit vum Aldi loosse si d'Barriären op, an da kann de Parking erweidert ginn ëm déi 50 Plazen. Ech mengen et si 50, wéi vill Plaze sinn et, Här Bertinelli?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

An déi 50.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Awer nëmmen, wann et extra ugefrot gëtt vun der Gemeng? Dat wollt ech just froen. Merci.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass dee selwechte System, wéi mer mam Auchan haten, dee mer awer elo net méi hunn. Wann d'Gemeng eng Organisatioun hat a si huet dee Parking gebraucht, dann hu si der Gemeng hire Parkraum zur Verfügung gestallt. Et ass e bëssen dee selwechte System.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt, zu deenen Erklärungen? Wann net, da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec Aldi Luxembourg SA portant sur la mise à disposition ponctuelle des emplacements situés au parking du supermarché sur la place des Alliés.*

Ech soen Iech Merci. A mer géife virufuere mam Punkt 9 vum Ordre du jour. Dat sinn d'Gemengereglementer. Fir de Punkt a géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn, eng Upassung vun de Bautereglementer. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wéi Der gesitt, hu mer eng nei Schrëft mam Logo vun der Gemeng Déifferdeng, d'Reglement huet e Lifting kritt. Et huet sech net ganz vill geännert, mee et sinn zwou ganz wichteg Saachen, déi mer mussen änneren. Dat eent, dat si Klengegkeeten, den Artikel 19, Prezisiounen iwwert d'Dimensioun vun enger Parkplaz. Déi muss mindestens 2,6 mol fënnef Meter grouss sinn. Am Artikel 19.1 gëtt „entre" bäigesat, eng Garage vun enger Residenz muss eng Largeur hu vu fënnef bis siwe Meter.

Op der Säit 17, den Artikel 27, do ass eng Ëmännerung an der Iwwerschrëft. Do ass d'Suppressioun vum Terme „d'habitation de type collectif". An am Artikel 27.1, Espaces fonctionnels dans les immeubles, bei de Locaux poubelles, do ginn d'Termen „Déchets organiques", „Ordures ménagères" a Glas bäigesat.

Wat awer elo ganz wichteg ass, an dat ass op der Säit 19, Artikel 29: Bei de Logements étudiants, do hu mer eng Suppressioun vum Artikel 30 iwwert d'Chambres meublées. Dat op Demande vun der Ministesch vum Interieur, well déi behaapt, mir géifen do géint d'national Reglementatioun goen, andeems mer méi streng wiere wéi d'national Gesetzgeebung. A wa mir dat net géife maachen, da géif si d'office dat sträichen.

A fir elo net inutilement Kaméidi ze maachen, géife mer dat natierlech dann esou maachen, wéi si dat gären hätten. Mir waren anerer Meenung an eisen Affekot och. Mee wéi gesot, d'Madamm Ministesch huet perséinlech hei intervenéiert, fir ze soen, datt dat net geet.

Op de Säiten 21 bis 28, do gëtt dee ganzen Titre 4 mat den Artikele 34 bis 49 iwwert d'Accessibilitéit pour les personnes à mobilité réduite erausgeholl. Well uganks dëses Joers ass en neit Gesetz komm an dat reegelt dat alles. Soudass dat am Fong Double emploi war. Dat brauche mer also net méi an eisem Reglement festzehalen.

Soudatt ech Iech géif bieden, dat dote guttzeheeschen. Dat Wichtegst ass am Fong déi Geschicht mat de Chambres meublées, wou mir wollte méi grouss Zëmmeren hunn, och mat engem Espace vun de Buedzëmmeren, déi mer wollten à part hunn. Leider ass dat awer vum Ministère verworf ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Muller, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond qu'il s'agit du même système que celui d'Auchan, qui met son parking à disposition en cas de manifestation communale.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux règlements communaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *informe que le Règlement des bâtisses a été modernisé d'après la Charte graphique de la commune.*
*Pour ce qui est du contenu, il y a quelques changements.*
*L'article 19 apporte des précisions quant à la taille des places de stationnement. Elles doivent faire au moins 2,6 m sur 5 m. Dans une résidence, la largeur doit être de cinq à sept mètres.*
*L'article 27 change de titre.*
*Dans l'article 27.1, les termes* déchets organiques, ordures ménagères *et verre sont ajoutés*
*L'article 30 concernant les chambres meublées est supprimé sur demande du ministère de l'Intérieur. En effet, les conditions communales étaient plus strictes que celles nationales. Le collège échevinal préfère éviter les disputes.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *trouve que c'est la bonne solution.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que le collège échevinal et l'avocat de la commune ne partagent pas l'avis du ministère.*
*Les articles 34 à 49 concernant les personnes à mobilité réduite sont supprimés, car une nouvelle loi fixe les règles. Ces articles font donc double emploi.*
*Pour Tom Ulveling, la partie sur les chambres meublées est la plus importante. La commune souhaitait des chambres et des salles de bain plus grandes, mais ce n'est pas possible.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que cette question est abordée pour la troisième fois. Deux fois, le conseil communal a voté en faveur des locataires. Mais malheureusement, la commune doit se tenir à la loi. Erny Muller approuvera ce point, mais ce n'est pas de gaité de cœur.*
*À l'avenir, la commune ferait bien de se tenir d'office aux lois au lieu d'essayer d'appliquer des conditions spéciales.*
*Erny Muller attire l'attention du conseil communal sur les parties en rouge dans le Règlement des bâtisses.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Erny Muller annonce qu'il approuvera ce point.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne raison à monsieur Muller. Il a reçu un coup de téléphone du ministère de l'Intérieur l'informant que l'État lancerait une procédure judiciaire contre la commune si elle insistait. Une procédure judiciaire n'est jamais positive et n'apportera pas de plus-value au Règlement des bâtisses.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Guy Altmeisch explique que le collège échevinal a bien réfléchi à la question.*

**TOM ULVELING (CSV)** *estime qu'insister aurait occasionné des dépenses sans que cela ne change rien à la situation.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au Dinola.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique que le Dinola est désormais plus petit, plus chouette et plus pratique. Pour le reste, rien ne change, car les séniors ont besoin de ce bus.*
*Le collège échevinal entend toutefois évaluer tous les moyens de transport public, dont le Dinola fait partie.*
*Les conditions n'évoluent pas à l'exception d'une nouvelle carte annuelle pour soixante euros.*
*Le bus est plus compact, ce qui le rend plus agréable à conduire. De toute façon, il ne transporte que quatre ou cinq personnes au maximum. Ce nouveau bus est comparable à celui des communes voisines.*

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat ass elo déi drëtte Kéier, wou mer dat am Gemengerot hunn. Zweemol hate mer dogéint gestëmmt, dat heescht en faveur vun deene Leit, de Benotzer, de Locatairë vun esou Zëmmeren. Fir deenen e mënschewierdegt Ekipement, Logement zur Verfügung ze stellen.

Musse leider feststellen, dass mir eis och mussen un d'Gesetzer halen. Da wäert ech, schwéieren Häerzens, haut dann derfir stëmmen. Mee, bon, et huet elo kee Wäert, dass mer nach laang schwätzen. Mir beugen eis der Autoritéit, loosse mer et esou soen.

An Zukunft musse mer da soen, dass Reglementer bestinn. Dass mer soen an eisem Bautereglement, do ass sech un dat Reglement ze halen a fäerdeg. A mir wäerten eis keng extra Ausféierungsbestëmmunge méi afale loossen, déi dann en faveur wäre vun der Saach. Mee ganz einfach soen, mir bezéien eis op d'Règlements grand-ducaux, tels et tels, an dann ass et fäerdeg. Mir gesi jo, wéi vill Säite mer elo hei rout hunn. Dat ass de Gros vun eisem Bautereglement.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Also mir wäerten dann dës Kéier derfir stëmmen, wou mer zweemol dergéint gestëmmt hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Nach eng Wuertmeldung? De Schäfferot gëtt dem Här Muller ganz Recht. Ech kann Iech soen, den Telefon vum Interieur, dee war fir mech och erschreckend. Mee awer kloer an der Direktiv, déi seet: Wann Der et net sträicht, maache mer eng Procédure géint Iech, eng Procédure judiciaire. Déi mer eis kënnen erspueren, andeem mer haut dat dann eeben aus eisem Text huelen.

Souwisou sinn ech der Meenung, dass d'Procédure judiciaire, wou mer vu virera wëssen, dass et eis näischt Positives bréngt, dass et keng kloer Plus-value ass fir eist Bautereglement, dass mer esou eppes net brauchen ze entaméieren. Well ausser Spesen an ausser vill iwwerleeën an esou virun, da kënnt awer näischt dobäi eraus.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

„Ausser Spesen nichts gewesen."

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les amendements au nouveau Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites.*

Ech soen Iech Merci fir déi dach schwéier Ofstëmmung. Fir den nächste Punkt, de Punkt 9b, Dinola-Ruffbus, géif ech dem Här Bertinelli d'Wuert ginn. Eng Explikatioun zu enger Taxenëmännerung. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo, den Dinola-Bus, do gëtt et e Changement. Dir gesitt, datt en e bësse méi nei, e bësse méi kleng ass, e bësse méi flott, méi handlech ass. Soss ännert näischt um Dinola-Bus, well mer wëllen ofwaarden. Well d'Leit vum drëtten Alter, déi brauchen de Bus. Dofir wollte mer net ze vill changéiere goen.

Mee Dir wësst, datt mer dee ganzen ëffentlechen Transport wéi den Diffbus, all d'Bussen op de Leescht mussen huelen. Wat eng ganz grouss Aarbecht ass, wou mer dann den Dinola-Bus matintegréieren. Mer hunn d'Konditioune si gelooss. Et kënnt just dobäi, datt een eng Joreskaart fir 60 Euro kann ufroen, wou een da mam Dinola-Bus kann hifueren, wou ee wëll, wann een e rifft.

Soss huet u sech näischt changéiert. En ass e bësse méi kompakt. Et ass méi handlech fir domadder ze fueren. Meeschtens si jo, le grand maximum, ni méi wéi véier oder fënnef Leit domadder gefuer, déi largement draginn.

Deen, dee mer virdrun haten, dat war ee richtege Bus. Dat hei ass och e bësse méi sou dat, wat d'Nopeschgemengen hunn. Méi handlech, méi praktesch. Fir dat, wou déi eeler Leit wëllen hin, bis bei den Dokter oder esou. Nei sinn elo just déi 60 Euro op d'Joer. Et bleift nach ëmmer bei deem Tarif vun zwee Euro, wéi et war. Et ass elo just 60 Euro fir d'Joer. Fir een, deen e vill benotzt, fir esou eng Kaart ze kréien.

U sech ass et dat. Mee, wéi gesot, dat Ganzt gëtt awer nach eng Kéier gekuckt.wWéi Der jo wësst, huet d'LSAP eng aner Attitüd zu de Bussen, wa mer iwwert d'Gesamtkonzept vun eisen neie Busse schwätzen. Dat gëtt eng riseg Aarbecht, do gëtt den Dinola Bus an den Transport materageholl an da kucke mer, wéi dat da funktionéiert.

Mee elo, fir et schnell hinzekréien, d'Leit, eis eeler Matbierger, déi brauchen dee Bus praktesch all Dag, wa se enzwousch hiwëllen. Duerfir huet do schnell eppes misse geschéien. Sou hu mer dat schnell kritt, fir do schnell dat geléist ze kréien.

Mee wéi gesot, et ass nach net „des letzten Abends Schluss". Merci. An ech hoffen, datt Der dat stëmmt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Ech vu menger Säit wëll Iech informéieren, am Rame vu SIKOR eis och Gedanken ze maachen iwwert deen Transport, dee vun deene véier Gemengen elo eng Kéier diskutéiert gëtt. Wou all Gemeng e Ruffbus huet. Do muss ee kucken, wéi vill dee belaascht ass a wéi een dat vläicht méi ekonomesch, ekologesch ka léisen, am Grupp, net nëmmen de Ruffbus, mee och den Diffbus. Dass een do awer vläicht besser Léisunge géif fannen. Mee dat ass Zukunftsmusek, wat awer um nächsten Ordre du jour vum SIKOR warscheinlech eng Plaz anhuele wäert. An dass mer eis doriwwer Gedanke maachen, fir dat besser ze organiséieren.

Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hunn eng Fro, déi mer elo grad agefall ass, zu deem Abonnement: Ass dat fir eng Persoun eenzel oder ass dat och fir eng Famill, zum Beispill, Mann a Fra? Mussen déi zwee Abonnementer huelen oder kënnen déi mat engem fueren? Dat ass meng Fro.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech mengen, datt déi 60 Euro op de Kapp ass. Dat ass nominativ.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech mengen dat och, jo. Merci fir déi Erklärungen. Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Ech soen Iech Merci. Ier mer zum Punkt 9d kommen, ginn ech d'Wuert nach un den Här Wagner. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir hate jo virdru geschwat iwwert d'Reglement vun der Organisatioun am ëffentleche Raum. D'Madamm Pregno huet do vollkomme Recht, dass mer dat fir d'éischt emol an d'Kommissioune solle ginn, déi jo dann ab haut kënnen operationell ginn, wa mer dat alles stëmmen.

Ech wollt awer nach dozou soen, dass mer och eng Versammlung mat de Veräiner dozou maachen. Ech hunn dat direkt de Moien hei ugefrot mat eisem Festivitéitsservice. Do sinn e puer Punkten, déi mer dobäi kënne setzen. Dat neit Gesetz vum 1. Januar 2025,

*sines. Les séniors peuvent l'utiliser pour se rendre chez le médecin par exemple.*
*Fred Bertinelli répète que la carte annuelle pour soixante euros est la seule nouveauté. Le tarif de deux euros par trajet ne change pas.*
*D'une manière générale, les socialistes ont une attitude différente du collège échevinal précédent en ce qui concerne les bus. Ils veulent un concept global, ce qui représente beaucoup de travail.*
*Cependant, les séniors ont besoin de Dinola pratiquement tous les jours.*
*C'est pourquoi Fred Bertinelli voulait agir rapidement. Mais ce n'est pas le fin mot de l'histoire.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que dans le cadre du Sikor, les quatre communes, qui disposent toutes d'un bus sur appel, veulent en discuter. En effet, il pourrait être plus économique et plus écologique d'avoir un bus sur appel en commun. Ce point occupera une place dans le prochain ordre du jour du Sikor.*

**TOM ULVELING (CSV)** *voudrait savoir si l'abonnement est valable pour une personne ou pour une famille. En d'autres termes, un couple peut-il voyager avec la même carte ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *pense qu'il s'agit de soixante euros par personne.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que la carte est nominative.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch cède la parole à monsieur Wagner.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *revient sur le Règlement sur l'organisation de l'espace public. Madame Pregno a eu raison de dire que ce point doit d'abord être discuté par les commissions consultatives.*
*Le collège échevinal va également organiser une réunion avec les associations. Il en profitera pour aborder d'autres questions comme celle de la loi du 1er janvier 2025 sur les déchets. Celle-ci représente un grand défi pour les associations. Il faudra aussi voir comment amé-*

*liorer le Cup-System — tout cela #ensemble.*
*(Rires)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au Règlement de circulation.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *constate que le parking du 1535° fonctionne désormais et que les barrières sont opérationnelles.*
*Comme souvent, les panneaux de signalisation figurant dans le dossier des conseillers communaux ne correspondent pas à la situation sur le terrain. Le parking fermé est toujours payant — pas seulement jusqu'à 18 h. Fred Bertinelli insiste sur le fait que le panneau de signalisation au 1535° est correct. L'erreur ne concerne que le dossier du conseil communal comme c'est souvent le cas. Le parking est toujours payant. Lorsqu'il est fermé, la barrière ne s'ouvre pas.*
*Les autres panneaux concernent le stationnement résidentiel au Fousbann. Les petites rues autour du terrain de l'AS sont constamment occupées par des gens du 1535°. Il faut maitriser ce problème.*
*Fred Bertinelli demande à madame Pregno de le regarder dans les yeux. Car ils ont déjà discuté de ce sujet. Tout comme les transports en commun, le stationnement résidentiel doit être évalué à intervalles réguliers. Car les situations évoluent. Dans un premier temps, la commune va implémenter le stationnement résidentiel partout. Ensuite, le collège échevinal procèdera aux réformes.*
*Fred Bertinelli revient sur l'erreur du panneau de signalisation. Il s'est rendu sur place ce matin. Finalement, on lui a expliqué que ce type d'erreurs est fréquent dans le dossier du conseil communal.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *regrette qu'il ait fallu toutes ces années pour mettre en place le stationnement résidentiel au Fousbann.*
*Une évaluation est effectivement nécessaire, car il faut faire en sorte que le stationnement résidentiel à Differdange fonctionne comme un vrai stationnement résidentiel. Les résidents doivent pouvoir en profiter.*

wann dat a Kraaft trëtt, fir de Wegwerfmüll ze evitéieren, dat gëtt ee groussen Challenge fir d'Veräiner. Wat awer wichteg ass. Da kënne mer dat zesumme mat de Veräiner kucken. Respektiv och de Cup-System analyséieren, wat mer do kënne verbesseren. Dann hu mer alles zesummen. #zesummen, effektiv. Merci.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Da wäre mer beim Punkt 9d, dem Verkéiersreglement. Den Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat sinn déi Verkéiersreglementer ëm de 1535°. Dee Parking, deen elo fäerdeg ass, mat der Barriär drop, wat elo fonctionéiert. Vill Leit hate sech gestouss un de Schrëften, déi op de Schëlter stinn. Déi stëmmen net, déi do drop sinn an Ärem Dossier. Wéi dat schonn ëfters bei eis de Fall war, wa Schëlter dragesat gi sinn. D'Auerzäite stëmmen net. Dee Parking, deen zou ass, deen ass ëmmer payant. Et ass net bis 18 Auer, wéi et do drasteet. Soss hätte mer se elo missen erausshuelen.

Mee dat war nach ëmmer esou hei am Gemengerot: Op de Schëlter steet et richteg, do wou se hänken, mee wa se hei an den Dossier kommen, kënnt Der Iech jo erënneren, déi e bëssen eppes mam Verkéier ze dinn haten, datt mer heiansdo dann eng Opreegung haten, well eng falsch Auerzäit op deem Panno drënner stoung.

Dee Parking, deen zou ass, dee mat Horodateur, deen ass payant, soulaang wéi de Parking op ass. Soss geet déi Barriär och net op. Deen ass payant, soulaang de Parking op ass.

Dat anert, dat sinn déi Schëlter all, déi mer gesat hu bei der Weiderféierung vun eisem Quartier a Parking résidentiel um Fousbann. Fir d'Autoen aus deene klenge Stroosse ronderëm den AS Terrain erauszekréien. Leit, déi am 1535° meeschtens schaffen an do parken. Fir dat e bëssen an de Grëff ze kréien, well déi net am Kader si vun eise Parkings résidentiels. Do fuere mer bis zum Schluss weider.

Mee och do, Madamm Pregno, kuckt mech an d'Gesiicht an da soen ech Iech och, datt mer gäre mat Iech zesummeschaffen un engem neien – ech hunn Iech gekuckt, well ech eng Kéier mat Iech doriwwer geschwat hat, wat de Quartier résidentiel ubelaangt. No enger gewësser Zäit muss een deen eng Kéier op de Leescht huelen, well dann och Saache sinn, déi net méi esou sinn, wéi se am Ufank gutt geduecht waren. Mee da muss een dat awer och erëm eng Kéier, wéi de Bus, op de Leescht huelen.

Mee elo probéiere mer mol, de Parking résidentiel an eiser ganzer Stad fäerdeg ze kréien bis zum Schluss. An da kënne mer reforméieren a kucken, wat ze verbesseren ass.

Dat eenzegt, wat mech elo de Moie gestéiert huet – ech sinn extra nach eng Kéier kucke gaange wéinst deenen Auerzäiten. Ech war souguer unkt war, fir déi erauszehuelen. Mee do hunn ech awer gewise kritt, op véier, fënnef Plazen, datt mer d'Auerzäiten méi oft falsch haten, an datt dat net gezielt huet. Et zielt am Endeffekt dat, wat um Schëld steet. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir begréissen, wat den Här Bertinelli eis haut virstellt. Mir fanne just, dass dat laang Jore gedauert huet, ier mer effektiv de Parking résidentiel um Fousbann sou wäit hunn.

An ech mengen och, wat Der ugekënnegt hutt, dass mer dat Ganzt eng Kéier mussen op de Leescht huelen. Well et muss ee sech wierklech Gedanke maachen, wéi déi Zone vum Parking résidentiel kënne funktionéieren, dass et och e reelle Parking résidentiel ass. Dat heescht, dass d'Awunner, déi do wunnen, eppes dovun hunn. Mir hu relativ grouss Zonen. An och nach aner Iddien, do ze verwierklechen. Awer ëmmer

nom Prinzip „zesummen". Dat heescht och do mat de Leit schwätzen, d'Iddie vun de Leit anhuelen. Si hu vläicht gutt Iddien. An dann e Konzept ze fannen, wat jiddwereen zefriddestellt.

Dat gesot, géife mer och dat hei matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. D'Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn eng Fro zum Parking résidentiel. Et war an der Zäit mol ëmmer esou, well ech parke bal ni heirëmmer, dass eng hallef Stonn gratis war. Bei eis hanner dem Opkorn ass elo och de Residentielsparking payant an …

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

90 Minutten.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Nee, nee, déi sinn awer elo payant vun där éischter Minutt un. Dat heescht, déi hallef Stonn, déi et soss gouf, gëtt et net méi.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir schwätzt vun där Residenz, wou déi nei Bäckerei elo dran ass?

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Ech schwätze vun deem ganze Site hanner dem Plateau.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Plateau du funiculaire.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Ech wunnen hannen, do ass kee Buttek méi. Mee et ass mer just opgefall, dass et vun där éischter Minutt u payant ass. 90 Minutten, jo. Mee soss, an der Zäit, war et immens oft, dass déi éischt hallef Stonn gratis war an duerno huet ee bezuelt.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mir hunn dat doten onbedéngt misse regléiere wéinst der Schoul. Well mer vill Problemer hate mat der EIDE, mam Parking, wa mer eragefuer sinn. Mir hu gekuckt, fir do e bëssen Uerdnung eranzekréien. Well déi éischt Woch, wou d'Schoul u war, dat war Chaos général mam Parking, well d'Leit sech e bësse gestalt hunn, wou se wollten. Do hu mer awer opgepasst, datt déi Leit, déi eng Carte résidentielle hunn, datt déi awer kënne parken.

Mee, wéi gesot, dat ass nach net alles an Eise gegoss. Oder schwätzt Dir vun enger anerer Plaz?

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Nee. Ech schwätze just dovunner, ob et elo nei ass, dass, egal wou ee soss ageheit huet, dann huet een een Euro ageheit, zum Beispill, wann et een Euro d'Stonn ass, mee et hat een annerhallef Stonn Parkzäit, well déi éischt hallef Stonn war gratis.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo, richteg.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Dat heescht, wann ee just eng hallef Stonn do stoe bliwwen ass, huet ee just en Ticket erausgezunn. Dat ass awer bei eis net de Fall. Et ass just eng Fro, ob dat elo ewechgefall ass.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nee, dat dierft net richteg sinn. Ech kucken dat doten no. Wann Der mer d'Strooss sot, da kucken ech dat do no. Normalerweis misst et nach ëmmer eng hallef Stonn gratis sinn.

*Il faudra en discuter avec les gens et mettre en place un concept ensemble pour que tout le monde soit satisfait.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'elle habite derrière Opkorn. Elle constate qu'avant, le stationnement était gratuit pendant trente minutes. Désormais, le stationnement résidentiel est toujours payant.*
*(Interruption)*
*Manon Schütz répète que le stationnement est payant dès la première minute.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande si madame Schütz parle de la résidence avec la nouvelle boulangerie.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *répond qu'elle parle de tout le plateau du Funiculaire. Elle y habite et a remarqué que le stationnement y est désormais payant dès le départ. Avant, on ne payait rien la première demi-heure.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise que les problèmes étaient nombreux à cause de l'EIDE. Il fallait mettre de l'ordre à la situation. Le premier jour d'école, c'était le chaos général. Mais les gens avec une vignette résidentielle peuvent s'y garer.*
*À moins que madame Schütz ne parle d'un autre endroit…*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *explique qu'avant, quand on payait un euro à l'horodateur, on pouvait stationner une heure et demie au lieu d'une heure, car la première demi-heure était gratuite.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *confirme les propos de madame Schütz.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *ajoute que lorsqu'on stationnait moins d'une demi-heure, on prenait un ticket sans payer.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *se dit étonné. Car normalement, la première demi-heure devrait être gratuite. De quelle rue s'agit-il ?*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *répond c'est la rue Anna-Lindh.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répète que la première demi-heure devrait y être gratuite.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *suppose que l'horodateur est mal réglé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *affirme que dans le centre-ville, les horodateurs fonctionnent. Monsieur Bertinelli devra s'informer.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe aux règlements temporaires de circulation.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il y en a 23. Ils concernent notamment des travaux sur la place du Marché. Il n'y a pas de chantiers durant des mois. Il s'agit de règlements habituels concernant des échafaudages, etc.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande aux conseillers communaux de ne pas hésiter à poser des questions.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe aux commissions consultatives. Il y a eu des discussions préalables. On a posé des questions au bourgmestre par SMS. Il répète que le collège échevinal maintient sa position et se tiendra à ce que dit la loi : la répartition des membres doit se faire conformément au vote des électeurs.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Ma dat hei ass elo d'Rue Anna Lindh. Mee ech weess elo net, wéi et an anere Stroossen ass.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

An Déifferdeng ass jo nach ëmmer déi éischt hallef Stonn gratis. Ausser déi Elektroparkingen, déi Kuerzzäitparkingen. Mee soss ass et nach ëmmer eng hallef Stonn gratis mam Ticket. Also déi fonctionéieren. Ech kucken dat no.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, dass d'Horodateure falsch agestallt sinn. Well u sech war dat jo d'Konzept mat der „Brötchentaste", e gratis 30-Minutten-Ticket. Menger Meenung no ass et e Lapsus an der Astellung. Mee frot dat no.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ka wierklech eng Erklärung sinn, well déi hei am Zentrum, déi funktionéieren nach esou, wéi et elo grad erkläert hei ginn ass. Et ka sinn, dass vum Installateur hier e Lapsus war. Dat ass ee gudden Ausdrock. Den Här Bertinelli wäert dat nokucken an eis informéieren iwwert déi Situatioun.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du Règlement de la circulation.*

Da kéime mer zum Punkt 9e, wou ech d'Wuert nach eng Kéier un den Här Bertinelli gi fir Erklärungen zu den Drénglechkeetsreglementer.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et sinn der e ganze Koup, 23 Stéck. U sech sinn et lauter Aarbechten, déi gemaach ginn, ënner anerem, op der Place du Marché. Et ass en gros näischt, wat länger Zäit dauert: eenzel Schantercher, Steeën, déi opgeriicht ginn. Wéi gesot, et ass awer elo näischt dobäi, wat méintelaang zou wär. Et si Règlement-d'urgencen, wéi mer se ëmmer hunn. An der Kommissioun ass och net gesot ginn, datt eppes ass, wat méi wéi dräi Deeg dauert. Also näischt Weltbeweegendes.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen zu deenen Drénglechkeetsreglementer? Et kann awer jiddwereen nach kucken. Dir braucht Iech net ze verstoppen, wann Der Froen hutt. Wann et keng Froen dozou gëtt, da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 10a vum Ordre du jour, der Nominatioun vun de Memberen an eise Commissions consultatives. Et ware vill Diskussiounen am Virfeld. Mir hunn déi Froe beäntwert. Mir bleiwe bei eiser Positioun, wou mer dann nach eng Kéier gefrot gi sinn, individuell, iwwer SMS. Mir bleiwe bei eiser Positioun, vu dass mer eis un de Wielerwëllen halen, an dass mer eis, wéi ech erausfonnt hunn, och un den Text hale vum Gesetzgeeber, dee genau seet:

D'Kommissioune sollen opgedeelt ginn, esou wéi de Wieler seng Stëmme verdeelt huet.

A mir hunn déi Lëschten elo all erakritt. Mir konnten Iech se leider net op Pabeier liwweren, well déi lescht Lëscht gëschter am spéiden Owend erakomm ass. Mee Dir gesitt se awer op der Diffcloud.

Nach eng weider Explikatioun: De President vun deene Kommissiounen, dee gëtt an der Kommissioun selwer festgeluecht.

Wat eis um Häerz läit, a wat deemnächst am Diffmag publizéiert gëtt, dat ass, dass mer eng staark Biergerbedeelegung an deene verschiddene Kommissioune wënschen. D'Leit ginn driwwer informéiert, wou se sech kënne mellen. Eis ass et wichteg, dass de Bierger an deene verschiddene Kommissiounen e Matsproocherecht huet an och ka matverdeedegen, wat seng Interessien an deene verschiddene Quartiere sinn.

Véier Bierger kommen an déi verschidde Kommissiounen, déi designéiert gi sinn. Dat ass jo och eng Plus-value fir d'Kommissiounen. Dat heescht, mir hunn ëmmer e Wuert an deene Kommissioune vu Leit, déi Problemer an de Quartieren, respektiv Problemer vum Alldag besser kennen an dann eng Plus-value, duerch hir Kenntnis, an déi verschidde Kommissioune bréngen.

Wann elo méi wéi véier Leit sech géife mellen an eng Kommissioun, hu mer eis virgeholl, en Tirage au sort ze maache mat deem Surplus vu Leit, dee mer hunn. Fir do keen ze privilegiéieren oder keen ze bevirdeelegen, deen dann en aneren Numm huet wéi deen aneren. Soudass mer do wierklech neutral bleiwen an transparent an där Decisioun, déi do entsteet.

Natierlech ass et och esou, dass mer beim Opruff un d'Bierger, fir sech an d'Kommissiounen ze mellen, net akzeptéieren, wa Leit scho fir eng Partei an enger anerer Kommissioun sinn, dass se sech dann an eng aner Kommissioun mellen als Bierger. Et ass jo kloer: Wann ech an enger Kommissioun si mat enger Partei an ech hunn an där anerer als Partei net esou vill Plaz oder ech hu keng Plaz méi do kritt, dass ech mech net kann als Bierger, zum Beispill, an d'Sportskommissioun mellen ënner enger Partei an da mellen ech mech an d'Bautekommissioun als Bierger. Dat ass natierlech net compatibel.

Gëtt et Froen dozou? Da wier ech frou, fir déi ze beäntwerten. Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, bei der Opdeelung vun de Kommissiounen ass eppes, wat mer an deene leschte Joerzéngten hei zu Déifferdeng net gesinn hunn a wat keng aner Gemeng, déi ech kennen am Süden, huet.

Anscheinend, laut dem Buergermeeschter, wéi grad gesot, entsprécht dat dem Wielerwëllen. Da géif dat heeschen, dass de Wielerwëllen an der Vergaangenheet net respektéiert gi wär. Da géif dat heeschen, dass deen zu Suessem net respektéiert gëtt, wou eng LSAP-Buergermeeschtesch ass. An ech kéint nach x aner Gemengen opzielen.

Anscheinend hu mir dann zu Déifferdeng en anere Wielerwëlle wéi soss enzwousch an och wéi an der Vergaangenheet. Och wär et net laut dem Gesetz. Den Artikel 15 vum Gemengegesetz seet: „Dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ces élus au conseil."

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Genau!

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat heescht, jiddereen, deen an e Gemengerot gewielt ass, ass an de Kommissioune vertrueden. Dat kann een op verschiddenen Aart a Weisen interpretéieren. Dir interpretéiert et op eng restriktiv Aart a Weis, déi eis als déi Lénk, an och der Piratepartei iwwregens, den Zougang zu der Hallschent vun de Kommissioune verweigert.

*Le conseil communal dispose des listes, même si elles ne sont pas en format papier. Elles se trouvent sur le Diffcloud.*
*Les présidents sont choisis par les commissions.*
*La participation citoyenne tient à cœur au collège échevinal. C'est pourquoi un appel à candidats sera lancé dans le* Diffmag. *Les habitants doivent pouvoir participer aux discussions, et défendre les intérêts de leurs quartiers.*
*Chaque commission est ouverte à quatre citoyens. C'est une plus-value aussi pour les commissions, car ces gens présentent les problèmes de leurs quartiers et apportent donc des connaissances importantes.*
*Si plus de quatre personnes s'inscrivent à une commission, un tirage au sort sera effectué. Il s'agit de se montrer neutres et de ne privilégier aucun nom.*
*Bien entendu, la commune n'acceptera pas les citoyens qui représentent déjà un parti dans une autre commission. Par exemple, une personne ne pourra pas représenter un parti politique dans la Commission des sports et être candidat à la Commission des bâtisses en tant que citoyen.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le collège échevinal a pris une décision qui ne correspond ni à ce que Differdange a fait ces dernières décennies ni à ce que pratiquent les autres communes du Sud. Le bourgmestre a parlé du choix des électeurs. Cela signifierait que dans le passé, la commune n'a pas respecté la volonté des citoyens. La même chose pourrait être dite de Sanem, où le bourgmestre est pourtant socialiste. Il semblerait donc que Differdange interprète la volonté des citoyens de manière différente.*
*Gary Diderich cite l'article 15 de la loi : « Dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle, chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil ».*
*(Interruption de M. Altmeisch)*
*Pour Gary Diderich, cela signifie que chaque parti du conseil communal doit être représenté dans les*

*commissions. Monsieur Altmeisch interprète cet article de manière restrictive, ce qui ferme la porte de la moitié des commissions à déi Lénk et aux Pirates. Ceux-ci doivent donc prendre position en tant que conseillers communaux sans être représentés dans les commissions. Sans oublier que dans de nombreux cas, le conseil communal ne va même pas recevoir de rapport.*
*Gary Diderich compare cela à une équipe de football qualifiée en Division nationale, mais qui ne pourrait jouer qu'avec cinq ou six hommes.*
*Les collèges échevinaux précédents en discutaient avec les partis et organisaient des réunions.*
*Les commissions ne se composant pas de 19 membres, contrairement au conseil communal, chaque parti dispose proportionnellement de moins de sièges. Mais les collèges échevinaux précédents proposaient aussi des statuts d'observateur. Le nouveau collège échevinal, qui veut pourtant travailler #ensemble, voit les choses différemment.*
*Gary Diderich voulait laisser cent jours au collège échevinal. Mais depuis le début, la seule chose qu'il a vue, c'est le collège échevinal accaparant tous les postes. L'opposition n'est pas représentée dans les syndicats. Elle est moins représentée au sein des commissions. Cela n'a rien de démocratique.*
*Gary Diderich a essayé d'entretenir le dialogue. Comme il ne recevait pas de réponse, il a envoyé des SMS. Pour toute réponse, on lui a dit que le collège échevinal en discuterait. Déi Lénk a sorti un communiqué de presse à ce sujet, qu'il continuera à thématiser, car cette décision n'est ni compréhensible, ni démocratique, ni utile à Differdange.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *se rallie à déi Lénk. La dernière fois, elle a expliqué que la répartition des sièges dans les syndicats n'avait rien de démocratique. Aujourd'hui, elle regrette que la participation de déi Lénk et des Pirates ne soit pas garantie dans les commissions. Elle salue en revanche la participation des citoyens #ensemble.*

Dat heescht: Dir erwaart, dass ech als Gemengerotsmember hei Stellung huelen zu Dossieren, déi a Kommissioune beschwat gi sinn, wou mir guer net vertruede sinn. Dat kënnt Dir sou schéi schwätzen, wéi Der wëllt. A wou mir och warscheinlech fir en Deel vun deene kee Rapport wäerte gesinn – oder jiddefalls net mat Zäiten.

Als Fussballer kann ech Iech vläicht soen: Wann eng Ekipp sech fir d'Nationaldivisioun qualifizéiert, awer si däerfen herno just zu fënnef bis sechs Mann oder Fraen op den Terrain, Woch fir Woch – oder am Fall vum Gemengerot Mount fir Mount – dann ass dat net ganz sportlech. Wann de Champion mengt, d'Reegele mussen ëmzeschreiwen, amplaz dass en dat der FLF oder dem Arbitter iwwerléisst.

Dat ass awer dat, wat hei gemaach gëtt. Ech hunn nach keng aner Begrënnung héieren, ausser, dass Dir elo d'Gesetz anescht interpretéiert wéi all déi aner Gemengen a wéi vireg Schäfferéit.

A virege Schäfferéit war dat ëmmer beschwat ginn. Do war och eng Reunioun tëschent all de Fraktiounen, fir doriwwer ze schwätzen. An dann hu mer eis gëeenegt drop, dass déi Parteien, déi, wann een d'ganz Kommissiounen zesummenhëlt an an een Dëppe gehäit, da vun der Proportioun hier net esou vill Sëtz hunn, well d'Kommissioun jo keng 19 Memberen hunn, ergëtt dat dann net onbedéngt fir all Kommissioun ee volle Member, wann een de Calcul esou mécht.

Déi vireg Schäfferéit hunn awer gemengt, dass een deene Parteien awer kéint de Statut vum Observateur zouschreiwen. Dat schéngt dësem neie Schäfferot, deen awer #zesummen wëll fir Déifferdeng sech asetzen, net méi geneem ze sinn.

Ech war déi lescht Sëtzung nach vill méi roueg a zen a wollt Iech 100 Deeg Zäit ginn, mee dat eenzegt, wat ech bis elo gesinn hu vun deem Schäfferot ass, Posten op sech ze huelen. Ech hunn nach kee Koalitiounsprogramm gesinn. Ech hunn am Fong soss nach näischt gesinn, ausser dass d'Oppositioun keng Syndikater kritt, dass d'Oppositioun manner Kommissioune kritt. An am Fong d'Demokratie hei ofgebaut gëtt. An dat bedaueren ech ganz staark.

Ech hunn am Dialog probéiert, mat jidderengem ze schwätzen. Per SMS hunn ech kommunizéiert, well ech keng Äntwerte kritt hunn. Ech hu just gesot kritt: „Mir beschwätzen dat am Schäfferot." Vu Kéier zu Kéier hunn ech dat gesot kritt. An dobäi ass et bliwwen.

Ech soen dat elo knallhaart hei, déi Lénk huet och e Communiqué an deem Sënn erausbruecht, wäert net labber loossen op deem Sujet a wäert dat och soss nach an alle Kanäl thematiséieren. A) well et net verständlech ass, b) net demokratesch ass an c) net dénglech ass fir d'Déifferdenger Gemeng.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Mir als déi gréng ralliéieren eis hei un déi Lénk. Mir hunn d'leschte Kéier drop opmierksam gemaach, bei der Verdeelung vun de Syndikater, dass dat guer net am Sënn vun der Demokratie a vun der Bedeelegung vun all de Parteien ass, dass déi Posten esou verdeelt ginn, wéi se dann elo vun der aktueller Majoritéit verdeelt gi sinn.

Wéi mer et an de Syndikater gesinn hunn, ass et och elo an de Kommissiounen esou. Mir fannen dat immens, immens schued, dass fir déi Lénk an och fir d'Piraten, déi Bedeelegung net garantéiert ass. Déi awer ëmsou wichteg wär, fir de participative Prozess hei an der Gemeng ze garantéieren.

Anerersäits begréisse mir d'Bedeelegung vun de Bierger – #zesummen. Dir hutt Iech jo schonn eng ganz Rei Gedanke gemaach iwwer politesch Memberen, déi ënner dem Deckmantel vun de Bierger an de Kommissioune sinn. Mee ech denken, dass et immens schwiereg ass, dat auszeschléissen. Well wat maacht Der mat deem, deen zwar net an enger Kommissioun ass, mee awer eng Parteikaart huet? Gitt Der Iech do ee Vademekum, wéi Der dat wëllt opstellen?

Dir sot och „d'Leit an hire Quartieren". Bei véier Leit ass net garantéiert, dass fir all Uertschaft op d'mannst een drasëtzt. Also ech froe mech e bëssen, wéi Der dat … Hunn déi Leit e Matsproocherecht? Hu se e Stëmmrecht? Wat geschitt mat hinnen, wa se iergendwann net méi kommen? Gëtt dat kontrolléiert? Gi se dann ersat? Sinn dat Froen, déi Der Iech scho gestallt hutt?

Ech weess aus Erfarung, dass et ganz schwiereg ass. Mir wäre frou, déi Krittäre gewuer ze ginn, wéi Der dat wëllt ëmsetzen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Gëtt et aner Wuertmeldungen oder Informatiounen zu dësem Punkt?

Ech mengersäits géif Stellung huelen zu dem Sujet Interpretatioun. Interpretatioun vun engem Gesetzestext léisst jo verschidde Positiounen zou. Eng Interpretatiounsméiglechkeet vun engem Gesetz léisst d'Positioun a) a léisst d'Positioun b) zou.

Mir hunn eis elo fir déi Positioun entscheet, déi mer publik gemaach hunn an déi mer säit der Zesummestellung vun dësem Schäfferot hunn. A mir stinn och hanner där Positioun.

Mir sinn eis bewosst, dass d'Bäibezéie vun de Bierger an déi verschidde Kommissioune Froen opwerft. Mir sinn eis och bewosst, dass do Leit warscheinlech mat aktiv ginn, déi eng Parteikaart hunn. Mir sinn eis awer och bewosst iwwert den Dateschutz an iwwert d'Persoun, iwwert de Respekt vun der Perséinlechkeet, dass mir do net kënne Recherchë maachen.

Schlussendlech ass et jiddwerengem seng fräi Entscheedung. Wa mir soen, mir wëlle kee Parteimember als Bierger eran an där enger Partei, an dass en dann do d'Interessie vun enger Piratepartei, als Beispill, vertrëtt, an an enger zweeter Kommissioun mellt e sech als Netparteimember, dat ass emol dat Éischt, wat mer wëllen ausschléissen an där ganzer Situatioun.

Wa Leit mengen, si misste sech dann awer mellen, trotzdeem dass se an enger Partei Member sinn, dovir si mir och net protegéiert. Ech mengen, dat muss jiddwereee mat sengem Gewëssen ausmaachen, wann en dann do present ass.

Dass et eis net besser geet wéi deene Gemengeréit virdrun oder an den Nopeschgemengen, dass et Bierger gëtt, déi no enger gewëssener Zäit keen Interessi méi weisen un enger Kommissioun, ass eis bewosst. da schreiwe mer déi Kommissioun nach eng Kéier aus. Mer kucken ëmmer, dass mer déi Zuel u Leit, déi an där Kommissioun als Bierger vertruede sinn, dass mer déi awer ëmmer au grand complet hunn. Wann natierlech Leit sech spontan zréckzéien, musse mer kucken, dass mer déi Leit esou séier wéi méiglech ersat kréien. A mer wäerten dat dann och an deem Sënn maachen.

Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech sinn e bëssen erstaunt iwwer Är Positioun, Här Diderich. Ech ka just elo soen, well ech do méi impliziéiert war: An der Kulturkommissioun, do hutt Dir d'leschte Kéier eng Madamm genannt, déi soi-disant fir déi Lénk sollt do an deem Gremium sinn, déi huet awer ëmmer behaapt, si wär net bei deene Lénken. An déi Madamm war zweemol oder dräimol do.

Et mécht jo awer net vill Sënn, dass een, wann ee keng Leit huet, einfach Leit nennt, ënner dem Deckmantel, si wiere bei Iech an der Partei, a soubal se dann do sinn, soe se …

(Diskussiounen)

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Däerf ech drop reagéieren? Ech sinn ugeschwat ginn. Also éischtens, wann Der sot zwee-, dräimol just komm, da muss een och d'Period nennen, an där déi Persoun Member war. Dat war net immens laang. Déi Persoun huet eis um Lafende gehale vun all den Dossieren. Si ass eng Expertin am Beräich vun der Kultur.

Mir hunn déi Nominatioun gemaach, net just fir een enzwousch ze schécken,

*Pour ce qui est membres de partis s'inscrivant en tant que citoyens, comment le collège échevinal entend-il gérer les abus ? Car un membre d'un parti peut s'inscrire à une commission en tant que citoyen pour peu qu'il ne soit pas dans une autre commission.*
*Pour ce qui est des citoyens, rien ne garantit que toutes les localités soient représentées. En outre, disposeront-ils d'un droit de vote ? Seront-ils remplacés s'ils changent d'avis ? Laura Pregno sait que cela n'a rien d'évident. C'est pourquoi elle voudrait connaitre les critères.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne qu'une loi pouvant être interprétée laisse la porte ouverte à plusieurs positions. Le collège échevinal a pris une décision sur la base de son interprétation de la loi.*
*Le bourgmestre sait que l'ouverture des commissions aux citoyens entraine des questions — notamment celle des membres de partis politiques. Mais le collège échevinal ne peut quand même pas mener une enquête sur les candidats. Chacun est libre de faire ce qu'il veut. Lorsqu'il parle de membre de parti, Guy Altmeisch fait référence à quelqu'un représentant un parti dans une commission et voulant participer à une autre commission en tant que citoyen. Mais pour le reste, on ne peut pas interdire à quelqu'un figurant dans un parti de se présenter à une commission.*
*Par ailleurs, si un citoyen décide de ne plus venir aux réunions, il faudra lancer un nouvel appel à candidatures. L'important, c'est que les commissions soient au complet.*

**TOM ULVELING (CSV)** *s'étonne de la position de monsieur Diderich. Lors de la dernière législature, monsieur Diderich a envoyé une représentante de déi Lénk à la Commission culturelle qui insistait sur le fait qu'elle ne faisait pas partie de déi Lénk. D'ailleurs, elle n'est venue que deux ou trois fois. Cela ne sert à rien d'envoyer quelqu'un qui n'est pas vraiment membre du parti.*
*(Interruption et discussions)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *explique que la personne en question*

*s'y connaissait en culture et qu'elle informait déi Lénk des dossiers.*
*Il ne s'agissait pas d'envoyer quelqu'un à tout prix, mais de choisir une Differdangeoise qui était experte en culture et qui assurerait le lien avec le parti.*
*Gary Diderich ne comprend pas bien où monsieur Ulveling veut en venir, car il pourrait citer de nombreux exemples d'autres partis. Sans mentionner de parti politique, Gary Diderich pense notamment à un membre du Klimateam qu'il n'a pas vu une seule fois aux réunions. Et voilà que cette même personne est à nouveau membre.*
*Déi Lénk a dû faire des choix difficiles, car certains sujets lui sont particulièrement importants. Par ailleurs, certaines commissions sont essentielles pour le fonctionnement d'une commune. Guy Diderich regrette que déi Lénk ne puisse pas y envoyer de membre alors que le parti a toujours collaboré de manière assidue et constructive.*
*Bien entendu, monsieur Altmeisch peut interpréter la loi comme il l'entend. Mais quel est l'objectif de cette interprétation ? Donner plus de mandats à la majorité ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *trouve dommage que monsieur Diderich ne reconnaisse pas l'objectif.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Guy Altmeisch n'a pas entendu.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *n'a pas entendu d'autre explication.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que monsieur Diderich parle de démocratie et de transparence. Mais en tant que conseiller communal, il peut assister à toutes les réunions et connaitre les décisions qui y sont prises.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rétorque qu'il aura besoin d'une invitation. Or, il n'en a que rarement reçu. Mais peut-être que monsieur Altmeisch a d'autres intentions.*
*Au cours des dernières années, 3 ou 4 commissions sur 16 l'ont peut-être invité une fois. Même chose pour les rapports, qui ne sont pas envoyés systématiquement. Sans oublier que la plupart du temps, déi Lénk ne sait même pas qu'il y a une*

fir iergendwou ze sinn an iergendwou Jetonen anzesammelen. Mee mir hunn déi Nominatioun gemaach, well mer eng Biergerin hei zu Déifferdeng hunn, déi sech am Kulturberäich gutt auskennt. A wou mer eis konnten drop verloossen, dass de Lien tëschent eis an der Partei ginn ass.

Ech weess elo net, op wat déi Remark do gemënzt ass. D'autant plus, dass ech elo x Beispiller hei kéint nenne vu Vertrieder vun Äre Parteien.

Ech hunn et virdru scho beim Klimateam gesot, dass et net nëmmen duergeet, Leit ze nennen. Wou elo déi nämmlecht Persoun genannt gëtt – ech soen elo mol léiwer net d'Partei, well ech fannen dat do ass een Niveau, op deem mer net solle spillen. Mee et gëtt nach eng Kéier déi nämmlecht Persoun genannt. Ech hu se net eng Kéier an engem Klimapakt gesinn. Da verstinn ech ëmsou manner, dass déi Parteien déi doten Decisioun huelen.

A mir hu wierklech missen de Choix maachen tëschent Sujeten, déi eis alleguerte wichteg sinn. Bei déi Lénk hu mir missen de Choix maachen: Wéi eng Sujeten huele mer elo? An et gëtt Kommissiounen, déi sinn essentiel fir d'Fonctionement vun der Gemeng. Do musse mer Leit nennen. An et gëtt anerer, déi am Fong och ganz, ganz wichteg sinn, déi awer vläicht manner oft an de Gemengerot kommen. A wou mir dann hu mussen decidéieren, do keen ze schécken, obwuel mir oft ganz aktiv do waren a ganz konstruktiv do matgeschafft hunn, fir dass eis Gemeng weiderkënnt.

Aus all deene Grënn, ass dat doten einfach onverständlech. Natierlech kënnt Dir interpretéieren, wéi Der wëllt. D'Fro ass: Wat ass d'Zilsetzung vun Ärer Interpretatioun? Firwat hutt Der et esou decidéiert? Ech gesi kee gudde Grond, ausser der Oppositioun eng auszewëschen oder méi Mandater fir Är eege Parteien erauszeschloen. Ech gesi keen anere gudde Grond, fir dat doten esou ze maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass schued, dass Der dat net erkennt. Gelift? Ech hunn de Rescht elo net héieren, Här Diderich. Nach eng Kéier, wannechgelift. Dir hat de Mikro aus.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dir hutt op jidde Fall keng aner schlësseg Erklärung gi fir déi doten Interpretatioun. Ausser déi, déi ech elo mol an de Raum gehäit hunn, fir vläicht eng schlësseg Erklärung ze kréien.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll Iech nach informéieren, wou Dir elo dat vun Demokratie an Transparenz an de Raum gehäit hutt: Dir hutt jo als Conseiller d'Recht, un all Kommissioun deelzehuelen. Dir hutt als Conseiller d'Recht, an all Kommissioun present ze sinn an do nozelauschteren, wat do decidéiert gëtt a wat do hantéiert gëtt a wat do geschafft gëtt. Ech mengen, dat ass jo e Recht, wat Der als Conseiller hutt.

Jo, Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Vun deem Recht kann ech just Gebrauch maachen, wann ech eng Invitatioun kréien. An an all deene Joren, wou ech an dësem Gemengerot war, hunn ech ganz wéineg Invitatioune kritt vu Kommissiounen, an deenen ech net war. Dir kënnt mir elo soen, Dir géift alles anescht maachen. Mee vun deene 16 Kommissiounen hunn ech vläicht vun dräi, véier Kommissiounen an deene leschte Joren Invitatioune kritt.

Dat heescht d'Invitatiounen an d'Rapporte mussen un de Gemengerot goen. A béides, si mer nach wäit dovunner ewech. Da si mer ganz gespaant, ob Der dat dann erreecht.

An ech kann et warscheinlech emol net kontrolléieren, well ech jo mol net matkréien, dass eng Kommissioun ass. An och kee vu menge Sektiounsmemberen et matkritt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll nach just ee lescht Wuert dozou soen: Wann Der déi Zäit, wou Der Membere vun Ärer Partei an der Kommissioun sëtzen hat, keng Informatioune kritt hutt, da kann et jo elo nëmmen nach besser goen. Dir hutt virdru gesot …

(Ënnerbriechung)

Ee Moment, ech loossen Iech jo och schwätzen. Kommt, mer fänken net un, ouni Mikro ze schwätzen, soss si mer hei um Floumaart.

Dir hat Leit an de Kommissiounen. An Dir hat elo grad behaapt, Dir wäert net informéiert ginn, wat an de Kommissioune geschitt ass. Elo kritt Der keng Leit méi an d'Kommissioun, da kann déi Informatioun, déi Der kritt als Partei, jo nëmme besser ginn.

A mir verspriechen Iech, dass Der déi Datume vun de Kommissiounen als Conseiller matgedeelt kritt. An dass Der d'Resultater vun de Kommissiounen, déi Rapporten, op der Diffcloud matgedeelt kritt. Méi kann ech Iech elo net soen, well et waren nach keng Sitzungen.

An da schwätze mer an der nächster Gemengerotssitzung doriwwer. Well ech mengen, mir hunn dat do elo genuch am Detail beschwat. Ech géif da bieden, zur Ofstëmmung ze komme vum Punkt 10a, dass mer awer e bëssen eis un den Ordre du jour halen.

**JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SEKRETÄR):**

Just eng Klammer op par rapport zum Vott elo: Déi gesetzlech baséiert Commission des loyers, déi anescht zesummegesat ass wéi all déi aner Kommissioune vun der Gemeng, wou u sech elo net onbedéngt necessairement musse politesch Vertrieder dra sinn, déi hu mer u sech entkoppelt vun deem ganze Votum elo hei.

Dat heescht, dass mer zwee Votte maachen. Dat ass eng Kéier ee Vott fir déi ganz gesamt Kommissiounen. An eng Kéier e Bulletin secret, wou auszefëlle wär fir déi dräi Membere respektiv déi dräi Membere plus dräi Membre-suppleantë vun der Commission des loyers.

Soudass ech géif ufänke mat de gesamte Kommissiounen.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 voix non d'approuver la nomination des membres permanents au sein des commissions consultatives.*

Dann hat Der alleguerten d'Propose matgedeelt kritt, wien da soll President, Président suppléant, Membre locataire, Membre locataire suppléant, Membre propriétaire a Membre propriétaire suppléant ginn. Ech hunn déi einfachheetshalber alleguerten op een Ziedel geschriwwen, dass der kënnt Jo, Nee oder eeben näischt ukräizen. Dat wär dann dee Moment eng Abstentioun.

Da misste mer och déi zwee Eelste vum Gemengerot hunn, fir déi Wal dann ze …

**ENG STËMM:**

Déi, déi am längsten dobäi sinn.

**JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SEKRETÄR):**

Déi déi am längsten dobäi sinn, jo. Net déi Eelst. Pardon. Dat sinn den Här Ulveling an den Här Muller.

Ech géif da mol jiddwerengem esou een Ziedel ginn. Ech deelen se aus.

(Ausdeelung)

Et ass u sech allkéiers en eenzele Vott. Et ass pro Posten e Vott, wou mat Jo, Nee oder Abstentioun ze beäntwerten ass. Also et sinn eenzel Posten.

*réunion. Guy Diderich se dit curieux de voir si le collège échevinal parviendra à changer les choses.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique que si les propres membres de déi Lénk ne fournissaient pas d'informations à monsieur Diderich, les choses ne peuvent qu'aller mieux.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Guy Altmeisch demande à monsieur Diderich de ne pas parler sans micro. On n'est pas au marché aux puces.*
*Monsieur Diderich vient de dire que quand déi Lénk disposait de membres, il ne recevait pas d'informations. Dorénavant, déi Lénk n'aura plus de membres. Les choses ne pourront donc qu'aller mieux.*
*En attendant, Guy Altmeisch promet à monsieur Diderich de lui communiquer les dates des commissions ainsi que les rapports.*
*Le bourgmestre passe au vote, car les débats ont assez duré.*

**JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SECRÉTAIRE)** *précise que la Commission des loyers a un fonctionnement différent. Elle ne doit pas forcément contenir des représentants politiques. Jean-François Leblond propose par conséquent deux votes : un vote pour les commissions et un vote secret pour les trois membres et les trois membres suppléants de la Commission des loyers.*
*(Vote)*
*Jean-François Leblond rappelle aux conseillers communaux qu'ils disposent de propositions pour la Commission des loyers. Ils peuvent cocher les différentes cases ou s'abstenir.*
*(Interruption et discussions)*
*Le secrétaire distribue les bulletins de vote et précise qu'il faut un vote par poste.*
*(Votes)*

*Jean-François Leblond annonce que Raphaël Scheuren devient président de la Commission des loyers. Son suppléant sera monsieur Werecki.*
*Vania Fernandes devient membre-locataire et monsieur Spirinelli, son suppléant.*
*Monsieur Mangen est membre bailleur et son suppléant est monsieur Tempels.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie ceux qui ont aidé à compter les votes.*
*Il passe à la désignation d'un délégué pour l'ORT Sud et pour l'Association des écoles de musique. Il s'agit de madame Charlé pour l'ORT. Monsieur Michel Scheuren est proposé comme suppléant.*
*Pour l'Association des écoles de musique, le collège échevinal propose monsieur Pol Belardi comme suppléant.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe au Naturpaktteam et au Klimateam. Le dossier des conseillers communaux n'est pas à jour, mais la liste se trouve sur le Diffcloud.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'elle ne figure pas sur le Diffcloud.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *confirme les propos de madame Schütz.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *précise qu'elle l'a reçue par courriel.*
*(Vote)*

---

*Le conseil communal décide :*
- *avec 17 voix oui et 1 voix non de nommer monsieur Raphaël Scheuren comme président de la Commission des loyers ;*
- *avec 16 voix oui et 1 voix non de nommer monsieur Eric Werecki comme président suppléant de la Commission des loyers ;*
- *avec 18 voix oui de nommer monsieur Robert Mangen comme assesseur bailleur effectif de la Commission des loyers ;*
- *avec 17 voix oui et 1 voix non de nommer monsieur Guy Tempels comme assesseur bailleur suppléant de la Commission des loyers ;*
- *avec 17 voix oui et 1 voix non de nommer madame Vãnia Fernandes comme assesseur locataire effectif de la Commission des loyers ;*
- *avec 18 voix oui de nommer monsieur Fabio Spirinelli comme assesseur locataire suppléant de la Commission des loyers.*

---

Als Resultat hu mer dann als President vun der Commission des Loyers de Raphaël Scheuren mat 17 Jo an engem Nee.

Als Suppleant zum President, den Här Werecki mat 16 Jo an zwee Nee.

Membre locataire wär da mat 17 Jo an engem Nee d'Vânia Fernandes. De Suppleant zum Locataire wär mat 18 Jo genannt den Här Spirinelli.

Membre bailleur wär den Här Mangen mat 18 Jo. An de Suppleant vum Bailleur wär den Här Tempels mat 17 Jo an engem Nee.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen deene Leit Merci, déi gehollef hu bei der Auszielung a bei der Verdeelung vun deene Walziedelen. Kéime mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, de Punkt 10b, d'Nominatioun vun den Delegéierte vun der Stad Déifferdeng am ORT Sud an de Vertrieder vun der Association des Écoles de musique.

Fir den ORT hate mer d'Madamm Charlé Zenia scho gestëmmt. Als Suppleant géife mer virschloen den Här Scheuren Michel.

An der Museksschoul géife mer den Här Belardi Pol proposéieren als Suppleant.

Wann et dozou keng Wuertmeldunge gëtt, da géife mer zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 voix non de nommer les délégués représentant la Ville de Differdange au sein de l'Association des écoles de musique.*

---

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 voix non de nommer les délégués représentant la Ville de Differdange au sein de l'ORT Sud.*

---

Ech soen Iech Merci. Da géife mer Iech bieden, déi Lëscht ze huele vum Naturpakt-Team an dem Klimateam, déi am Dossier ass. Déi ass net à jour duerch Korrektiounen, déi do nach bäikomm sinn. Déi ass awer online, déi Lëscht. Et ass déi, iwwert déi mer ofstëmmen. Déi misst op der Diffcloud sinn. Jiddwereen huet Accès dozou, jiddwereen huet déi Lëscht viru sech an et konnt jiddwereen déi Lëscht consultéieren, ier mer do zur Ofstëmmung kommen.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Si ass net op der Diffcloud.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Wann et keng Wuertmeldunge gëtt, da géife mer zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner les membres politiques du Klimateam.*

---

Ech soen Iech Merci. Da géife mer op d'Séance non-publique iwwergoen.

**MÉI STËMMEN:**

D'Froen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

A pardon, jo, hat ech vergiess. Komme mer zum Froendeel. Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech si vu verschiddene Bierger ugeschwat ginn. Et geet ëm d'Cité Ouschterbur. Wësst Dir, wou dee Projet drun ass. Well anscheinend de Réibau schonn éiweg – mëttlerweil wiisst d'Onkraut schonn aus de Fënsteren an esou weider. Et gesäit net ganz gutt aus. Hutt Dir do méi Informatiounen? Sinn ech gefrot gi vu Bierger.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll elo den Numm net soe vum Promoteur, mee mir schwätze jo vun engem Promoteur, dee mat C ugeet. An ech weess vu Leit, déi do och Wunnechten hunn, déi hu mir confirméiert, dass d'Aarbechte viru géife gedriwwe ginn. Also dass se mam Chantier erëm ugefaangen hätten. Dat war virun zéng Deeg.

D'Situatioun war déi hei. Ech ginn eng kuerz Erklärung, fir déi Leit, déi deen Dossier net sou honnertprozenteg kennen: Virum Congé collectif hunn op eemol d'Aarbechter, déi do amgaange waren, um Réibau ze schaffen, hir Saachen agepaakt an zu de Proprietäre gesot, si géifen net méi bezuelt gi vum Promoteur an dofir géife si och näischt méi schaffen.

Dat war jo grouss an der Press. RTL war u mech erugetrueden. A mir hunn als Gemeng eis Techniker dohinner geschéckt fir RTL, déi dann och sur place waren, ze erklären, ëm wat et géif goen. Dass mir net de Maître d'oeuvre dovu wieren an och net responsabel wiere fir soi-disant e mauvais paiement vun engem Promoteur an esou virun.

Mee mir hunn awer als Gemeng de Leit Ënnerstëtzung ginn, andeem mer eis Techniker op d'Plaz geschéckt hunn. Dunn ass de Congé collectif komm. Mir hunn eis informéiert bei der Firma selwer. A mir hu vun der Firma selwer confirméiert kritt, dass si e Problem an der Comptabilitéit hätten. Dee Problem an der Comptabilitéit ass mëttlerweil, sou wäit meng Informatioune reechen, geléist ginn. An ech weess vun zwee, dräi Leit, déi do e Réibau hunn, dass d'Aarbechten do erëm ugaange wieren.

Wann Dir awer elo sot, déi hätte sech erëm zréckgezunn, oder laut Ären Informatiounen, gi mer awer ganz gär nach eng Kéier op d'Plaz kucken, fir eis bei de Leit schlau ze maachen, wéi wäit d'Aarbechte virukommen. Wat mir do kënne maachen als Gemeng, fir do eng Hand matunzepaken. Et ass eis jo och net angeneem, wann d'Leit am Misär sëtze bleiwen duerch Faillitten oder duerch schlechte Management vun engem Promoteur.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Informatioun. Ech ginn dat dann esou weider. Gegeebenefalls kommen ech op Iech zréck. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Dann huet den Här Aguiar nach eng Fro.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech hunn eng Fro fir den Här Wagner, échevin au sport am Kader vum Steel-Run. On nous a rapporté que cette édition a été marquée par une intensité accrue, nécessitant l'intervention de plusieurs services d'urgences. De plus, on a également remarqué que les coureurs courraient à côté des véhicules, ce qui pose vraiment un problème de sécurité.

Le manque de ravitaillement pour des participants lors de cette journée de chaleur a également été une source de

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la séance non publique.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch constate qu'il a oublié les questions.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *voudrait savoir où en est le projet de City Ouschterbur. Les travaux ont commencé il y a longtemps…*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale qu'il est question d'un promoteur commençant par la lettre C. Il a entendu dire que les travaux ont repris il y a une dizaine de jours.*
*Il rappelle qu'avant les congés collectifs, les ouvriers ont emballé leurs affaires et sont partis parce qu'ils n'étaient plus payés. Cela figurait d'ailleurs dans la presse.*
*Un employé du service technique s'est rendu sur place avec RTL pour expliquer aux propriétaires que la commune n'est pas maitre d'ouvrage et qu'elle n'est pas responsable des retards de paiement.*
*Entretemps, le promoteur a confirmé au collège échevinal qu'elle faisait face à des problèmes de comptabilité. Ces problèmes seraient résolus et les travaux auraient repris. Mais si monsieur Meisch a d'autres informations, il faudra que la commune réagisse une nouvelle fois et soutienne les résidents. Le collège échevinal ne veut en aucun cas que la population soit en difficulté à cause des problèmes de gestion d'un promoteur.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *reviendra vers monsieur Altmeisch si c'est nécessaire.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *a entendu dire que les services d'urgence ont dû intervenir à plusieurs reprises au cours du Steel-Run. En plus, les participants couraient à proximité de véhicules, ce qui est dangereux. Il semblerait aussi qu'il y ait eu des problèmes de ravitaillement alors qu'il faisait particulièrement chaud.*

*Paulo Aguiar demande à monsieur Wagner s'il y a eu des incidents spécifiques. Les dispositifs de sécurité étaient-ils suffisants ?*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *confirme qu'il y a eu des incidents. Il signale cependant que lors d'une course à laquelle participent 815 personnes, c'est inévitable quand il fait chaud. Autrement, il faudrait interdire les marathons.*
*Il est évident que lors de telles courses, le CGDIS va avoir du travail. Les coureurs savaient de toute façon que ce serait dur.*
*Quatre ou cinq incidents étaient plus sérieux, mais ces coureurs ont été pris en charge efficacement par les services de secours. Aucun coureur ne s'est plaint de l'organisation de la course.*
*En revanche, Thierry Wagner donne raison à monsieur Aguiar concernant le manque de ravitaillement compte tenu de la chaleur. Des évaluations sont en cours. Thierry Wagner en discutera avec les organisateurs. Mais il aurait fallu prévoir deux ravitaillements.*
*L'hélicoptère d'Air Rescue n'a pas eu à intervenir, mais il était sur place au cas où.*
*Thierry Wagner répète que tout ceci est normal pour une telle course.*
*La proximité aux véhicules est elle aussi inévitable. Mais le parcours était sécurisé et aucun incident n'est survenu.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *voudrait savoir où en est la création d'un Comité du développement économique, que le LSAP a souvent demandé. Il n'en a pas été question lors de la discussion sur les commissions.*
*Et qu'en est-il du groupe de travail proposant des noms de rue et du groupe s'occupant des dons ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que les travaux sont en cours. Le groupe économique comprendra des chefs d'entreprise, le directeur d'Arcelor, des commerçants… Fred Bertinelli ajoute que les conseillers communaux recevront prochainement une invitation à une réunion avec les industriels et les commerçants.*

critiques respectivement de préoccupation.

Monsieur Wagner, pourriez-vous nous éclairer sur le déroulement de cet évènement ? Y a-t-il eu des incidents spécifiques ? Comment ont-ils été adressés ? Est-ce que les dispositifs de sécurité étaient suffisants ? Est-ce que vous pouvez nous éclaircir par rapport à cette situation ? Ech soen Iech villmools Merci.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Jo, dat ass richteg, wéi Der sot, dass deen een oder aneren Incident war. Wat natierlech awer och ze soen ass, dass, bei enger Course vun 815 Leefer, déi deelgeholl hunn, esou Incidentë bei esou enger Hëtzt natierlech ëmmer wäerte virkommen. Dat ass net ze evitéieren. Soss géif guer kee méi ee Marathon lafen. Well do leie se an der Rei duerno. De CGDIS huet vill Aarbecht. Dat ass ganz kloer, bei esou enger Course, dass dat geschitt. Et ass eng ustrengend Course. Dat war de Leefer vu vir eran och bewosst.

Et muss een awer och soen, dass mer véier, fënnef méi akut Problemer haten, déi awer vum CGDIS respektiv vun de Sanitäter, déi op der Plaz waren, awer och gutt en charge geholl gi sinn. Also do ass guer kee Problem. Et ass och vu kengem Leefer duerno iergendwéi eppes komm, dass dat net gutt gewiescht wär.

Wou ech Iech Recht ginn, ass déi Saach mat der Hëtzt, mam Waasser, dass net genuch Ravi war. Bei esou enger Course ass normalerweis nëmmen ee Ravi virgesinn. Mee bei där doter Hëtzt hätt een der zwee misse maachen. Dat hu mer och scho gemaach. Dat gouf dës Kéier verpasst. Dat muss ech soen.

D'Evaluatioune sinn nach net ganz ofgeschloss. Musse mat de Leit nach alleguerten eng Kéier schwätzen, déi d'Organisatioun geleet hunn. Mee effektiv, een zweete Ravi wär néideg gewiescht. Do hutt Der vollkomme Recht.

Et war och den Helikopter vun der Air Rescue komm, mee deen huet awer kee matgeholl. Deen ass just pro forma komm, fir wann déi Persoun, déi en charge geholl ginn ass, méi Komplikatiounen hätt. Wat awer net de Fall war. Duerno ass en erëm ouni Patient, glécklecherweis, zréckgeflunn.

Dat ass awer, wéi gesot, bei esou enger Course ganz normal. Dat hunn och vill Leefer duerno bestätegt.

Déi Geschicht, dass vill Leefer wärend der Course laanscht en Auto gelaf sinn, dat ass natierlech och net ze evitéieren. Alles gouf mat Gelänner a Flatterbänner ofgeséchert. Dat war ganz kloer och am Virfeld esou duerchkuckt. Do war guer keen Incident, dat war och eigentlech ganz gutt ofgeséchert. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Da géif ech d'Wuert der Madamm Pregno ginn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech hätt zwou Froen. Eng Kéier wollt ech froen, wéi et mam Comité d'accompagnement économique ass, no deem jo och vun der LSAP an der leschter Legislaturperiod äifreg gefrot gouf. Ass do eppes virgesinn? E war elo net bei de Kommissioune respektiv bei den Teams dobäi. Kënnt do eppes? Grad sou wéi d'Team ronderëm d'Stroossennimm an och deen, deen d'Done verdeelt.

Dat wär meng éischt Fro. Soll ech déi zwou matenee stellen? Et ass nämlech fir een anere Schäffen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech mengen, da gi mer dem Här Bertinelli mol d'Méiglechkeet, Iech ze äntweren. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mir wäerten Iech nach informéieren, well do och scho verschidde Leit vun Iech am leschte Groupe économique dra waren. Do si mer amgaangen, ferm drun ze schaffen. Dat gëtt dës Kéier eppes méi Grousses. Mir hunn e ganze Koup Leit dobäi, wéi Chef-d'entrepri-

sen, Direkter vun Arcelor an esou. Mir wëllen dat wierklech e bëssen anescht maachen. Dat ass eng grouss Organisatioun. A mir wëllen do och kucke mat der Geschäftswelt, wéi mer dat maachen.

An noer Zukunft wäert Der eng Invitatioun kréien, wou mer am Hall O eng Reunioun hu mat alleguerten de Leit aus der Industrie an der Geschäftswelt. Mir probéieren, déi Leit mat an d'Boot ze kréien. Net nëmme Leit aus der Politik, mee mir probéieren och wierklech déi Leit vun der Industrie, vun de Geschäfter mat bäizekréien. A mir sinn och amgaangen ze testen an ze kucke mat Bureau-d'études, déi schonn esou Saache gemaach hunn, fir erauszefannen, wou mer Déifferdeng elo hikréien. Also et gëtt e bësse méi eppes Grousses.

D'Informatioun ass nach net do, well mer nach net prett sinn, honnertprozenteg. Mee Dir kritt déi Informatiounen. Et wäerte jo och Leit vun Iech mat dobäi sinn, déi scho mol an deem Grupp do waren. An déi Informatioune kritt Der. Mir hu gutt geschafft, mee et ass nach net bis op dee leschten Dibbelchen ausgeräift.

Dat gëtt gedroen duerch den Här Ulveling an duerch mech. Den Här Muller spillt och eng Haaptroll. Mat deene Leit muss ee jo awer schwätzen, dat si grouss Chef-d'entreprisen, do kann een net einfach soen: „Elo kënns du dann an dann.“ Mir hu wierklech probéiert, do eppes hinzekréien, wat mer esou an där Form nach net haten, fir awer och déi Decideuren an der Industrie, an de Geschäfter mat dobäi ze hunn. Dat ass d'Äntwert.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Da ginn ech op déi aner zwee Gruppen an, wat Der gefrot hat. Déifferdeng, eng Stad hëlleft, wou mer ONGen ënnerstëtzen, dat leeft natierlech weider. Do hate mer am leschte Gemengerot en Opruff gemaach, do hu sech och véier Leit vu véier verschiddene Parteie gemellt. Do hu mer och schonn en Datum: De 14. November um 18 Auer, wou mer eis hei treffen. Wann do nach anerer wëllen dobäi sinn, ass natierlech jiddwereen häerzlech wëllkomm.

Zu dem Grupp vun de Stroossennimm, do war et jo esou, wou dee leschte Grupp sech getraff huet – ech mengen, dat ass schonn een, zwee Joer hier – do hate mer nach zwee Nimm en réserve. Mee d'Situatioun ass déi, datt mer am Moment keng nei Stroossen hunn.

Mee do wiere mer natierlech effektiv och frou, wann do een d'Koordinatioun vun deem Grupp iwwerhuele géif. Dat war jo soss ëmmer een aus dem Gemengerot. Avis aux amateurs. Merci.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Meng zweet Fro interesséiert warscheinlech och eis Matbierger dobaussen, vu dass mer kee Koalitiounsaccord virleien hunn, a bis dat no bausse gedroe gëtt, wäert warscheinlech Mëtt November sinn. Do wollt ech froen, all d'Eltere vun de Kanner, déi elo Vëlofuere léieren, wéini kënnen déi e Vëlo siche kommen a wou? Ass d'Bestellung schonn erausgaange vun der LSAP an, ech huelen dann un, dem Sportsservice? Merci. Dat hat Dir jo an engem Waldepliant stoen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech huelen elo net d'Walprogrammer vun de leschte fënnef Joer an all Partei eraus, wat do drastoung, well soss si mer muer nach hei.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, et si knapp sechs Méint.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Do stounge schonn esou vill Saachen dran an all deene Walprogrammer. Mee, wéi gesot, kann Iech net drop äntweren, well mer nach net esou wäit sinn. Mir sinn elo dräi Méint um Rudder. Ech fannen et jo och léif, wann een no eppes freet wéi dat doten, wat an engem Walprogramm stoung. Dir kritt eng Äntwert, wa mer et genau wëssen. Ech kann Iech nach net soen, wéini mer dat maachen. Mee Dir kritt eng Äntwert.

*Le collège échevinal a aussi pris contact avec des bureaux d'étude ayant de l'expérience dans ce domaine.*
*Pour le moment, le collège échevinal n'est pas encore prêt à fournir des informations. Mais c'est pour bientôt. De toute façon, il y aura aussi des écologistes dans le groupe.*
*Fred Bertinelli, monsieur Ulveling et monsieur Muller jouent un rôle important dans l'organisation.*
*L'échevin répète qu'il faut discuter avec les chefs d'entreprise. Il veut créer quelque chose de nouveau incluant les industriels et les commerçants.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *ajoute que le soutien aux ONG va se poursuivre. Quatre personnes de quatre partis différents ont déposé leurs candidatures pour faire partie du groupe de travail. Une première réunion aura lieu le 14 novembre à 18 h.*
*Pour ce qui est du groupe de travail concernant le nom de rues, il s'est réuni pour la dernière fois il y a un an ou deux. Il reste deux noms en réserve et actuellement, il n'y a pas de nouvelle rue. Il faudrait qu'un conseiller communal prenne en main la coordination du groupe.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *estime que la population ne recevra pas l'accord de coalition avant novembre. Elle voudrait donc déjà savoir quand les enfants pourront venir chercher leurs vélos. Le service des sports les a-t-il déjà commandés ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne va pas commencer à dresser une liste de tout ce qui a été écrit dans les programmes électoraux des cinq dernières années.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque que cela fait à peine six mois.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *réplique qu'on écrit tellement de choses dans les programmes. Le collège échevinal n'est en place que depuis trois mois.*
*Fred Bertinelli trouve sympathique que madame Pregno pose des ques-*

*tions de la sorte. Il lui fera savoir quand ce projet sera réalisé.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande à monsieur Bertinelli s'il s'agit de décider quand le projet sera réalisé ou si le projet sera réalisé.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *n'a pas la réponse à cette question.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *ajoute qu'une chose est sure : l'école du vélo sera développée. Les écoles disposeront de suffisamment de vélos pour permettre à tous les enfants de participer aux cours. Pour le reste, il faudra voir.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoutera le vélo à sa liste de cadeaux pour la Saint-Nicolas.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si le Plan de la mobilité présenté avant les élections a été terminé. Il estime qu'il s'agit d'une urgence pour Differdange.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que le collège échevinal souhaite élaborer un plan extrêmement complet auquel travaillent de nombreux bureaux. Il tiendra le conseil communal informé.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Wéini Der et maacht oder ob Der et maacht?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat eent wéi dat anert. Kann ech Iech nach net soen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Tipptopp. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Wagner.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Just eng Bemierkung, wat d'Vëloen ubelaangt. Wat sécher ass, wat och am Walprogramm, am Koalitiounsprogramm steet, dat ass ganz kloer den Ausbau vun der bestoender Vëlosschoul. Dat heescht de Fuerpark bei de verschiddene Schoulen ausbauen, dass och wierklech bal all Kand d'Méiglechkeet huet, dee Moment, wann déi Coursë sinn, och e Vëlo zur Verfügung gestallt ze kréien. Dat ass emol assuréiert.

Mee dat anert kucke mer dann en temps utile.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Okay. Merci. Mir setzen et dann emol op d'Kleesercherslëscht, a priori.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dann nach den Här Diderich, deen eng Fro ugemellt hat. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Meng Fro un de Schäfferot wär, ob de Mobilitéitsplang, dee jo virun de Wale sou wäit presentéiert ginn ass respektiv schonn ausgeschafft war, den SUMP, ob deen ofgeschloss ass, wou deen drun ass a wéi mer do weiderkommen. Well ech mengen, dass awer eng grouss Urgence ass zu Déifferdeng, wat d'Mobilitéit ugeet a mer do dréngend misste weiderkommen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mir schaffen, Här Diderich, un engem risege Plang, wat de Verkéier zu Déifferdeng ugeet. Dat ass esou vast a grouss a komplizéiert, do huet e ganz, ganz grousse Büro ugefaangen, drun ze schaffen. Dat geet vill, vill méi wäit wéi dat, wat Dir vläicht eng Kéier héieren oder gesinn hutt.

Mir wäerten de Gemengerot doriwwer forméieren, wann et sprochräif ass. Et sinn nach Eckdaten, déi mer nach net honnertprozenteg hunn. Mee dat ass enorm an dat ass och eppes, wat héchstwarscheinlech an d'Richtung geet vun deenen nächsten 20 Joer, wat Déifferdeng ugeet an all senge Phasen an Hisiichten. Mir hunn dat wierklech méticuleux gemaach, et ass wierklech grouss.

An dat wäerte mer dem Gemengerot weisen, wann et sprochräif ass. De Schäfferot wäert Iech informéieren iwwert dee Plang, wann e ganz genau fäerdeg ass. An da wäerte mer deen och als alleréischt dem Gemengerot weisen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Ech hätt just nach eng ganz kleng Fro, wann dat okay ass, fir Iech?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, jo.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Et geet ëm d'Zirkulatioun an de verschiddene Stroossen, zum Beispill an der Rue des Ligures zu Nidderkuer. Dat

ass eng Zone 30, mee et gëtt guer net respektéiert. D'Leit beschwéiere sech immens doriwwer. Och zu Lasauvage, d'Rue des Passeurs, wann een d'Rue Rodange eroffiert, ass jo am Fong eng Wunnzon, an d'Leit fueren duerch, wéi wann et praktesch eng Autobunn wier. Ob een do net vläicht eppes kéint maachen, trotz dass iwwerall och steet, dass ee misst op 30 reduzéieren, gëtt dat awer néierens agehalen.

Elo kann et och sinn, dass op anere Plaze genau dee selwechte Problem besteet, dee Retour hunn ech net. Meng Fro ass, ob et méiglech ass, eppes ze maachen oder net.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wéi heescht déi Strooss, déi Der genannt hutt?

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Dat ass d'Rue des Ligures fir Richtung Haneboesch, Nidderkuer, déi Haaptstrooss.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Da géife mer an d'Séance non-publique goen. Ech gesinn, de Kolleeg vun der Press, deen ass schonn net méi do. Da géife mer d'Enregistrement stoppen.

*Il n'a pas encore tous les chiffres, mais l'idée est de mettre en place un plan sur vingt ans. Il s'agit d'un projet énorme. Le collège échevinal tiendra le conseil communal informé.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *constate que les zones 30 — par exemple dans la rue des Ligures à Niederkorn — ne sont pas du tout respectées. Les gens se plaignent. La même chose est vraie dans la rue des Passeurs, que certains automobilistes semblent prendre pour une autoroute. Le collège échevinal peut-il intervenir ?*
*Il est possible que le problème existe aussi ailleurs.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande de quelle rue il s'agit.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *répète qu'il s'agit de la rue des Ligures en direction du Haneboesch à Niederkorn.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la séance à huis clos.*



# FÊTES DE FIN D'ANNÉE

Les fêtes de fin d'années approchent à grands pas. Voici les dates les plus importantes pour que vous puissiez les marquer dans votre agenda.

**Du 24 au 26 novembre | Marché de l'avent | Lasauvage**

Le weekend du 24 au 26 novembre, les Lanz Bulldog Frënn Déifferdeng organisent leur traditionnel Marché de l'avent à Lasauvage. L'ouverture officielle est prévue le 24 novembre à 18 h 30 avec un cortège des enfants de l'école de Lasauvage. Des concerts auront lieu tout au long de l'évènement. Et le 26 novembre, saint Nicolas sera sur place.

**1er décembre | Ouverture du Marché de Noël | Place du Marché**

L'ouverture officielle du Marché de Noël de Differdange est prévue à 18 h 30 sur la place du Marché. Le Marché de Noël se déroulera du 1er au 21 décembre de 14 h à 20 h. Des nocturnes auront lieu les vendredis et samedis jusqu'à 22 h. En plus des stands de Noël traditionnels, le Marché accueillera une piste de patinage artificielle, des concerts, un après-ski et un manège.

**2 décembre | Cortège de la Saint-Nicolas | Differdange**

Vous avez envie de rencontrer saint Nicolas ? Nous avons une bonne nouvelle pour vous. Saint Nicolas nous a confié qu'il défilera dans les rues de notre ville le 2 décembre à partir de 14 h — et cela, du parking du Contournement à la place du Marché en passant par le centre-ville. Il espère vous y voir nombreux.

**4 décembre | Fête de la Sainte-Barbe | Lasauvage**

Comme tous les ans, les mineurs seront à l'honneur le 4 décembre lors de la fête de la Sainte-Barbe à Lasauvage. Au programme, le dépôt des gerbes au monument des Mineurs à 19 h, le départ du cortège à 19 h 15, la messe dans la salle des Fêtes à 19 h 30, le départ de la Minièresbunn Doihl à 20 h 20 et la réception dans la galerie de la minière Doihl à 20 h 30.

**13 décembre | Concert de Noël de l'école de musique | Église de Niederkorn**

L'École de musique de Differdange tiendra son traditionnel concert de Noël le 13 décembre à 18 h 30 à l'église de Niederkorn. Le concert sera suivi de la remise des diplômes.

# SICHER DURCH DEN HERBST – RATSCHLÄGE DER POLIZEI

POLICE
LËTZEBUERG

Gerade im Herbst ist vermehrt mit Regen, Nebel oder auch Blättern auf der Straße zu rechnen, welche den Bremsweg und das Verhalten Ihres Fahrzeugs negativ beeinflussen können.

Denken Sie daher daran:

- den Zustand der Straße und die Wetterverhältnisse zu berücksichtigen;
- die Geschwindigkeitsbegrenzungen einzuhalten;
- in Kurven besonderes Acht zu geben;
- den Sicherheitsabstand zu anderen Fahrzeugen einzuhalten.




## SICHTVERHÄLTNISSE BEACHTEN

Hier gilt die Devise „Gesehen und gesehen werden“. Die Fahrzeugbeleuchtung sollte funktionstüchtig und den Verhältnissen entsprechend eingeschaltet sein: dies um dem Fahrer eine gute Sicht zu gewährleisten, aber auch damit das Fahrzeug seitens anderer Verkehrsteilnehmer rechtzeitig erkannt wird. Scheiben und Beleuchtung der Fahrzeuge sollten stets sauber, schneefrei und enteist sein.

Auch Verkehrsteilnehmer wie Fußgänger und Fahrradfahrer sollten darauf achten, sichtbar zu ein, etwa durch helle Kleidung, eine Warnweste oder reflektierende Elemente an Kleidung, Schulranzen, Taschen oder dem Fahrrad. Gleichermaßen sollte man sich vergewissern von Autofahrern gesehen worden zu sein, bevor man etwa eine Fahrbahn überquert.

Schlechte Licht- und Wetterverhältnisse können die Sicht aller Verkehrsteilnehmer trüben. Für alle Parteien im Straßenverkehr gilt es daher, besonders aufmerksam zu sein.

## TECHNISCHER ZUSTAND UND WINTERREIFEN

Neben der Beleuchtung sollte auch der technische Zustand des Fahrzeuges einwandfrei sein, insbesondere die Scheibenwischer, die Scheibenwaschanlage und die Bereifung.



Bei winterlichen Straßenverhältnissen (z.B. Schnee, Schneematsch, Glatteis) gilt die Winterreifenpflicht. Doch auch wenn keine winterlichen Verhältnisse herrschen, sind Winterreifen sicherer als Sommerreifen, sobald die Außentemperatur auf weniger als 7°C sinkt.

Die Polizei empfiehlt daher, Fahrzeuge zwischen Oktober und Ostern mit Winterreifen auszustatten. Diese müssen laut Straßenverkehrsordnung eine Mindestprofiltiefe von 1,6 mm haben. Empfohlen wird jedoch, die Reifen bereits bei einer Profiltiefe unter 4 mm zu ersetzen.

## WIR WÜNSCHEN EINE GUTE UND SICHERE FAHRT!

# WORKING TOGETHER

## THIS IS HOW WE CAN SAVE WATER



### VISIT PUBLIC POOLS

AVOID FILLING AND REFILLING PRIVATE POOLS.



### WASH YOUR CAR IN A CAR WASH

CLOSED SYSTEMS REUSE WATER MORE THAN ONCE.



### OPTIMIZE THE USE OF YOUR WASHING MACHINE

RUN IT ONLY FULLY LOADED.

### WATER AS LITTLE AS POSSIBLE WITH DRINKING WATER

THE LAWN DOES NOT NEED TO BE WATERED BECAUSE IT RECOVERS QUICKLY. WATER YOUR BEDS AND PLANTS AFTER SUNSET.





### AVOID CLEANING YOUR OUTDOOR SURFACES WITH DRINKING WATER

USE DRINKING WATER SPARINGLY.

### DO NOT SHOWER FOR TOO LONG

A SHORT SHOWER IS ENOUGH TO FRESHEN UP.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la gestion de l'eau

ALUSEAU
association luxembourgeoise des services d'eau

Zesumme fir eist
WAASSER